23.
MEE
2025

Gemengebuet

#LIEWENZUESCH

esch

☑ = Jo
☒ = Nee
⊜ = Enthalen
🗘 = Procuratioun

23.
MEE
2025

Gemengebuet

esch

Voir les votes par conseiller

Transkriptioun Gemengerot Esch-Uelzecht

23. Mee 2025

Réunion en huis clos

1.1. Questions de personnel ; décision

1.2. Office social ; question de personnel ; avis

1.3. Enseignement ; réaffectations de candidats à un poste d'instituteur/trice et éducateur/trice - liste 1; décision

Réunion publique

1.bis Modification ordre du jour

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Léif Membere vum Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Escherinnen an Escher, déi eis eventuell iwwer verschidde Medien dann elo en direct suivéieren, ech begréissen lech dann haut am direkt zweete Gemengerot vun dësem Mount. Den zweeten hannerteneen.

Entschëllegt fir haut sinn de Schäffe Knaff fir elo den Ufank vun der Sëtzung, hie stéisst duerno awer erëm dobäi. An dann d'Conseillere Funck a Broers. Déi jeeweileg Procuratioune sinn ofginn.

Par rapport zum Ordre du jour hu mer de Punkt 12.2, wou Der gesinn hutt, dass keen Dokument erakomm ass fir de Subside extraordinaire. Dat war an der Kommissioun. An d'Kommissioun huet eigentlech d'Demandë gekuckt an decidéiert, déi zu engem spéidere Moment weiderzeginn un eis.

Zum Beispill well mer eemol am Joer Subside-extraordinairë fir ONGe stëmmen. An dat gëtt dann eeben zu deem Moment traitéiert, wa mer dat op den Ordre du jour setzen. An dowéinst ass dat zum Beispill en Dossier, déi reportéiert goufen.

Mir missten awer dofir dee Punkt da vum Ordre du jour erofstëmmen. Ginn et Froen dozou? Dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

2.1. Organisation scolaire provisoire 2025/2026 ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dann ass et traditionell esou, das mer Mee/Juni, heiansdo och am Juli déi provisoresch Schoulorganisatioun hei am Gemengerot diskutéieren a stëmmen.

Dat sinn dann och déi éischt Punkte vum Ordre du jour. Den Här Sehovic huet heifir d'Wuert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Effektiv ass et esou, dass mer traditionell erëm an d'Organisation scolaire ginn. Haut um Ordre du jour befaasse mer eis mat der provisorescher Schoulorganisatioun, déi wäert nach eng Kéier musse confirméiert ginn zu engem spéideren Zäitpunkt vum Gemengerot.

Vläicht wëll ech ufänke mat engem kuerzen Iwwerbléck iwwer d'Organisation scolaire provisoire, also fir d'Schouljoer 2025/26, déi mer haut hei am Gemengerot zum Vott virleien hunn.

Pour rappel: D'Schoulorganisatioun, d'Modalitéiten, d'Delaie vun der Schoulorganisatioun sinn definéiert an der Circulaire du printemps vum Educatiounsministère. Déi ass erauskomm an ass eigentlech da maassgeeblech eigentlech an der Definitioun vum Prozess hei zu Esch.

Fänke mer u mat e puer Zuelen. Mir haten de 15. Mäerz eng Basis vun 3.209,5 Schülerinnen a Schüler an der Trâme. Dat entsprécht engem Gesamtvolume vu 6.740 Stonnen Encadrement. Momentan hu mer 3.250 Schülerinnen a Schüler, inklusiv 38 Kanner, déi a Kompetenzzenteren ageschriwwe sinn.

Fir de 15. September 2025 rechne mer mat 3.324 Schülerinnen a Schüler. Och hei sinn d'Kanner aus de Centres de compétences mat abegraff. Dës 3.324 Schülerinnen a Schüler si verdeelt op 227 Klassen, wat en Effectif moyen pro Klass mécht vu 14,39 Schülerinnen a Schüler pro Klass.

Dat reit sech an eigentlech an déi mëttlerweil scho gewinnt niddreg Effectifzuelen an den Escher Schoulen. Am Verglach: Am aktuelle Schouljoer si mer bei enger Moyenne vu 14,26. Dat Joer virdru ware mer bei 14,44. Dat heescht, déi 14,44 ass e gudde Schnëtt vun de leschte Joren.

Mir hunn 257 offiziell Umeldungen am Precoce bei engem Potenzial vu 418 Kanner. Dat sinn der dëst Joer also eng Rei méi wéi an de leschte Schouljoren. Dat ass eng gutt Nouvelle.

Mir hunn 52 Kanner, déi an d'Bëschklasse wäerte goen. 28 Escher Kanner an der ëffentlecher Europaschoul hei zu Esch. An néng Kanner kréien Enseignement à domicile.

D'Appllikatioun vum Sozialkoeffizient bei der Schoulorganisatioun huet sech dëst Schouljoer an der Praxis bewäert an ass, wéi annoncéiert, dofir och an dëser Schoulorganisatioun, déi eis haut virläit, applizéiert ginn.

Doduerch kënne mer geziilt eis Ressourcen un d'Realitéit an den eenzelen Entitéiten upassen. Dëst huet d'Organisatioun am Verglach zu de leschte Jore méi gerecht gemaach.

Dës Organisation scolaire ass mat de Schoulkommiteeën, der Direktioun an dem Service scolaire an engem gemeinsame Bureau des présidents virgestallt ginn. Et ass awer wichteg ze wëssen, dass nach Änderunge kéinte kommen, nodeems dann de Contingent final arrêtéiert gëtt. An dat de 24. Juni vun dësem Joer.

Zu den zousätzleche Ressourcen, déi mer als Stad Esch ugefrot hunn, si follgend Poste vum Ministère zeréckbehale ginn. Mir hunn 13 Poste fir den Accueil ugefrot, zéng dovunner goufe confirméiert. Ee weidere Poste fir lusofonesch Schülerinnen a Schüler gouf accordéiert.

Een zousätzlechen Educateur fir d'Bëschklassen, dräi Poste fir den Handisport waren

ugefrot, dovunner krute mer 1,5 Posten accordéiert. A mir hunn, wéi gewinnt, och dëst Joer, oder d'nächst Schouljoer eng Decharge fir d'kulturell Koordinatioun am Ariston.

Zousätzlech hu mer zwee nei Poste fir d'Assistance an d'Klass kritt, dräi zousätzlech IEBS-Plazen a véier nei AEBS-Plaze fir d'Schoule Bruch, Lalleng, Nonnewisen an den Ale Lycée.

D'Erfarung mat den AEBS-Posten ass – vun deene mer der elo an dësem Schouljoer fir d'éischt Kéier an den Escher Schoulen hunn – am Fong positiv, och wann nach Verbesserungspotenzial besteet a mir och als Stad Esch dem Ministère recommandéieren, u verschiddene Stellschrauwen ze dréinen.

Wat d'Bëschklassen ugeet, wéilt ech gär e puer Prezisioune maachen. Ech wëll op en Artikel an der Press agoen, deen dozou gefouert huet, dass eng Rei Elteren Angscht kruten, dass et zu Changementer bei hire Kanner géif kommen. Dat wëll ech ausdrécklech ofstreiden.

Den eenzege Changement fir d'Joer 2025/26 ass eng Adaptatioun vum Horaire am Cycle 2, op Demande vum Ministère de l'Education. Dofir kritt awer am nächste Schouljoer och all Kand aus dësem Cycle, wann et dann noutwendeg ass, eng Plaz an der Maison relais um Holzbierg ugebueden.

D'Demande fir d'Bëschklassen ass nach ëmmer méi grouss wéi d'Offer. Doriwwer huet de Schäfferot sech Gedanke gemaach an dozou wäerte mer beim nächste Punkt um Ordre du jour nach eng Kéier zeréckkommen.

Zum Schluss, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Buergermeeschter, nach e puer Wuert iwwer de Projet Alpha – Zesumme wuessen.

Och wann den Educatiounsministère an d'Regionaldirektiounen hei am Lead fir d'Ëmsetzung vum Pilotprojet sinn, hunn d'Virbereedungen och am Service scolaire schonn d'lescht Joer ugefaangen.

Am Kader vun dëser Schoulorganisatioun leeft dowéinst och schonn eng éischt Simulatioun mat alle Cyclë 1 aus allen Escher Schoulen, fir eng méi genee Virstellung dovun ze kréien, wéi déi Generaliséierung vun der Alphabetiséierung op Franséisch zu Esch kéint ausgesinn.

Am Zesummenhang mam Projet Alpha sinn eng Rei Froen opgeworf ginn, notamment par rapport zu den zousätzlechen Infrastrukturen, déi noutwendeg wäerte sinn. Dofir hei eng éischt, ganz vag Aschätzung fir Esch, déi sech eigentlech bezitt op Estimatiounen, déi de Minister selwer, de Claude Meisch, ëffentlech gemaach huet.

Laut deenen Estimatioune géife pro Schoul am Land 1,5 zousätzlech Klassesäll noutwendeg ginn. Wa mer dat elo einfach extrapoléieren op Esch, da wären dat 13 bis 14 zousätzlech Säll an den néng Escher Entitéiten.

Mir wäerte besonnesch am Zentrum – dat ass wouer fir d'Groussgaass-Schoul an den Ale Lycée – d'Situatioun am Bléck behale mussen, well mer do Plazproblemer hunn, oder wäerte kréien. Mee de manière générale wëll ech awer soen, de Projet Alpha wäert – an dat ass, mengen ech, wouer fir Esch, mee och fir d'ganzt Land – net un den Infrastrukture scheiteren.

Et ass och, menger Meenung no, déi falsch Froestellung à ce stade. Et ass net déi Fro, déi ech prioritär gär beäntwert hätt vum Ministère. Bis elo ass nämlech vill vun Zuele geschwat ginn, mee menger Meenung no geet et virun allem drëms, all d'Acteure mat an d'Boot ze kréien a kloer

ofzestiechen, wat „Alpha – Zesumme liewen“ virun allem pedagogesch bedeit. Net reng infrastrukturell.

Wat bedeit et fir d’Zesummeliewen an der Klass, an der Schoul, wat bedeit et fir d’Léiermethoden. Do huet de Ministère menger Meenung no nach vill Aarbecht, vill Iwwerzeegungsaarbecht och um Terrain ze maachen.

Ech wëll ofschléisse mat engem grousse Merci un zwee Mënschen, déi hir ganz professionell Karriär an den Déngscht vun den Escher Schoule gestallt hunn an déi elo an hir wuelverdéngt Retraite wäerte goe mam neie Schouljoer.

Dat ass eng Kéier d’Madamm Chantal Hennico an eng Kéier den Här Norbert Thilges. Béides Enseignanten aus der Bruch-Schoul. Villmools merci fir Ären Asaz all déi Jore fir d’Escher Schoulen an all Guddes gewënscht, vill spannend Momenter an Ärer Retraite.

Ech gi bei dësem Punkt net wéi gewinnt op d’Infrastruktursituatioun an de Schoulen an. Dëst well mer direkt beim nächste Punkt mam PDIS d’Geleegenheet wäerten hunn, fir doriwwer ze schwätzen.

Ech wëll Merci soen dem Chantal Schoettert aus dem Service scolaire a senger ganzer Ekipp. Ech wëll Merci soen de Schoulkommiteeë vun den néng Escher Schoulentitéiten, der Regionaldirektioun 6 hei fir Esch.

D’Schoulorganisatioun, dat wësst Der, ass keen Dokument an och kee Prozess, dee reng am Schoulservice an an der Administratioun vun der Stad stattfënnt, mee an enker Concertatioun mat den allen Acteure vum Escher Schoulliewen. Sou dass och déi Organisation scolaire, déi mer haut votéieren, e gemeinsamen Effort ass vun all deenen Acteuren.

Ech wëll deene wierklech ausdrécklech Merci soe fir eng gutt Zesummenaarbecht iwwer déi lescht Méint. Déi wäert och nach weidergoen en vue vun der definitiver Schoulorganisatioun. An domadder bieden ech ëm d’Ënnerstëtzung vum Gemengerot. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Sehovic.

Gëtt et Wuertmeldungen zu der Schoul-organisatioun? Madamm Agovic.

Mme Enesa Agovic (LSAP)

Merci fir d’Wuert.

Och vun eiser Säit e grousse Merci fir déi ganz Aarbecht vum Schoulservice, vun der Direktioun, de Schoulpresidenten an awer och de Schoulkommiteeën an all de betraffene Leit, déi sech hei wierklech scho méintlaang mat all den Zuele befaassen, fir datt all Escher Kand eng Plaz an enger Klass hei kritt.

Dësen arithmeeteschen Exercice, fir d’Kanner op de verschiddene Klassen ze verdeelen, ass net ëmmer ganz einfach, mee et ginn do nach e puer Schwieregkeeten, déi een hei muss uschwätzen.

Dir hutt et scho gesot, Här Sehovic, am Precoce hu mir hei zu Esch 418 potenziell Kanner, woubäi sech der just finalement 257 fir de Precoce och ugemellt hunn. Och wann dat elo e bësse méi ass wéi d’lescht Joer, kann dat awer nach ëmmer net zefriddestellend sinn, wann ee bedenkt, datt statistesch gesinn et grad déi Kanner sinn, déi net an de Precoce ginn, wierklech och keng vun den dräi offizielle Landessprooche schwätzen.

Den Haaptgrond ass wéi ëmmer natierlech d'Gard vun de Kanner an der Mëttesstonn oder no der Schoul. D'Eltere wëssen eeben net wouhi mat de Kanner, well si selwer musse schaffen.

Mee grad an engem Precoce kéinten d'Kanner eng Basis vun der Lëtzebuerger Sprooch léieren an dann eeben och an de weidere Cyclen drop opbauen. A mir mussen awer och zouginn, dass an de private Crèchen net onbedéngt ganz vill Lëtzebuergesch geschwat gëtt; och wa mir vum Ministère gesot kréien, dass déi zwou Sproochen ugewannt ginn.

Da si mer och an der Schoulkommissioun an och elo gewuer ginn, dass Kanner aus dem Precoce aus dem Ale Lycée, an der Dellhéicht, an der Groussgaass-Schoul fir d'Gard mam Bus regruppéiert ginn, fir se dann an d'Maison relais Parc Laval ze féieren. Mee dat och just fir ee Joer. Duerno gi se dann erëm op dräi Entitéiten opgedeelt.

Dat geschitt, leider, wann een d'Schoul-organisatioun op Schülerzuelen an de Contingent erofbrécht. Mee do hänken awer och Schicksaler vu Familljen a Schoulkanner hannendrun, op déi hei leider keng Rücksicht geholl gëtt.

Och bei der Schoul schéngt et, wéi wann d'Escher Schülerinnen a Schüler net ëmmer d'Prioritéit wieren. Här Sehovic, Dir hutt an der Schoulkommissioun gesot, datt et dëst Joer méi einfach war, wéinst der LISER-Etüd vum leschte Joer, de Koeffizient ze berechnen. Mee do muss ee schonn erëm drop opmierksam maachen, datt et nach ëmmer oppe Froe ginn zu de Resultater vun där LISER-Etüd. Ech wëll och guer net laang dorop agoen; den Här Baum hat dat d'lescht Joer ganz ausféierlech gemaach.

Et wär awer wichteg duerch dës LISER-Etüd, d'Ressourcë méi effikass a méi zilgeriicht anzesetzen. A virun allem do, wou se gebraucht ginn.

An eng Schoul, wou méi Personal néideg wier, awer wéinst der LISER-Etüd elo manner Enseignanten huet, ass d'Groussgaass-Schoul. Well d'Etüd sech op de Scolaria baséiert, wou dann do drasteet op eemol, dass all déi Kanner an der Groussgaass-Schoul och Lëtzebuergesch doheem schwätzen, krute si de Contingent no ënne revidéiert. Woubäi déi Donnéeën am Fong verfälscht sinn. Si verstinn zwar Lëtzebuergesch, mee si schwätzen et net doheem.

Vun 2,1 op 2,078. An ech muss hei sécherlech keen dovun iwwerzeegen, dass d'Groussgaass-Schoul sécherlech net déi Schoul ass, déi manner Ressourcë brauch.

Ech bleiwen dann och ganz kuerz nach bei dëser Schoul. Ech héiere mech zwar u wéi e Broken Record, deen ëmmer erëm alles widderhëlt, mee d'lescht Joer hunn ech et scho mindestens zwee Mol hei am Gemengerot gefrot, an ech maachen et dann haut och fir d'drëtt. Wéini gëtt endlech de Preau, wou et erareent, gefléckt?

2019 wollt Dir d'Schoul jo och scho renovéieren, a se stoung och mat 12 Milliounen am Budget. Wou sinn déi Pläng? Wat ass domat geschitt?

Säit 30 Joer ass an deem Gebai näischt geschitt. D'Gebai verfält. D'Enseignantë kréie Versprieche gemaach, déi net gehale ginn, a jiddereen ass frustréiert. An de Preau ass do sécherlech net den eenzege Problem. Ech zielen lech hei einfach emol e puer Punkten op; Dir kënnt lech jo da puer Notten huelen.

Also nach eng Kéier fir matzeschreiwen: Et reent eran an där Schoul. An an deem Preau, wou et erareent, hale si Appuisstonnen.

An zäitgläich hale si dann och Übunge mat Kanner à besoin spécifique, well se einfach net genuch Säll hunn.

Da krute se d'lescht Joer eng Spillplaz, vun där si näischt wossten, déi vill ze kleng fir déi Schülerzuel, déi si do hunn. Si hunn Toilettë just um Rez-de-chaussée. Si hu kee Lift. D'Enseignanten droen d'Kanner, déi am Rollstull sinn, erop oder erof. Bezéiungsweis och Kanner mat de Krätschen. Si droen hir Saachen, hir Schoulsaachen.

Si hunn eng selwer gebastelt Kichen am Keller, déi fir si als Cuisine pédagogique déngt. Si hu permanent Stroumausfäll. Si hunn ondicht Fënsteren, wat dozou féiert, dass d'Kanner am Wanter mat der Jackett do sëtze mussen.

Hir Bibliothéik ass an engem Klassesall. Dat heescht, si kënnen d'Bibliothéik just dann notzen, wann déi Klass grad an der Schwämm oder am Turnen ass. Si hu keen Turnsall. Dat heescht, si fuere mam Bus op Lalleng a verbréngen do leider och méi Zäit am Bus wéinst dem Trafic wéi beim Sport.

Si hunn och kee Konferenzsall. Wärend der Plenière sëtzen d'Enseignanten op de Kannerstill; vläicht misste mir e Gemengerot mol eng Kéier do maachen, fir wierklech d'Prioritéit hei matzekréien. An d'Alphabetiséierung op Franséisch ass, sou wéi d'Schoul grad ass, ganz sécher net ze realiséieren an der Groussgaass-Schoul.

Ech muss lech awer fir eppes luewen: Si kruten am November véier interaktiv Tafelen. Dat ass awer leider an dësem Fall, wéi wann een engem Kand, dat Honger huet, eng Chanel-Posch gëtt.

Et sinn aner Prioritéiten do an deem Gebai. A wann ee mat de betraffene Leit schwätzt, dann erwaarde si am Fong och guer net de gréissten Tralala. Si wëllen eng Schoul, déi den haitegen Normen an den Ufuerderunge vum Enseignement entsprécht, fir eeben deene Kanner, déi grad do sozial méi schwaach gestallt sinn, déi beschtméiglech Bildungschancen ze ginn. An zwar egal aus wat fir engem soziale Milieu se sinn.

An ech si mer och sécher, egal wéi eng Autoritéit, wa se an déi Schoul géing eragoen, dass déi Schoul leider direkt géif zougemaach ginn. Et kritt een deementspriechend och nach ëmmer leider dat Gefill, wann een d'Schoulorganisatioun kuckt, an zwar virun allem déi politesch Decisiounen, dass den Zentrum weiderhi virun allem stiefmütterlech behandelt gëtt.

Och an der Brill-Schoul ass net onbedéngt besser. Si kruten zwar hire Pak iPaden an elo kënne si sech domat brätzen, dass si 130 iPade fir 800 Schüler hunn. Bravo, Schäfferot. Also ganz gutt geschafft.

Um Ministère gëtt zwar elo natierlech zeréckgeruddert mat den Ecranen, mee leider geschitt do alles de verkéierte Wee. D'Programmer fir d'Schoulhale sinn numol nach ëmmer drop ausgeriicht, fir d'Schaffe mat informateschem Material anzeféieren.

An da kënnt elo nach dat Bescht. Mir krute bestätegt, dass déi portugisesch Ambassade de portugisesche Kanner iPade verdeelt. Verdaut dat emol. Net méi spéit wéi virgëschter hat déi Responsabel vun der Ambassade sech mat den Elteren an der Brill-Schoul getraff, fir hinnen d'iPade fir hir Kanner ze ginn.

E Land, wat vill manner Ressourcen huet, verdeelt den Escher Schülerinnen a Schüler iPaden. De portugisesche wuelverstanen. Natierlech ass et do da verständlech, dass déi aner Communautéite sech onfair behandelt fillen.

Et ass natierlech och absolutt luewenswäert, dass d'Ambassade dat mécht, fir hir Kanner

ze ënnerstëtzen. Mee et ass eng Schan fir dës politesch Majoritéit, dass si et net hikréien, all Kand e Minimum u Ressourcen ze bidden, déi néideg a vum Ministère virgeschriwwe sinn, fir hinnen e beschtméiglecht Léieren ze garantéieren.

Dass d'Escher Gemeng et net fäerdegbréngt, dat fir d'Escher Kanner ze stemmen, mee en anert Land agräife muss, ass skandaléis.

Bon, ech komme sou lues zum Schluss. Ech kéint hei natierlech nach ganz vill weiderschwätzen. Ech sinn och elo just op zwou Schoulen agaangen. Déi aner sinn natierlech net vergiess. Mee ech hoffen, dass haut zumindest en Denkwiessel vun der Majoritéit stattfënnt a si sech och der sougenannter Diskriminatioun positiv zu Häerz huelen an déi, déi et am meeschte brauchen, och dat néidegst fir d'éischt kréien.

Mir als LSAP fuerderen dofir onbedéngt eng gerecht Verdeelung vun de Ressourcen, eng transparent Kommunikatioun, net nëmme mat de Presidente vun de Schoulen, mee och mat den Enseignanten an och mat den Elteren, Investitiounen an Infrastrukturen – wann een eng Sportshal fir 78 Millioune baut, da kann een och e Preau flécken – an och Matsproocherecht vum Léierpersonal, wat déi wichtegst politesch Decisiounen d'Schoul betreffend ugeet.

Mir sinn iwwerzeegt dovun, dass d'Presidenten an d'Enseignanten eng super Aarbecht leeschten. Mir sinn och iwwerzeegt dovun, dass d'Schouldirektioun eng exzellent Aarbecht mécht. Mir sinn och absolutt iwwerzeegt dovun, dass de Service scolaire eng topp Aarbecht mécht. Mee si kënnen natierlech och all just mat deene Meedercher danzen, déi se hunn. An do muss ee soen, ass d'Politik mat dëser Richtung, déi se am Moment geet, total versot huet.

Mir sinn net géint den arithmeeteschen Exercice vun der Schoulorganisatioun, mee mir kënnen dëser Schoulorganisatioun leider net zoustëmmen an hoffen och an deem Sënn, dass bis déi definitiv Schoulorganisatioun dann hei virgestallt gëtt, wéinstens e Minimum gemaach gëtt, deen néideg ass. An et dann am Preau och net méi erareent. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Agovic.

Ech ginn elo der Madamm Ragni d'Wuert an duerno dem Här Baum.

Mme Mandy Ragni (déi gréng)

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, dat aktuellt Schouljoer ass nach net ofgeschloss a scho sti mir nees am Ufank vun engem neie Schouljoer. An domat och virun enger wichteger Etapp fir eis Gemeng.

Ech géif awer ganz gär fir d'alleréischt emol all de Concernéierte Merci soen. Dat ass eng Heedenaarbecht. Ech géif ganz gär dem Schoulservice, awer och all den Enseignanten an den Educateuren dobausse Merci soe fir dat ganzt Encadrement fir eis Escher Kanner. An och der Direktioun an all de Concernéierten da fir dës Schoulorganisatioun.

Bildung war fir eis ni nëmmen e schéint Wuert. Bildung ass d'Grondlag vun eiser Zukunft. Se decidéiert doriwwer, ob eis Kanner, onofhängeg vun hirer Hierkonft oder hire perséinleche Verhältnisser, déi selwecht Chancen hunn, sech ze entwéckelen an hire Wee ze fannen.

Ech verstinn, datt een net ëmmer mat allem kann averstane sinn an et ass och wichteg, Kritik zouzeloossen, well se eis hëlleft, besser ze ginn. Mee ech soe kloer, wa mir zeréckkucken, gesi mir vill Engagement, vill Aarbecht a virun allem vill Verantwortungen an deenen Entscheedungen, déi mir an der leschter Mandatsperiod geholl hunn, a genausou an dëser.

Ech géif ganz awer ganz gär elo hei op verschidde Kritikpunkten och agoen. Eent ass mer direkt hänke bliwwen, an dat ass de Precoce. Well ech jo och selwer an deem Beräich schaffen.

Et ass richteg, dass d'Demande fir de Precoce eeben net esou vill do ass, well eeben déi ganz Kannerbetreiung hannendrun och eebe stattfënnt an d'Elteren net ëmmer kënnen hir Kanner an de Precoce ginn, well si de ganzen Dag schaffen.

Ech géif awer ganz gär un déi Joren zeréck-kucken. Déi Joren, bevir déi hei Mandatsperiod an déi Mandatsperiod virdrun. An zwar wéi de nei Schoule geplangt gi sinn.

Dat heescht, 2017, wéi mir deemools ugetruede sinn, war keng Schoul do, déi iergendwéi eng Capacitéit hat, fir Precocen eranzehuelen oder Precocen no de Schoulstonnen ze betreien.

Duerno ass Kleppen komm, an all déi Schoulen, déi an Zukunft geplangt sinn. Säit 2017 ass ëmmer dorop opgepasst ginn, dass d'Precoce-Kanner och kënne vun där Offer profitéiere vun de Maison-relaisen.

Den Effectif, hate mer gesot, ass bei 14,39. Ech denken, wann ee kuckt, wat de Ministère eigentlech virschléit, fannen ech, dass mer hei zu Esch bei engem ganz gudde Effectif sinn, bei enger Klass, wou och wierklech do mat de Kanner schaffe kann, och mol als Eent-zu-Eent-Betreiung. An ech denken, dass dat och wierklech wichteg ass. Mat der ganzer sozialer Mixitéit, déi mer hei zu Esch hunn, ass dat awer eng Klass, soen ech, déi een awer geréiert kritt.

Ganz wichteg fannen ech et och, dass all déi AEBSen an déi IEBSen op den Terrain kommen an dass mer och do weider Poste kréien, well se awer wierklech hëllefräich um Terrain si fir den Enseignant, wann emol Schwieregkeeten an der Klass sinn oder och einfach mol an engem Precoce. A wann et nëmmen ass, mol eng Kéier eng Pampers ze wiesselen oder mat engem mol erauszegoen, deem et net sou gutt geet, an dann och direkt op de Besoin vum Kand kann agoen.

An da kommen d'iPaden. Mir schwätzen hei scho ganz oft vun deenen iPaden. An ëmmer erëm. Ech wëll einfach mol drun erënneren, dass et net duergeet, einfach an eng Schoul ze goen, 800 iPaden ze kafen – well dat kéint ee jo eigentlech maachen, déi Suen investéieren – an da gi mer déi iPaden an d'Schoul. An dann? A wat geschitt dann?

De Brill huet 800 Schüler an 130 iPaden. Deenen 800 Schüler kann een dat och elo alles e bësse schlechtrieden.

Do wëll ech just dru rappeléieren, dass do och vläicht Kanner drënner sinn – net vläicht, ganz sécher. Kanner aus engem C1, déi, ech fannen, a mengen Aen einfach nach guer näischt op engem iPad verluer hunn. An da geet et net duer, fir déi iPaden einfach ze verdeelen, mee dat muss een och dann dee Moment encadréieren.

Ech ka mech ganz gutt erënneren, dass Klassen ugetruede sinn, fir ze soen, mir wëllen eng iPad-Klass sinn a mir wëllen och als Enseignant dee Moment déi néideg Formatioun maachen, déi néideg Saache maachen, fir eis Klass domat ze encadréieren. Well mir wësse jo haut ganz genau, wat geschitt, wa mir elo all Escher Kand en iPad

einfach an de Grapp drécken a soen, elo huet all Kand säin iPad a kann domat heemgoen.

Do geschitt net vill, wat fir d'Schoul eigentlech wichteg ass. An dofir denken ech, dass et wichteg ass, déi Schrëtt ze maachen, awer dat anert net aus dem Hannerkapp ze verléieren. Dee ganzen Encadrement, deen een och brauch.

Mir hunn net nëmme geschwat, mir hu konsequent investéiert. An eis Schoulinfrastrukturen, an d'digital Méiglechkeeten, an d'Sécherheet, an d'Funktionalitéit vun de Léierplazen. Mir hu gelauschtert op d'Léierpersonal, op d'Elteren an op d'Kanner. A mir hu reagéiert mat Upassungen, mat Léisungen a mat Verantwortung.

Dat war keng zoufälleg Entwécklung, dat war eng bewosst politesch Wiel, fir Gerechtegkeet, fir Chancëgläichheet, fir eng Bildung, déi jiddereen erreecht.

Ganz besonnesch um Häerz läit mer awer och de Projet vun de Bëschklassen. Et ass immens schéin ze gesinn, wéi grouss d'Demande dofir ginn ass. Dëst weist eis, dass d'Elteren an d'Kanner verstinn a schätzen den edukative Wäert vun engem Bësch.

De Bësch ass net just eng Kuliss, hie gëtt alles hier fir ze léieren. Natur erliewen, amplaz se just an de Bicher ze gesinn. Teamgefill a Respekt viruneneen an eiser Ëmwelt ze entwéckelen. Kreativitéit a Beweegung an Entdeckung ginn do op eng natierlech Aart a Weis gefërdert.

Kanner léieren do, onofhängeg ze denken, ze beobachten an ze handelen. Kompetenzen, déi een net ëmmer an engem traditionelle Klassesall fënnt.

Et ass net nëmmen eng Alternativ, et ass eng Ergänzung, eng Erweiderung vun deem, wat Bildung kann a soll sinn. An dofir sichen a schaffe mir no méi Méiglechkeeten, fir méi Kanner dës Chance ze ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech denken, dass et net ëmmer einfach ass, sou eng Schoulorganisatioun op d'Been ze setzen. Zemools net bei sou ville Schüler a Schülerinnen, bei sou villen Enseignanten, bei sou villen Educateuren a bei sou villen Hürden, déi een am Alldag begéint.

Ech wëll awer hei ganz kloer setzen, dass hei vill dru geschafft gëtt, fir dat Beschtméiglecht ze maachen, dass eis Escher Kanner déi néidegst Ressourcen, déi néidegst Plaz hunn, fir hir Weeër hei zu Esch ze maachen a gläichgerechteg Bildung ze kréien. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Ragni.

Den Här Baum an duerno den Här Bermes.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter.

D'Schoulorganisatioun ass nieft dem Budget traditionell dat wichtegst Dokument, wat mer hei an der Gemeng votéieren. Notamment well et d'Zukunft preparéiere soll. D'Zukunft vun de Kanner, déi hei zu Esch wunnen.

An et gëtt e Volet vu Verantwortung dofir, déi beim Ministère läit, an et gëtt e Volet vu Verantwortung, déi bei der Gemeng läit. A fir een ze appreciéieren op enger Organisation scolaire, ob déi gutt ass oder o been déi matstëmme kann oder net, gëllt fir mech de Prinzipp: Huet d'Gemeng dat Beschtméiglecht gemaach, oder all déi Ressourcë versicht, auszeschëpfen, déi et gi sinn?

An do muss ech soen, d'Madamm Agovic huet vun engem Broken Record geschwat. Bei mir, dee scho méi laang dobäi ass, ass dat éischter sou eng al Venylsplack, déi ëmmer erëm op der selwechter Plaz hänke bleift, well ëmmer déi selwecht Problemer erëmkommen.

An ee vun den Haaptproblemer, iert een iwwer konkreet Gebaier sou schwätzt, dat ass déi ëmmer erëm opdauchend Konzeptlosegkeet, wat Strukturen an Infrastrukturen ugeet.

An dat fänkt u bei Begrëffer, déi net kloer sinn. Dat mierkt ee souwuel an der Escher Schoulorganisatioun wéi och an der LISER-Etüd wéi awer och an deem Dokument, wat mer elo geschwë wäerte virgestallt kréien.

Begrëffer sinn net kloer, se sinn entweeder net verstanen oder se gi bewosst falsch interpretéiert. Déi Begrëffer sinn: Ressort, Schoul, Schoulgebai, Entitéit, Zuch a Secteur.

De Begrëff Schoul – an d'Madamm Ragni huet eis virdrun e ganz gutt Beispill dovu ginn – gëtt zu Esch fir villes benotzt a virun allem mat Schoulgebai verwiesselt. Eng Schoul sollt awer eigentlech an enger Organisation scolaire stoe fir eng Entité scolaire. An dat anert si Gebaier.

De Ressort oder de Secteur, dat ass eng willkürlech, politesch Definitioun vum Anzuchsgebitt vun de Schüler, déi vum Schoulservice gemaach gëtt. Dat ass deelweis historesch gewuess. Et gëtt zwar op der enger Säit net a Fro gestallt, op der anerer Säit ginn déi Ressorten an déi Secteuren dann awer benotzt, fir dem Manque u Schoulraum respektiv u Maison-relais-Plazen no Besoin kënne Kanner hin- an hierzeschiben.

En Zuch, dat sinn all Joergäng vun C1 bis C4. Also mindestens véier Klassen, an der Realitéit aacht Joergäng. An am beschte Fall ass och nach de Precoce dobäi. Also en Zuch, dat sinn aacht, néng Klassen. Déi an enger Reiefolleg sinn no engem pedagogesche Konzept. En Zuch ass net eng Usammlung vu verschiddene Klassen op enger Plaz.

Eng Entitéit huet mindestens een Zuch. Eng Entitéit huet e Comité de l'école mat engem President oder enger Presidentin, déi eng gewëss Autonomie hunn, fir sech ze organiséieren, fir hir gemeinsam Pedagogik ze entwéckelen respektiv Projeten ze maachen.

An deem Kontext wëll ech nach eng Kéier rappeléieren, datt mir als Lénk ganz kloer dofir sinn, fir kleng Entitéiten ze privilegéieren amplaz vu groussen. Grousser, déi verschidde Gebaier regruppéieren, Annexen. An zu Esch brénge mer et zënter e puer Joer jo souguer fäerdeg, vu Joer zu Joer Annexe vun enger Schoulentitéit an eng aner ze verschiben. Wéi mat Kleppen geschitt ass, vum Bruch an d'Nonnewisen.

D'Virdeeler vu klengen Entitéiten sinn augenscheinlech. Se si méi séier, méi einfach kënne se op spezifesch Situatioune reagéieren. Kleng Ekippe kënne sech méi séier zesummefannen an eens ginn, fir un engem Strack ze zéien.

Et ass e vill méi perséinlechen Ëmgang mat de Schüler an d'Schüler si bekannt. Et kennt ee sech, et gesäit ee sech als Schoul, als Gemeinschaft an d'Schoulcommunautéit gëtt domat gestäerkt. Pedagogesch Projete kënne méi zil- a méi situatiounsorientéiert agesat gi respektiv ëmgesat gi respektiv entwéckelt ginn.

Verschiddener, déi ee selwer entwéckelt, anerer, déi ee vun uewe virgeschriwwe kritt, wéi zum Beispill d'Alpha.

De Prinzipp dohannert ass, datt d'Kanner an hirer Grondschoulzäit an der selwechter Schoul déi selwecht Kolleegen an Enseignanten hunn. An dofir misst d'Zil sinn, eiser Meenung

no, datt ee grouss Entitéiten, sou wäit et geet, opspléckt op eegen Entitéiten. D'Gebaier, déi mindestens ee kompletten Zuch hunn, mussen eng Entitéit sinn.

Konkreet Beispill – och do ass déi al Venylsplack – Kleppen missten eng Entitéit sinn. Et gëllt awer och, wann ee virausschauend kuckt, d'Rout Lëns oder de spéider eventuell ausgebaute Brill 5, Neiduerf an all weider Schoul, déi gebaut misst ginn.

Dëst geschitt awer net. Et geschitt net, well et déi Ambitioun net gëtt. Well et dat Konzept dohannert net gëtt, fir wëllen op dee Wee ze goen. An dofir bleift et allze dacks bei deem, wat mer hei zu Esch schonn zënter Joerzéngte kennen. An et ass net engem seng individuell Schold, mee et ass e Gewurschtels, dee sech zu Esch strukturell iergendwéi agenist huet a wou et kee Befreiungsschlag gëtt, fir konzeptuell probéieren, d'Zukunft anescht ze denken.

Eng vun de Fuerderungen, déi mer an der Vergaangenheet ëmmer erëm opgestallt hunn, war, datt de Contingent, de sozioekonomesche Facteur sollt méi filigran gekuckt ginn, fir da kënnen op déi eenzel Entitéiten ugewannt ginn.

Dofir ass eng LISER-Etüd gemaach ginn; dat ass tipptopp. An déi LISER-Etüd – doriwwer hate mer d'lescht Joer relativ vill geschwat – ass dann och ugewannt ginn; zwar no deelweis Negociatiounen op déi eenzel Entitéiten.

Déi Reprochen oder déi Froestellungen, déi mer par rapport zu där Etüd hunn, bleiwen awer haut nach ëmmer déi selwecht. Wann déi Etüd Resultater bréngt, déi der alldeeglecher Praxis – an d'Madamm Agovic ass dorobber agaangen – zum Beispill an der Groussgaass-Schoul par rapport zur Lallenger Schoul widderspriechen, da misst et awer zumindest d'Aufgab sinn, an deenen zwielef Méint, déi vergaange si bis elo, probéieren, erauszefannen, wourunner dat da läit. Also eng Analys ze maachen, fir méi genee ze verstoen, wat déi Etüd wierklech ausseet.

An ech hunn den Androck, wéi wa sech mat där Etüd a mat deene Froen, déi sech doraus erginn, an de leschten zwielef Méint kaum beschäftegt ginn ass. Dofir wëll ech nach eng Kéier ganz kuerz op déi Remarken agoen, déi effektiv schonn d'lescht Joer gemaach gi sinn. An déi weiderhin eng Froestellung si fir d'Zukunft an eventuell och weider Etüden, fir kënne méi genau a besser Etüden ze maachen.

D'Etüd, déi mer hei virleien hate vum LISER, gouf no Ressorte gemaach an net no Schoul. An duerno sinn awer déi Moyenen aus de Ressorten dann op Schoule verdeelt ginn. An do hu sech komesch Rechnungen zesummefonnt. Kleppen zum Beispill, déi keng eegen Entitéit sinn, sinn awer als eegene Ressort geholl ginn, fir dann herno mat den Nonnewisen zesumme verrechent ze ginn.

Den Ale Lycée ass net als eegene Ressort geholl ginn, mee als Deel vun der Groussgaass. An d'Argument, wat Der d'lescht Joer gesot hutt, dat wier nach ëmmer sou gewiescht, ass net richteg. Well déi LISER-Etüd virdrun ass et als eegenen Entitéit geholl ginn.

Dat sinn eenzel Elementer, wou ee sech Froe stelle muss a wou een, mengen ech, fir an enger zukünfteg weiderer Etüd dat doten afléisse muss.

D'Madamm Agovic ass och ganz zu Recht drop agaangen, datt déi dräi Krittäre beim Verrechnen d'selwecht behandelt gi sinn. Eng Etüd, do kënnt dat eraus, wat een als Froestellung setzt. Wann een déi dräi Krittären awer als politesch Froestellung d'office gläich

behandelt, well dat engem seng Aschätzung ass, ma da kritt een och déi Resultater, déi dozou féieren.

Mir bleiwen och dobäi, datt déi Etüd vill méi granular – an déi Fäegkeet huet de LISER, wéi si selwer soen –, fir se vill méi granular ze féieren, fir se op den Niveau vu Stroosse respektiv Stroossenzich kënnen erofzedeklinéieren. Mam But, fir wierklech eng sozial Mixitéit beschtméiglech kënnen ze garantéieren, andeem een nämlech da mat de Ressorte respektiv Secteure spille kann.

Dofir ass et wierklech eng grouss Demande vun eiser Säit aus, datt bei enger neier Etüd d'Krittären an d'Opdeelung am Virfeld diskutéiert gëtt, opgrond och vun den Erfarungen, déi hei gemaach gi si mat der éischter Etüd.

Datt eenzel Stroossen oder zumindest méi kleng Beräicher och eenzel kënnen analyséiert ginn; Quartieren oder Deeler vu Quartieren. Ech denken hei u Rämmerech, Belval, Cité Verte oder eventuell d'Bëschklassen. Datt ee wierklech vill méi granulaart Wësse kritt, mat deem een herno da schaffe kann.

Generell kann ech och just dat widderhuelen, wat ech d'lescht Joer gesot hunn. Nämlech datt et eiser Meenung no e Modell gëtt vun enger … net Nopeschgemeng, mee enger Gemeng, déi guer net sou wäit ewech ass. Dat ass Beetebuerger Gemeng; d'ailleurs och mat enger grénger Schoulschäffin.

Déi eng aner Aart a Weis hunn, fir iwwerhaapt zu där Schoulorganisatioun ze kommen. Wou d'Presidente respektiv de Comité de cogestion vill méi staark mat agebonnen ass, wou een natierlech d'Krittären, d'politesch Krittäre muss chapeautéieren. Déi musse gi sinn. Zum Beispill datt ee seet, mri hätte gär eng Applikatioun vum sozioekonomesche Koeffizient, deen ausgerechent ginn ass.

Mee et kann ee vill méi intensiv och mat eenzel Schoulprojete consideréieren, wann dat den Ausgangspunkt ass, wéi dat zu Esch geschitt. Besonnesch well mer wëssen, datt am Géigesaz zu deem, wat Vereenzelter dobausse soen, d'Presidente vun Escher Schoulen net nom Prinzipp funktionéieren, dat meescht oder alles just fir meng Schoul.

Mee mir hunn do zu Esch wierklech e Mikrokosmos, wou déi Presidenten a Presidentinnen eng ganz grouss Sensibilitéit hu fir d'Problemer vun anere Schoulen a fir gemeinsam eebe kënnen ze kucken, fir dat ze entwéckelen. An et géif nämlech och dozou féieren, datt eng Schoulorganisatioun net nëmmen no Schoule gefouert gëtt, mee och pedagoesch Iwwerleeunge kënne vill méi staark berécksiichtegt ginn.

Wat d'Bëschklassen ugeet, sou ass d'Demande méi grouss wéi d'Offer. Eng 20 Kanner krute keng Plaz. D'Horairen hu missen änneren, dat war eng Direktiv vum Ministère, an d'Kanner hu mussen an der Mëttesstonn heem. D'Escher Gemeng huet do eng Léisung fonnt. Do wéilt ech awer dem Schäffe felicitéieren. Mir mengen, datt dat eng gutt Léisung ass, déi dofir fonnt ginn ass.

D'Bëschklass u sech ass eng ganz interessant an absolutt ënnerstëtzenswäert Approche. Den Nodeel ass awer de ville Bustransport an de Fait, dass d'Kanner aus hirer Entitéit erausgeholl ginn an duerno erëm getrennt an hir Entitéit zeréckginn.

Dofir wär et ideal, dës Offer och op anere Plazen, zumindest nozedenken, ob een dës Offer och op anere Plaze wéi just am Ellergronn ubidde kann. Et ginn och aner Plazen hei zu Esch, wou dat eventuell méiglech wier.

An da wëll ech och op eng ganz laang oder al Fuerderung vun eis zeréckkommen. Nämlech déi vun enger Bëschschoul, enger

reegelrechter. Wou mir nach ëmmer mengen, datt Neiduerf sech duerchaus dofir eegene kéint.

D'Waldschoul kéint een och weiderdenken, ausdenken, fir doraus och wierklech eng pedagogesch wäertvoll Bëschschoul ze maachen. Alles dat si Pisten, mengen ech, déi kéinte berécksiichtegt ginn a wou de Facteur Bësch an Natur effektiv am Fokus steet.

Mir sinn eis och bewosst, datt am Moment déi Bëschklassen natierlech éischter cibléiert si fir den C1 an den C2, mee et gëtt awer och scho pedagoescht Material vum Ministère, wat den C3 an den C4 ugeet, notamment de Projet „Fudo – Fuerschen dobaussen". Do ginn et och Formatiounen, déi dozou gehale ginn. Dat sinn awer, mengen ech, Pisten, déi ee wierklech misst verstäerkt mat an d'Iwwerleeungen eranhuelen.

D'Alphabetiséierung op Franséisch ass eppes, wat, mengen ech, nach vill méi intensiv misst um nationalen Niveau diskutéiert ginn. Et ass eppes, wat vum Ministère imposéiert ginn ass, an et ass e Projet, deen, menge mer zumindest, op jidde Fall net all d'Problemer léise wäert.

Et kann een awer vläicht soen, datt e warscheinlech och net weesentlech nei Problemer schafe wäert. Ob et wierklech d'Léisung ass, bezweiwele mer. An et hänkt ganz vill dovun of, wéi dee Projet dann herno ëmgesat gëtt. An den A an O dovun ass eng gutt Preparatioun an de jeeweilege Schoulen.

Dat zousätzlecht Personal, dat dofir gebraucht gëtt, dat kréie mer iwwer de Contingent, mee et gëtt méi schwéier, a méi klenge Gebaier dat ëmzesetzen. Dat heescht, grouss Problemer wäerte mer untreffen an der Groussgaass an am Ale Lycée.

Gebaier – an trotzdeem datt an deenen 20 Joer, wou ech hei sinn, ëmmer nees erëm Projeten um Dësch loungen –, an déi net investéiert ginn ass, fir déi Gebaier un d'Bedürfnisser vun enger Schoul unzepassen, respektiv och nëmmen zousätzlech Raim, fir ënnerschiddlech Aktivitéiten kënnen unzebidden. An dat si Problemer, déi zu Esch zënter Joerzéngten hausgemaach sinn.

Den Atout vum Projet Alphabetiséierung besteet doranner, datt et gemëscht Klasse ka ginn. Also jeeweils eng Klass mat enger Alphabetiséierung op Däitsch – a mat engem Grupp vun Alphabetiséierung op Däitsch an eng Grupp vun Alphabetiséierung op Franséisch. Doduerch gëtt verhënnert, datt d'Kanner gespléckt ginn. An dofir kënnen awer och keng Klasse gruppéiert ginn, fir de Manque u Raum, eisen hausgemaache Problem, auzegläichen.

An och hei gesi mer, datt et vu Virdeel wier, wann eng Schoul, déi gläichzäiteg eng Entitéit ass, sech selwer kann organiséieren an dëse Projet un hir Schoul upasse kann.

De Virdeel ass, datt et eng stabill Ekipp gëtt, déi also scho fortgebilt ass, sech austauscht, probéiert, dat Konzept konkreet an hirer Entitéit unzepassen. Kucken, wat passt a wat eventuell net passt. An och hei ass et wichteg, datt d'Kanner wa méiglech an enger Schoul bleiwen an net ronderëmgereecht ginn, wou grad nach Plaz ass.

Ech wëll op zwou Saachen agoen, déi virdrun och gesot gi sinn. Ech ka mech der Madamm Agovic nëmmen uschléisse bei deem, wat si iwwer den Zoustand vun der Groussgaass-Schoul gesot huet.

An ech fannen et net gutt, fir et net anescht ze bezeechnen, obwuel dat scho virun zwielef Méint ugeschwat ginn ass an och virun zwielef Méint gesot ginn ass, do géif elo direkt

intervenéiert ginn, datt dat net geschitt ass an datt mer Temoinagen héiere vu Leit, déi do enseignéiere respektiv déi hir Kanner do an der Schoul hunn, wou ee sech denkt, dat do kann dach net sinn.

D'iPaden an der Schoul, dat war nach d'lescht Joer e grousse Sujet. Et huet näischt domat ze dinn, ob ech fannen, datt dat perséinlech sënnvoll ass oder net. Ech mengen, do gesi mer jo och, datt beim Ministère lues a lues en Ëmdenke geschitt.

De Punkt ass awer deen, sou laang iPaden am Unterrecht virgesi sinn, sou laang ass et, mengen ech, awer och d'Aufgab vun der Gemeng, fir dofir ze suergen, datt all Kand, all Kand hei zu Esch déi beschtméiglech Ausgangspositiounen huet. Och Kanner – Dir kënnt jo herno äntweren – an der Brill-Schoul. Et ass just dat, wat ech dozou soe wollt.

Ech hunn nach ganz vill; generell wollt ech iwwer Gebaier an Approchen zu Gebaier a Ressorte soen, déi sech natierlech ganz staark erëmspigelen an der aktueller Organisation scolaire. Ech wäert dann awer no der Presentatioun vun deem dote Punkt maachen.

Muss lech awer soen, datt, wéi ech schonn a mengen Aféierunge gesot hunn. Ech mengen, datt de Krittär, ob een dat hei matstëmmt oder net, wann dat deen ass, huet d'Escher Gemeng hiert Beschtméiglecht gemaach, fir déi bescht Schoulorganisatioun, déi momentan méiglech ass, op d'Been ze stellen, muss ech soen Nee. An dofir wäert ech dës Schoulorganisatioun och net matstëmmen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Baum.

Den Här Bermes an duerno den Här Schmit.

M. Pascal Bermes (CSV)

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Als éischt e grousse Merci un all d'Acteuren, un d'Schoulpersonal, d'Gemengepersonal, de Bureau des présidents, d'Direktioun vun Esch, fir déi Organisatioun op d'Been ze stellen. An et ass alles an Zesummenaarbecht geschitt, an dat ass ëmmer gutt.

An ech mengen, sou eng Schouorganisatioun ass eng richteg Erausfuerderung. Et gi sou vill Contrainten, et gi sou vill Änneruungen, déi ëmmer kommen. An do muss een einfach zukunftsorientéiert fir d'Kanner dat maachen.

An ech mengen, datt dëse Schäfferot mam Schoulschäffe Sehovic dat ganz gutt gemeeschtert huet. Well d'Schoul-organisatioun gëtt an de leschte Joren – ech si jo nach net sou laang dobäi – gëtt ëmmer méi effizient, pedagogesch gesinn.

Op d'Infrastrukture wäert de Schoulschäffe selwer agoen. Mee „et ass kee Konzept do" ass awer falsch, well den nächste Punkt hei um Ordre du jour ass de Plan de développement infrastructurel scolaire.

Ech mengen, dat weist jo schonn, datt et engersäits an d'Richtung geet fir d'Infrastrukturen, an och weess ech, datt de Schoulschäffen, mat allem Personal um Terrain, ëmmer pedagogesch Konzepter zesummen ausschafft.

D'Alphabetisatioun, wéi gesot, gëtt och eng Erausfuerderung. Mee ech sinn och do sécher, datt déi hei gemeeschtert gëtt.

Ech wollt awer nach op e puer Saachen, déi ech hei elo héieren hunn, agoen. Dat eent ass d'iPaden. D'iPaden, sou wäit ech weess, ware geduecht fir de Cycle 4. Do sollt all Kand sinn. Net all Kand vun Esch, mee all Kand vum

Cycle 4 war ugeduecht ginn.

Punktuell kann ee jo och nach sou Chariote maachen, déi da punktuell, pedagogesch gesinn, asetzen.

D'iPade vun der portugisescher Ambassade, dat ass eng aner Geschicht, sou wäit ech weess. Ech hunn nämlech och a mengem Lycée portugisesch Coursen an déi fonctionéieren no engem Plan, dee vum portugisesche System fonctionéiert. An dofir kréien d'Kanner, déi déi Coursë suivéieren, iPaden, well de groussen Deel do online fonctionéiert.

Ech misst dat awer kontrollléieren – si kréie se och net geschenkt, si musse se zeréckginn. A mengem Lycée ass dat och ugefrot ginn, fir datt si do Accès zum Internet kréien.

Also ech fannen dat eng gutt Saachen, datt iPaden agesat ginn, awer pedagogesch gesinn. Ech fannen et och gutt, datt een net ze fréi domat ufänkt, well d'Kanner scho vill ze vill virun de quadrateschen Ecrane sinn. Wann eng Partei heibanne wëll jidderengem en iPad schenken, allez-y.

Wat d'Maison-relaisen ufänkt, begréissen ech, datt d'Offer ëmmer méi grouss gëtt, datt déi Waardelëscht ëmmer méi kleng gëtt an datt de Schäfferot an de leschte Jore wierklech ëmmer nei Maison-relaisen opmécht, fir endlech déi Offer gerecht ze ginn. All Gratulatioun.

A fir de Rescht stëmmen ech natierlech der Schoulorganisatioun fir.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Bermes.

An dann den Här Schmit.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

De Punkt, dee wou eis hei, solle mer soen, interpelléiert a wou ech och scho perséinlech Eltere geschwat hunn, wou hinnen am Fong geholl e bëssen ënner den Neel brennt, ass wierklech dee Punkt vun der Alphabetisatioun op Franséisch.

Et ass awer net nëmmen esou, datt ech do negativ Stëmmen héieren hunn. Ech hunn natierlech och Leit héieren, déi wou sech dovunner eppes Positives erwaarden. An do muss ech soen, datt et awer ganz schwiereg ass – déi Leit hunn am Fong geholl Angscht, ze wëssen, wéi déi Informatiounen, déi wou am Fong geholl elo do sinn, einfach net hierginn, fir déi Leit ze berouegen.

Do wär ech frou, wann een do vläicht nach méi genau kéint drop eragoen, an den Detail goen, wéi dat da geplangt ass, wéini datt dat reell ufänkt an ob wierklech d'Zesummesetzung vun de Klassen – ob och an enger Klass wierklech da kënnen zwou verschidden Alphabetisatioune geschéien. Also ob dat machbar ass a wéi dat +/- soll ausgesinn.

Natierlech, solle mer soen, si mir éischter skeptesch, well mir fannen, datt de System, d'Alphabetisatioun op Däitsch, wéi et elo war, am Fong geholl den A und O soll sinn.

Ech sinn zwar perséinlech an där Fro net honnertprozenteg, solle mer soen, agespaart. Dofir hunn ech jo gesot, an et ass och esou, datt sech vill Leit och eppes Positives dovun erwaarden.

Mee wéi gesot, wann een nach net weess konkreet, wéi et soll ausgesinn a quasi éischter d'Gefill huet, et géif een zu eppes forcéiert ginn, dann ass dat net ëmmer sou einfach, fir mat esou engem wichtege Sujet ëmzegoen.

An dofir wierklech, sou vill Informatioune wéi méiglech. Datt Der do kéint op Leit zougoen, op d'Escher zougoen a se do mathuelen. Dat wär wierklech ubruecht. An, jo, do géif ech lech da bieden, da vläicht nach e klengen Effort an déi Richtung ze maachen, iert ee sech do kann definitiv, solle mer soen, dozou äusseren, ob dat da positiv ass oder net.

Déi zweet Saach, hat ech och schonn d'lescht Joer ugeschwat, ass déi Saach mat den iPaden. Mir hunn elo, natierlech elo och mat den Telefonen ass dat en aktuellt Gespréichstheema am Fong geholl global gesinn, wéi ee mat der Technik an der Schoul soll ëmgoen.

Déi Saach mat den Telefone begréissen ech éischter. Datt déi net kënnen iwwerall vun de Schüler, solle mer soen, mattransportéiert ginn an datt do verschidde Restriktioune musse geholl ginn, dat ass verständlech.

Déi Saach mat den iPaden, datt do net fir all Schüler een zur Verfügung ass par contre, dat verstinn ech net esou. Denn et ass trotzdeem ganz wichteg, datt d'Schüler am Kontext vun enger Klass léieren, mat den neie Methoden, mat der neier Technik ëmzegoen. An am Fong geholl sou fréi wéi méiglech léieren, déi ze gebrauchen. An dat ass och wichteg duerno fir hire Parcours, datt dat net ze spéit geschitt. An datt dat och flächendeckend geschitt a sou gutt wéi méiglech.

Dat heescht, do fannen ech nach ëmmer, datt een do misst en Effort maachen an datt ee kann an datt ee sollt zu deem Endresultat kommen, datt ee jiddwerengem Schüler kann en iPad zur Verfügung stellen, fir datt domat ka geléiert ginn an datt d'Schüler hiren techneschen Knowhow domat kënne verbesseren. An zwar wierklech sou fréi wéi méiglech a sou gutt wéi méiglech.

Dann nach vläicht eppes zu de Bëschklassen. Am Fong geholl – ech hat jo eng Zäit als Chargé an der Stad och geschafft an do war ech och täteg a Bëschklassen. An ech muss soen, dat ass eng ganz gutt Méiglechkeet, fir mat de Kanner ëmzegoen, fir mat de Kanner ze léieren.

An datt d'Offer hei zu Esch net grouss genuch ass, wat och schonn den Här Baum gesot huet, ass doutsécher wouer. An et misst ee sech wierklech iwwerleeën, ob een net kéint aner Sitte fannen, fir d'Offer ze vergréisseren, sou datt déi Demande, déi wou do ass, ka realiséiert ginn. Dat heescht, datt déi Kanner kënnen a sou Klasse goen.

Aus perséinlecher Erfarung weess ech, datt dat eng ganz aner Erfarung ass, fir mat Kanner ze léiere wéi elo an enger traditioneller Klass. An dat begréisse mer. Dat, solle mer soen, beräichert d'Liewen. Dat ass och, géif ech soen, vläicht méi eng Approche ludique, fir mat de Kanner ëmzegoen a fir de Léierprogramm ze vermëttelen.

Dat kënnt einfach duerch déi ganz Ambiance net sou streng an net sou, solle mer soen, gezwongen eriwwer, wann een dat an dësem Kader mécht. An dofir géif ech dann och hei eng Lanz briechen, fir déi Bëschklasse sou wäit wéi méiglech ze ënnerstëtzen an och all den Acteure Merci ze soen, déi wou dann an déi Richtung wëlle goen an deen Theema no vir drécken.

Dat ass eppes, wat mer um Häerz läit a wou ech och fannen, datt hei zu Esch, wéi och bei den iPaden, misst eng Kusch, solle mer soen, zousätzlech do vun Efforte produzéiert ginn, fir datt mer an déi richteg Richtung ginn.

Et si Saachen, déi lafe gutt zu Esch. A wa se gutt lafen a wa mer gesinn, datt mer domat Erfolleg hunn an datt d'Leit an d'Kanner zefridde sinn, da sollte mer an déi Richtung goen.

Dat lescht, d'Infrastrukture wollt ech nach e Wuert dozou soen. D'Groussgaass-Schoul

zum Beispill war jo schonn e puermol hei citéiert ginn; a se ass net eleng. Mee et ass wouer – ech hätt vläicht solle mat deem Theema ufänken, wat d'Infrastrukturen an d'Lokaler, wéi ee schafft.

Jiddweree mengt, dat wär d'Basis, dat misst am Fong geholl do sinn a korrekt funktionéieren an alles gefléckt sinn a piccobello ausgesinn a salubre sinn. An et ass net ëmmer iwwerall de Fall.

Do och misst ee kucken, datt déi Reparature méi schnell von statte ginn, fir datt d'Kanner kënnen an engem Ambiente léieren, dee wou awer, solle mer soen, mënschlech vertriedbar ass. An zemools wann et ëm Kanner geet, dat ass e bëssen, solle mer soen, onwürdeg.

Ech hoffen, datt do nach kann – et ass och warscheinlech ëmmer mat de Reparaturen ... ech hunn och héieren, datt dann d'Acteuren oft sech Zäit loossen, wann do Reparature solle gemaach ginn. Datt dat net ëmmer sou schnell geet, wéi een dat gär hätt. Dat kann ee verstoen. Mee an dësem Sënn misst een awer kucken, datt dat méi schnell geet.

Jo, dat war am Fong geholl mäi Bäitrag zu dësem Theema. Ech soen awer – ech hat dat elo vergiess – nach jiddwerengem Merci, dee wou zu dëser Schoulorganisatioun bäigedroen huet. D'Schoul ass d'Zukunft. An do musse mer eis nach e bësse méi ustrengen als Gemeng Esch, mengen ech. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.
An d'Madamm Scholl.

Mme Daliah Scholl (DP)

Här Buergermeeschter, Dir Léif allguerten, ech géif emol virun allem dem responsabele Schäffe Merci soen an de responsabele Servicer Merci soe fir am Fong déi provisoresch Schoulorganisatioun, där mir och positiv zoustëmmen.

Et gouf vill gesot, an awer wéilt ech nach ee Punkt méi ervirhiewen. Dat ass, dass mer effektiv déi Ressources supplementaires, dass mer dorop en Zougrëff an och accordéiert kritt hunn. An zwar zu dem Coordinateur culturel, deen dann och fir den Ariston bestëmmt ass.

Ech mengen, dat ass am Fong och déi Trâme, déi mir eigentlech eiser Stad Esch wollten och ginn. D'Kanner méi no zu der Konscht an zu dem Ausdrock bréngen. Jo, de Kanner am Fong d'Kreativitéit, den Zougang zur Kreativitéit ze erlaben.

Also ech fannen dat eng super Geschicht. Ech hoffen, dass mer sou weiderfueren. A wéi gesot, wäerte mer där ganzer Saach hei positiv zoustëmmen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Scholl.

Dann huet den Här Sehovic d'Wuert, fir ze äntweren.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech versichen, méiglechst komplett op déi verschidde Remarken anzegoen. Do, wou eng konkreet Fro war, déi och ze beäntweren.

Ech fänken u mam Precoce a mat der Remark vun der Kolleeginn Agovic, dass mer zwar effektiv méi Kanner hunn am Precoce dëst

Joer, wat eng gutt Nouvelle ass, mee dass mer do nach ëmmer net genuch Kanner am Precoce hunn, sou laang wéi et der gëtt, déi eebe keng Plaz hunn.

D'Madamm Agovic huet richteg erkannt, an dat hunn ech jo a menger agänglecher Introduktioun och gesot, dass haut den Haaptproblem an den Haaptgrond, wisou e Kand net an de Precoce geet, d'Fro vun der Gard a vun der Betreiung ass. Dat ass ganz einfach.

Mir hunn et dëst Joer hikritt, doduerch dass mer a punkto Gard eng Rei vu Reorganisatioune gemaach hunn, an notamment eebe Kanner aus dem Zentrum regruppéiert hunn an da mat engem Schoulbus transportéieren an eng Struktur, hu mer et hikritt, dass mer kënne méi Plazen am Precoce ubidden.

Wa mer dat net maachen, wat Der kritiséiert hutt, se nämlech mat engem Schoultransport an eng Maison relais ze féieren, d'Alternativ fir déi Kanner ass kee Precoce. Ganz einfach. Kee Precoce well keng Gard.

An dowéinst hu mer et pragmatesch fonnt, fir eng Reorganisatioun ze maachen um Niveau vun der Kannerbetreiung, fir méi Plazen am Precoce kënnen ze maachen. Och wann dat bedeit, dass eng Rei Kanner am Centre effektiv mam Schoulbus mussen transportéiert ginn.

An och wann dat bedeit, dass mer hinnen och just fir ee Joer kënnen déi dote Garantie ginn op där Plaz an dass se duerno an hir urspréglech Entitéit higinn. Mee wéi gesot, d'Alternativ dozou am Moment ass kee Precoce. An dat erschéngt eis keng gutt Léisung.

An ech mengen, déi mëttelfristeg Léisung dofir ass, um Niveau vun der Kannerbetreiung d'Angebot weider auszebauen. Dat mécht déi heite Koalitioun. Dass mir haut iwwer 100 Kanner hunn, déi net an de Precoce ginn, well se keng Gard hunn, dat ass och en lerwe vu vergaangene Joerzéngten, dat mer amgaange sinn, elo systematesch opzeschaffen, andeems mer Kannerbetreiungsstrukture schafen.

Mir wäerten dat beim nächste Punkt um Ordre du jour gesinn, wou mer hierkommen a wou mer amgaange sinn, hinzegoen. Dat ass den Effort vun de leschte puer Joer. An dee wäerte mer weidergoen. An da wäerte mer och am Precoce weider Kanner kënnen eng Offer maachen.

Duerno waren eng Rei vun oppe Froe par rapport zu de Resultater vun der LISER-Etüd. Do muss ech soen, dat wat ech d'lescht Kéier gesot hunn, eigentlech hu mer d'Froen alleguer beäntwert.

Dass d'Resultater vun enger wëssenschaftlecher Etüd net jidderengem an de Krom passen, dat kann ëmmer sinn. Et kann ee méi oder manner zefridde si mat deem, wat do erauskënnt. Mee d'wëssenschaftlech Method huet och, Här Baum, kee politesche Choix benéidegt. Dat war explicitement nämlech net d'Demarche vum Schäfferot.

Wat mer geholl hunn ass, mir hunn d'Method geholl, déi de Staat mécht, fir de Contingent op d'Gemengen ze verdeelen. A mir hunn en eent zu eent applizéiert op eis Schoulressorten, fir genau där Diskussioun aus dem Wee ze goen, dass hei eng Majoritéit sech Etüde sou mécht, wéi se hinne gefalen. Dat hu mer gemaach.

Mir hunn, wéi gesot, d'Krittäre vum Staat geholl, mir hu se eent zu eent applizéiert, mat enger Rei Iwwerraschungen, déi mer d'lescht Kéier schonn diskutéiert hunn. A vun dohier gëtt et aus eiser Siicht – an do kann een nach eng Kéier an den Detail goen. Den Här Baum huet kritiséiert, dass mer hei net Schoulgebaier kucken, mee dass mer d'Schoulressorte kucken, wou mer den Indice socio-économique rechnen.

Här Baum, e Schoulgebai, dat ass Steen, dat ass Bëton, dat ass Holz, dat ass Glas, dat ass en Daach doriwwer. E Schoulgebai huet keen Indice socio-économique. E Kand huet e gewësse Bagage a wunnt an engem Quartier an ass an engem Schoulressort affektéiert.

An dowéinst mécht d'Etüd d'Analys vun de Schoulressorten. An dowéinst geet d'Etüd duerch d'Analys vun de Schoulressorten, definéiert souzesoen e Bagage, deen all Schülerin an all Schüler huet a gëtt deem Schüler, där Schülerin dëse Bagage mat an da geet en an eng Entitéit an da gëtt deen Indice proportional eigentlech zu der Compositioun vun der Schoul, par rapport zu de Ressorten och, pro Schoulentitéit gerechent.

Wéi annoncéiert, wäerte mer och nach dës Schoulorga an och nach déi nächst mat där doter Etüd maachen an da wäerte mer eng Reevaluatioun vun der Etüd maachen. Eng Erweiderung vun der Etüd och maachen; dorobber kommen ech am nächste Punkt nach eng Kéier drop ze schwätzen.

Mee soss sti mer zu där Etüd, well se eis hëlleft, d'Schoulorganisatioun méi gerecht ze maachen.

A wann ech den Historique e bësse maachen, muss ech soen, dass d'Kritik awer e bësse komesch ass. De Moment, wou mer den Indice socio-économique viru Jore genotzt hunn, do ass monéiert ginn, dass deen net fair an net gutt ass, well en eebe verschiddenen Entitéiten net sou zeguttkomm ass, wéi se et gär gehat hätten.

Wier den Indice net applizéiert ginn an d'Posten tëscht de Schoulen effektiv op Basis vun den Diskussiounen iwwer konkreet Projeten, sou wéi Dir dat enoncéiert hutt, Här Baum, wou dat sou opgedeelt gouf, war dat och net gutt, well dunn huet et geheescht, et ass net sozial.

An elo wou mer zënter zwee Joer erëm den Indice applizéieren, den neien Indice applizéieren, elo ass et awer erëm net gutt, well eebe verschidde Schoulen net dat Resultat hunn, wat se sech selwer erhoffen.

An dowéinst ass et eeben, mengen ech, awer e bëssen eng Politique politicienne, fir do dann elo d'Methodologie ze diskutéieren.

Wat d'Beispill vun der Groussgaass-Schoul ugeet, muss ech soen, sinn ech e bësse verwonnert, well de Problem, wann een all Joer einfach déi selwecht Ried hält an erëm virliest, ass, dass een da riskéiert, awer net mat der Zäit ze goen a mat de rezenten Entwécklungen.

An da riskéiert een, nämlech och Saachen ze widderhuelen, déi entre-temps net méi sou sinn. De Plazmangel an der Groussgaass-Schoul – ech hunn dat selwer enoncéiert a mengem Exposé –, deen ass net ze niéieren. Deen ass historesch gewuess.

Mir hunn eng Rei vu pragmatesche Léisunge versicht, ze fannen, notamment par rapport zu der Kichen, wou et en Accord gëtt tëscht der Schoul an der Maison relais, déi vis-à-vis ass, wou d'Schoul kann Zougrëff kréien op d'Cuisine pédagogique, déi an der Maison relais dran ass. Dat ass eppes, wat mer scho virun engem Joer sou diskutéiert hunn a wou haut eigentlech keen aktuelle Problem besteet.

Wat de Preau ugeet, ass et esou, dass mer gesot hunn, dass mer doru géinge schaffen. Mir hunn et an de Budget ageschriwwen a mir schaffen dorun. D'Pläng sinn an der Ausaarbechtung. Bon, et kann een net einfach zauberen. Et muss een eppes plangen, et muss een Etüde maachen. An da muss een an de Chantier goen.

An hei ass et esou, dass mer, wéi gesot, Pläng hunn, mee doriwwer eraus – och dozou

kommen ech nach eng Kéier – méi konkreet Decisioune geholl hunn, déi en général d'Groussgaass-Schoul betreffen.

Dat wat de Preau ugeet, wou et net erareent, mee wou et en Etanchitéitsproblem gëtt, déi sinn amgaangen, behuewen ze ginn. Et kann een net zauberen, dat dauert eeben e bëssen.

An dann ass eng Saach mat den iPaden, wou ech muss soen, do verstinn ech wierklech net, wat elo genau d'Demande ass vun der LSAP an vun déi Lénk. Dass all Kand ëmmer en iPad huet?

All Kand um Escher Territoire gëtt gläich behandelt an huet de selwechten Zougang op d'iPaden. An iwwregens och op d'elektronesch Tafelen. Do ass jo dann och kritiséiert ginn, dass verschidde Schoulen déi installéilert kréien.

Mee wat ech ganz kloer wëll soen, mir striewen dat guer net un, mir wëlle guer net, dass all Kand en iPad kritt. Mir wëllen, dass all Kand a senger Entitéit, a sengem Schoulgebai – dat kënnen zwou verschidde Saache sinn, Här Baum, effektiv – Zougrëff huet op iPaden, wann et pedagoesch sënnvoll ass an Deel ass vum Schoulprogramm. Déi Situatioun hu mer mat engem massiven Invest gemaach.

Wat d'portugisesch Ambassade ugeet, do muss ech soen, do hunn ee Moment awer elo e bësse misse stutzen. Dat éischt, wat ech kloerstelle wëll, ass, et gëtt net „hir Kanner" an „eis Kanner". Och d'portugisesch Kanner sinn eis Kanner, och d'Kanner vum Balkan sinn eis Kanner.

Deen Ënnerscheed tëscht „hir Kanner" an „eis Kanner", dee maache mir net. All Kand zu Esch, déi 3.300 an e puer Schülerinnen a Schüler sinn eis Kanner, sinn Escher Kanner an déi behandele mer alleguerte gläich. Mir maachen do keen Ënnerscheed.

Et gëtt e Programm vum portugisesche Staat, dee portugisesch Coursë betrëfft. An dat ass net en Escher Phenomeen, dat ass och net e Lëtzebuerger Phenomeen. Do gëtt et effektiv rezent eng Initiativ vum portugisesche Staat, fir iwwerall do, wou där Coursen am Ausland ugebuede ginn, an allen europäesche Länner, vu dass do en Deel vum Programm digital ass, fir hinnen do Zougrëff ze ginn op en iPad.

Mir hunn do als Stad Esch elo näischt mat deem Programm ze dinn. Wann dat eng Decisioun vum portugisesche Staat ass a sou laang se net en défaveur ass vun eise Kanner, hu mer do eigentlech näischt dorunner auszesetzen.

Generell muss ech soen, dass ech e bësse bedaueren – do ass den Här Baum e bësse méi konkreet ginn. Mee wann ee vu Joer zu Joer alles schlecht mécht a wann een de Choix hëlt, fir en Exercice, deen eigentlech net politesch ass, mee dee vu ganz ville Leit aus der Schoulcommunautéit gedroe gëtt, wann een do de Choix mécht, fir dee vu Joer zu Joer ze rejetéiere mat ëmmer erëm de selwechten Argumenter, dann erwaarden ech mer, dass een och konkreet Propose mécht.

Net nëmmen déi ganz Zäit ëmmer erëm widderhëlt, wou een der Meenung ass, wat alles schlecht ass zu Esch. Mee da maacht emol Proposen, wat Der gär anescht hätt. Da kann ech nämlech och reagéieren.

Den Här Baum huet eng Rei vu Propose gemaach, déi ech wëll kommentéieren. Dass mer kleng Entitéite privilegéieren an dass effektiv desto méi kleng de Kollektiv ass, den Enseignement méi einfach ass, méi direkt ass, d'Communautéit an der Klass oder an der Schoul méi zesummewuesse kann, dat ass evident. An dowéinst maache mer dat do, wou et méiglech ass.

Ech verweisen dorobber, dass mer all Joer eigentlech wierklech Wäert drop leeën, fir

d'Effectiffen an eise Klasse genau aus deene Grënn iwwerschaubar ze halen. An ech mengen, dass mer mat deene 14,3 Kanner pro Klass dofir suerge kënnen zu Esch, dass mer kleng Effectiffer hunn, dass mer kleng Klasseverbänn hunn, wou eebe genau dat ka geschéien, wat Der och ugemierkt hunn. Wou mer e vill méi direkten Zougang hunn.

Dat ass gutt fir d'Kanner an dat ass och gutt fir d'Enseignanten. A sou léisst sech besser Schoul halen. An ech mengen, mat deem Schnëtt, dee mir hei zu Esch hunn, dovunner dreemen aner Stied an aner Gemengen. An dat, mengen ech, léisst sech weisen.

Wat d'Bedeelegung vun den eenzelen Acteuren an der Schoulorga mam Verweis op d'Beetebuerger Schoulorga ugeet, muss ech soen, natierlech sinn ech an engem Austausch mat menger Kolleegin Josée Lorsché, déi effektiv, dat hutt Der zu Recht gesot, éischtens vill Erfarung huet an deem Beräich.

Wéi ech ugefaangen hunn, déi Anekdot erlaben ech mer, hat ech net vill Erfarung an deem heite Beräich. Dat heescht, d'Josée war effektiv eng wichteg Referenzpersoun, huet mer gehollef, déi dote Saache besser ze verstoen. Josée, wann s du dat eng Kéier héiers, e Merci vun hei aus an e schéine Bonjour.

An déi participativ Demarche, déi zu Beetebuerg ass, ass eigentlech eppes, wat och mir wichteg ass a wou mer grad dës Schoulorga versicht hunn, verschidden Akzenter ze setzen.

An der Vergaangenheet war et esou, dass de Schoulpresident mat engem Deel vu sengem Schoulkommitee bei de Schoulschäffe gepilgert ass an dee souz dann do mat sengem Schoulservice. Dat waren dann néng Rendez-vousen. Néng eenzel Rendez-vousen an dann huet all Schoulkommitee seng Schoulorganisatioun presentéiert.

D'Schoulpresidenten haten d'lescht Joer d'Propos gemaach, fir déi Demarche ze änneren a méi participativ ze maachen. An där Demande si mer nokomm, andeems mer eeben e Bureau des présidents organiséiert hunn, wou déi néng Kommiteeë mat der Direktioun a mam Schoulservice zesummekomm sinn a wou mer all d'Schoulorganisatioune kollektiv virgestallt an diskutéiert hunn.

Wat dozou gefouert huet, dass effektiv och all Schoulkommitee matkritt huet, wat sinn d'Projeten an den aneren Entitéiten, wéi maache si hir Schoulorganisatioun. Dat war e participativen Exercice, e flotten Exercice, dee mer och sou wëlle weiderféieren, well en effektiv d'Transparenz an d'Novollzéibarkeet vun den Decisiounen erhéicht.

Wat d'Bëschklassen ugeet, deele mer eigentlech grondsätzlech d'Analys, dass mer eng Méioffer brauchen. Ech wäert, wéi gesot, do konkreet Proposen am Numm vum Schäfferot maache bei der Virstellung vum Plan du développement des infrastructures scolaires.

Bon, eng lescht Remark. Den Ale Lycée war eigentlech ni en eegene Schoulressort, war ëmmer schonn zesummen am Ressort mat der Groussgaass-Schoul. Dat ass eigentlech historesch gewuess esou. Dat ass elo keng Decisioun vu mir gewiescht oder vu menge Virgänger. Dat war schonn ëmmer sou.

Iwwerhaapt ass de Constat, dass jo déi dräi Zentrumsschoulen, och mat der Dellhéicht nach zesummen, souwisou eng grouss Solidaritéit hunn. An do um Niveau vun de Capacitéiten och Decisioune kënne geholl ginn, an dat historesch schonn ëmmer sou war, wann déi eng Schoul e bëssen

un der Limitt ass, dass eng aner Schoul do depannéiert huet. Do gëtt et eng gutt Zesummenaaarbecht tëscht deenen dräi concernéierte Schoulkommiteeën.

Am Resümmee: Et gëtt zu Esch keen, et wäert et och net ginn, iPad op all Klass. Mir sinn net Verfechter vun esou enger blanner Digitaliséierung vun der Schoul, déi pedagogesch a Fro ze stellen ass. Wou et mëttlerweil och ëmmer méi Acteure gëtt, déi sech dovunner distanzéieren.

An doméinst ganz formell: Mir wäerten net een iPad hu fir all Kand. Mir wäerten dat sou maachen, dass et Sënn mécht. A mir sinn do an de leschte Joren extreem virukomm.

Eis ass et wichteg, an dat hu mer ëmmer erëm bei Projeten an och duerch eis Aktiounen am Schäfferot betount, dass mer Kanner a Beweegung bréngen. Dat maache mer iwwer eisen Urbanismus, iwwer d'Gestaltung vun eise Schoulen, iwwer d'Kreatioun vu Spillplazen a sou weider. An dat ass do, wou mer den Accent wëlle fir d'Wuelbefanne vun eise Kanner leeën.

Ech soen nach eng Kéier Merci alle Bedeelegte fir d'Schoulorganisatioun a freeë mech dann op d'Diskussioun vum nächste Punkt. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Sehovic.

Als éischt stëmme mer awer of. Au vote.

☒ **Enesa Agovic**
☒ **Aldin Avdic**
☒ **Marc Baum**
☑ **Pascal Bermes**
☒ **Liz Braz**
☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
☑ **Bruno Cavaleiro**
☒ **Steve Faltz**
☒ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
☒ **Sacha Pulli**
☑ **Mandy Ragni**
☑ **Dejvid Ramdedovic**
☒ **Bernard Schmit**
☑ **Daliah Scholl**
☑ **Meris Sehovic**
☑ **Christian Weis**
☑ **Joy Weyrich**
☑ **André Zwally**

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Ech hunn elo ze schnell ofstëmme gelooss. Den Här Zwally wollt nach eng Kéier de Bilan maache vun den informateschen Zoustänn an de Schoulen. Oder vum Material.

Ech ginn dovun aus, dass dat näischt um Vott géing änneren duerno. Mee wann Der erlaabt, ginn ech dem Här Zwally awer nach eng Kéier d'Wuert.

M. André Zwally (CSV), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Vu dass ech ëmmer de Leschten am Alphabet sinn, sinn ech awer elo wierklech, wou ech lech dann awer matdeele wëll, wat dat eigentlech heescht Digitalisatioun innerhalb vun de Schoulen.

Et ass net esou, Madamm Agovic, wann hei dat dote gezielt gëtt, dass dat einfach bei eis géif laanschtlafen. Mir hunn déi doten Diskussioun schonn eng Kéier gefouert, déi kënnt och a reegelméissegen Ofstänn zeréck.

Mir hunn eis dann zesummegesat mam Direkter vun eise Schoulen hei zu Esch, mat de Presidenten, mat der Schoulkommissioun an och mam Service informatique, fir ze kucken, wat et dann eigentlech gëtt. A do sinn déi Problemer ugeschwat ginn an dobäi ass dann erauskomm, dass een ëmmer ganz gutt oppasse muss, wann een dovunner schwätzt.

Well d'Gebailechkeeten, an deenen een d'Digitalisatioun ubidde wëll, net iwwerall déi selwecht sinn. Wann een an engem neie Gebai ass, an dann huelen ech mol Wobrécken als Beispill, dann ass natierlech all Méiglechkeet ginn, fir dat dote kënnen ze vernetzen, fir anescht kënnen auszeriichten. An dat ass jo d'Paradebeispill vun deem, wat een ënner Digitalisatioun ka gesinn.

Mir hunn am Ganzen néng Gebaier, déi ënnerschiddlech gebaut sinn, déi ënnerschiddlech Gréissten hunn an déi ënnerschiddlech al sinn. A mir sinn dunn op de Wee gaangen, fir ze kucken, wat brauch een dann eigentlech, wat wëllt der dann eigentlech an a wat fir eng Richtung solle mer goen.

An do hu mer eis da gëeenegt, dass den C4 deen Zyklus soll sinn, deen ausstafféiert sollt sinn.

Am September 2024 sinn dann déi néng Schoule gefrot ginn, do waren am Ganze 611 iPaden, déi disponibel waren. An do ass dann eenzel Gebai gefrot ginn, wat si nach wéilten. An do si mer dann op eng Zuel komm vu 723. Dat ass hinnen duergaangen.

Dat ass déi Zuel, déi genannt ginn ass, fir kënnen de ganze Cycle auszestafféieren. An do si mer amgaangen, drun ze schaffen. A mir hunn och schonn e groussen Deel vun deenen ausstafféiert mat deenen iPaden.

Mee dobäi si mer net stoe bliwwen. Et sinn och nach aner Demandë komm. Zum Beispill vum AppleTV. Zu deem Zäitpunkt hate mer der 99 an den eenzele Gebaier. An et ass gefrot ginn, fir op 135 därer eropzegoen. Déi si mer amgaangen, ze installéieren.

Also do ginn et der nach eng Kéier 36, déi gefrot goufen. An déi sinn a sämtleche Gebaier, wou da gefrot ginn ass, bäikomm oder sinn nach amgaangen, installéiert ze ginn.

Dunn ass d'Fro komm, wéi wëllt Der da gär Äre Cours halen. Do sinn der drënner, déi wollte keng iPaden an déi hu sech einfach begnüügt, andeem si gesot hunn, eis geet et duer, wann der eis e Chariot zur Verfügung stellt a mer déi iPaden dohinner kënnen zortéieren an da kënne mer hin an hier fueren. A mir mussen net op de Wee goen, fir dass all Kand en iPad kritt.

An dunn ass d'Diskussioun vun de Beamere komm. Bei de Beamere waren et der 26, déi gefrot gi sinn an déi och wäerten dann installéiert ginn. Déi Dymoen, 13 Stéck. An dann hu mer Barcoden, Scanneren, déi gefrot goufen. Déi interaktiv Tafelen, déi gefrot gi sinn – am Ganzen 13 Stéck. Bluetooth-Boxe vu 84. Déi Kopfhörer, déi gefrot gi sinn, iwwer 1.000 Stéck.

Alles dat sinn Elementer, déi dozou féieren, dass mer eigentlech eis Aarbecht doranner maachen. An ech kann lech och eng Kéier ganz gär deen doten Inventaire zoukomme loossen, fir dass Der gesitt, dass net nëmmen an deenen eenzelen iPad-Geschichten eppes geschitt, mee dass effektiv och an der informatescher Ausstattung vun de Kanner villes investéiert gëtt.

Dir hutt vun de iPade vu Portugal geschwat. Ech maache mer wierklech Suergen, wann dat doten elo soll usus sinn an deem Ganzen. Well eise Service informatique mat senge Leit, déi mussen dofir suergen, dass de Sécherheetsaspekt garantéiert bleift.

Dee System ass en zoue System. Dee kann net einfach sou verdeelt ginn, andeem Leit kommen an iPade verdeelen a soen, elo maach du domat Schoul an eisem System. Dat geet guer net. Dat ass eis Responsabilitéit.

Wa mir en iPad erausginn, entweeder hu mir e kaf oder mir hunn eng Locatioun drop gemaach. An herno, wann e gebraucht gëtt, ass de Sécherheetsaspekt fir eis als Service informatique dee wichtegsten.

Dofir mengen ech och, dass een dorobber soll oppassen, wann een dovunner schwätzt. Well mir sinn och verflilcht, an där doter Richtung matzeschaffen. Mir sinn och verflicht, fir dorop opzepassen.

An ech géif mech wierklech an déi Richtung beweegen, fir ze soen, oppassen, wann esou eppes geschitt. Well mir si responsabel fir d'Ofsécherung vun eisem Material. An dorunner schaffe mer. An dat wollt ech just nach eng Kéier als Erklärung ginn, wa mer vun der Digitalisatioun an de Schoule schwätzen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Ech kucken elo op d'Fraktiounscheffe vun der Oppositioun, ob se de Vott nach eng Kéier wëlle frësch maachen. Mee ech mengen, dee bleift ...

(Interventioun Här Steve Faltz)

Dir hutt kee Wuert nom Schäffen.

(Diskussiounen)

Éischtens ass et net sou, dass e Conseiller nom Schäffen an deem Punkt nach Froe ka stellen. Dat steet an eisem Règlement d'ordre intérieur. Dat kënnt Der gär op eng aner Manéier maachen.

D'Punkte mat de Botschafter, dat ass eigentlech déi Relatioun mat de Botschafter a mat de portugisesche Coursen, dat mécht à la fois den Här Cavaleiro, wa mer d'portugisesch Botschaft begéinen, à la fois de Schäffe Sehovic, wann et ëm d'Schoulraim zur Verfügung stelle geet a sou weider.

Wat elo de Programm do ugeet a sou weider an ob Kanner, déi a Portugiseschcoursë ginn – well mir organiséieren déi Coursë jo net. Dat heescht, wann do den Organisateur vun deene Coursen en iPad zur Verfügung gestallt kritt, dann ass dat näischt, wou mir den Accord dozou musse ginn.

An ech sinn och ganz sécher, sou wéi den Här Zwally et elo gesot huet, dass déi Kanner, déi esou ee kréien, dass déi deen net notze wärend eiser Schoulzäit fir Coursë vun der normaler Schoul. Well dat sinn zwou ënnerschiddlech Saachen.

Dat kann een elo vergläiche mat soss Organisatiounen, déi och Escher Kanner eppes zur Verfügung stellen, wat déi da kënne benotze fir hir Aktivitéit ze maachen. Et huet awer näischt domat ze dinn, mir wëssen och net, wann aner Organisatiounen a verschiddene Situatioune Kanner eppes verdeelen. Dat mussen déi net bei eis mellen.

Den Här Cavaleiro seet, dass hien et wousst. Den Här Sehovic seet, dass hien et wousst. Tant mieux. Am Schäfferot ass dat ni en Theema gewiescht, da mengen ech och, dass dat net en Theema muss sinn.

2.2. Plan de développement des infrastructures scolaires (PDIS) ; discussion

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Elo komme mer bei de Punkt 2.2, Plan de développement des infrastructures scolaires. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Et ass déi éischt Kéier, dorop sinn ech houfreg, dass mer als Stad Esch e kompletten a systematesche PDIS ausgeschafft hunn. Also e Plan de développement des infrastructures scolaires.

Dëse Plang soll eis hëllefen, Planungssécherheet ze schafen a Previsibilitéit ze garantéieren. Fir d'Stad, fir eis Schoulen, fir d'Leit, déi am Schoulwiesen ënnerwee sinn an och fir eis Budgetspläng an den nächste Joren.

Dësen neie Plang ass méi wéi just eng technesch Analys. En ass eng strateegesch Grondlag, mat där mer op déi dynamesch Entwécklung vun eiser Stad reagéiere kënnen. Mat Kannerzuelen, déi klamme wäerten, mat neie Quartieren, déi amgaange sinn, ze entstoen, an Infrastrukturen, déi net iwwer Nuecht ze plangen an ze baue sinn.

Mir wëssen alleguer, wéi schwéier et ass, méi wéi ee Joer am Viraus genee ze wëssen, wéi d'Schülerzuele sech entwéckelen. A grad do setzt de PDIS eigentlech un. E vernetzt d'Donnéeë vun eisem Urbanismus, eisem PAG, eise PAPen a sou weider, vun der Demografie a vun der Schoulorganisatioun, fir eis méiglechst fréi Handlungsfäegkeet ze ginn an eis et ze erlaben, net just kuerzfristeg reagéieren ze mussen.

An dësem Sënn stellt de PDIS e wichtege Qualitéitssprong duer. Net nëmme fir eis Bildungspolitik, mee och fir d'Verlässlechkeet vun eise politeschen Decisiounen, déi mer hei am Gemengerot treffe mussen.

De Joe Birsens aus der Division du Développement urbain wäert eis elo eng detailéiert Presentatioun maache vun de Capacitéiten an Entwécklungstendenzen an eisen Escher Quartieren an domat och an eise Grondschoulen a Kannerbetreiungsstrukturen. An no der technescher Presentatioun wëll ech d'Haaptkonklusiounen zesummefaassen an dann och eng Rei vu Konklusioune vum Schäfferot zéien.

An domat, Här Buergermeeschter, géing ech gär dem Här Birsens d'Wuert ginn.

M. Joe Birsens

Merci fir d'Intro.

Hei kommen ech nach eng Kéier ganz kuerz just op d'Haaptobjektiver vum PDIS zeréck. Also et geet drëm, eis Capacitéiten an eise Schoulen, an eisen Entitéiten ze berechnen, d'Entwécklung vun de Schülerzuelen anzeschätzen an eeben de Besoin u Schoulraum ze evaluéieren.

D'Presentatioun huet véier Haaptdeeler. Éischtens ginn d'Capacitéite vun de Schoulgebaier virgestallt, d'Capacitéite vun de Maison-relaisen, d'Projektiounen dann, drëttens, vun de Schülerzuelen à court an à long terme, an dann zum Schluss d'Synthèse an d'Konklusioun.

Also am éischte Kapitel geet et ëm d'Capacitéite vun de Schoulgebaier. Do sinn e puer methodologesch Punkten, déi wichteg sinn ze erwänen, fir déi ganz Berechnung hannendrun ze verstoen.

D'Donnéeë si vun dësem Schouljoer, also Oktober 2024, fir d'Schülerpopulatioun an November 2024 fir d'Informatiounen zu de Klassesäll. Da goufen eng Rei Krittären zeréckbehale fir d'Berechnunge vun de Maximalcapacitéiten. An déi hu vill ze di mat de Surfacë vun de Schoulklassen.

Also et gëtt follgendermoosse berechent – ech ginn elo net allze vill an den Detail, mee mir hu festgehalen, dass eng Schoulklass soll Minimum 50 m² hunn an eise Berechnungen. An da gëtt et verschidde reglementaresch Virgaben, déi besoen, wéi vill Meterkaree e Schüler pro Klass soll zur Verfügung hunn.

Da ginn et och Reglementer zu dem Schoulhaff, deen eng Mindestsurface sollt hunn. An déi Gréisst ass eeben och wichteg, fir dann eng maximal Unzuel pro Schoulgebai ze berechnen.

Da ginn et Virgabe vum Educatiounsministère, dass et keng Klasse solle gi vu méi wéi 24 Schüler. Bon, dat ass souwisou eng Zuel, wou mer zu Esch wäit net drukommen. An do hu mer eebe gesot, wa mer wëllen eng realistesch Aschätzung hunn, dass mer vun engem Zenario ausgi vu maximal 16 Schüler pro Klass. Dat ass also iwwer der aktueller Moyenne, mee dat ass elo déi Virgab, déi mer geholl hunn, fir déi maximal Capacitéit ze berechnen.

Dann ass e wichtege Punkt op der rietser Säit, deen do steet. Dat ass, dass et e puer Säll ginn, déi theoreetesch Klassesäll kéinte sinn, déi awer oft anerwäerts benotzt ginn. Wéi zum Beispill fir den Appui oder fir den Accueil. An dës Säll gi bei de Berechnungen elo matgeholl.

Dat heescht, déi gëllen, och wann et elo en Acceuilssall ass, zu der Maximalcapacitéit dobäi, mee do ass eebe wichteg ze soen, wann dee sollt ëmbenotzt ginn an e Klassesall – dat hänkt vu ganz ville Facteuren of, déi all Entitéit fir sech kucke muss.

Eng Remark zu der Alphabetiséierung op Franséisch; déi gouf beim viregte Punkt och scho gemaach. Do hu mer bis elo nach keng konkreet Zuele kritt, wéi vill méi Schoulraum do gebraucht gëtt. Deen annerhallwe Sall pro Schoul, dat hu mer elo net dobäigerechent, well dat eeben nach keng ganz offiziell Kommunikatioun war.

Hei ass dann den éischten Tablo mat de Capacitéite vun de Schoulgebaier. Do gesäit een eeben d'Kolonn „Capacité maximale" an déi Kolonn niewendrun „Nombres effectifs." Dat heescht, wéi vill Schülerinnen a Schüler sinn aktuell an dësem Schouljoer an deene Gebaier.

An dann eng lescht Kolonn „Places libres", dat heescht, wéi vill Plazen theoreetesch nach fräi sinn. Dat heescht, et ass am Fong d'Differenz vun den zwou Kolonne virdrun.

Do ass eebe wichteg ze soen, do ginn dann heiansdo sou negativ Zuelen. Duerch wat kënnt dat? Ma dat ass, well et a verschiddene Schoulgebaier Klassesäll ginn, déi eebe keng 50 m² hunn. Dat heescht, déi no deenen heite Krittären, déi mer eis gesat hunn, net bei der Capacité maximale matgezielt ginn.

E puer Constate vläicht dozou. Den Ale Lycée, d'Groussgaass-Schoul an Dellhéicht, Neiduerf, déi kommen lues awer sécher un hir Limitten. A si schonn deelweis un hire Limitten. An dobäi kënnt och, dass e puer Säll an deene Schoulen eeben net méi den aktuelle Standarden entspriechen oder musse renovéiert ginn.

Dann an de Schoule Bruch an Nonnewisen, do gëtt et nach eng kleng Marge. An der Brill-Schoul wäert eng méiglech Renovatioun net vill un der Capacitéit ännere kënnen. Et gëtt aktuell nach eng Marge, mee d'Strukture Brill 5 an d'Bëschklasse sinn un hirer Limitt.

Dat zweet Kapitel iwwer de selwechten Exercice fir d'Maison-relaisen. Do sinn d'Donnéeë vu Januar 2025. An d'Berechnung vun de Capacitéite vun de Maison-relaisen ass e gutt Stéck méi einfach an deem Sënn, well d'Maximalcapacitéit eebe vum Agrement fixéiert ass.

Do och e puer wichteg Remarken. Do gesäit ee bei den Donnéeën, dass theoreetesch heiansdo nach vill Plaz fräi ass a verschiddene Maison-relaisen, an déi sollen eeben och besat ginn au fur et à mesure, dass neit qualifizéiert Personal do agesallt gëtt.

D'Waardelëschten. Do ass et esou, déi ginn aktuell traitéiert. An déi Kanner, déi elo nach drop sinn, déi kréien och no an no eng Plaz ugebueden. Do ginn et awer ganz oft individuell Situatiounen.

Et däerf een net vergiessen, dass hanner deenen Zuelen och Fäll si vu Kanner, déi op enger Waardelëscht stinn an dann awer eng aner Méiglechkeet fannen, fir ënnerzekommen, an dann eebe vun der Waardelëscht erofgeholl ginn, well se déi theoreetesch a praktesch gesinn net méi brauchen.

Da kënnt et hei och vir, dass et heiansdo eng negativ Zuel u fräie Plaze gëtt. Dat kënnt doduerch, just fir dat ze erklären, dass et Kanner ginn, déi net déi ganz Woch an de Maison-relaise sinn an dass zum Beispill eng Chaise vun zwee Kanner ka besat ginn.

Hei ass den Tablo mat den Zuelen. Dee weist eeben och d'Capacitéiten un, d'Unzuel vun de Kanner, déi ageschriwwe ginn, an d'Places libres théoriques. Dat heescht erëm eeben d'Differenz vun den zwou Kolonne virdrun, wéi vill Plazen do theoreetesch nach fräi sinn.

Da kënnt eng Kolonn bäi, déi weist, wéi vill Kanner aktuell op de Waardelëschte stinn an d'Konditiounen, fir ugeholl ze ginn, erfëllen.

An déi lescht Kolonn ass mat de wichtege Remarken, déi wichteg sinn, fir d'Zuelen och korrekt ze verstoen.

Heizou nach e puer Erklärungen. Aktuell sinn d'Maison-relaise Parc du Canal a Breedewee eidel. Déi ginn erëm besat, wann neit qualifizéiert Personal agestallt gëtt. An do ass de Recrutement och amgaangen.

D'Maison relais Fliedermais, do ass et esou, dass dat e Spezialfall ass, well hir Capacitéit, déi hei am Tablo elo relativ héich ass, och Urgenceplaze beinhalt. Dat heescht, déi kënnen net sou praktesch besat ginn, well se op verschiddene Stäck sinn an déi solle fir eng Urgence bereetgehale ginn.

Da bei de Pompjeeën a Wobrécken, dat sinn déi neist Maison-relaisen, déi sinn och aktuell nach net ganz besat. An dat soll och au fur et à mesure geschéien.

D'Crèchen hu mer hei an engem eenzelen Tablo; also fir déi Kanner, déi nach net scolariséiert sinn. De Prinzipp vum Tablo ass de selwechten. A bei de Crèchen ass et eebe sou, dass et do eng nach méi grouss Privatoffer gëtt, déi elo hei net ugewisen ass.

E puer Constate vläicht zu de Maison-relaisen. Also d'Waardelëscht vun de Kanner, déi d'Konditiounen erfëllen, déi ass quasi ofgeschafft. Wann elo geschwënn neit Personal agestallt gëtt, da kënnen och déi Kanner, déi d'Konditiounen net ganz erfëllen, wou zum Beispill een Elterendeel net schafft, kënnen do och eng Plaz offréiert kréien. An dës Demande ass am héchsten an den Entitéite Brill a Lalleng.

Et gëtt en nationaalt Zil, wat am Koallitiouns-accord festgeschriwwe ginn ass – also um nationalen Niveau –, dass am Joer 2030 all Kand soll eng Plaz an enger Maison relais garantéiert kréien.

Doropshin hu mir dann en Taux de couverture berechent, deen also rechent, wéi vill Maison-relais-Plazen et aktuell gi par rapport zu de Schülerzuelen. Do si mer aktuell bei 57 %. Dat heescht, 57 % vun de Schüler zu Esch kréien theoreetesch eng Plaz an enger Maison relais garantéiert.

Dësen Taux ass an de leschte Jore staark geklommen a wäert an den nächste Joren och weider usteigen, well eeben eng Rei Maison-relais-Projeten nach an Ausaarbechtung oder geplangt sinn. Zum Beispill an den Nonnewisen soll dëst Joer nach eng Struktur bäikomme vun 80 Chaisen.

Am Bruch geet d'Zuel vun de Maison-relais-Plaze kontinuéierlech erop an den nächste Joren. Am Lallenger Däich ass eng nei Maison relais geplangt mat 250 Chaisen. An op der Rouder Lëns natierlech och, wou mat der neier Schoul och Maison-relais-Plaze bäikommen.

Wa mer déi Zuelen en compte huelen, wäert den Taux de couverture an den nächste véier bis fënnef Joer op 73 % klammen an dann eeben och der zukünfteger Demande gerecht kënne ginn.

Am drëtte Kapitel geet et elo ëm d'Projektioune vun de Schülerzuelen. Do ass eemol wichteg ze soen, dass et eeben eng Projektioun ass. Et ass kee Pronostic, et ass keng Virausso, mee et ass éischter eng statistesch Modelisatioun, déi oft eeben an der Wëssenschaft benotzt gëtt, fir op Basis vu verschiddenen Hypotheesen, déi mer eis stellen, d'Saachen analyséieren an och eeben doropshi Choixen treffen ze kënnen.

Well eeben do Hypotheese gestallt ginn, ass dat net ëmmer 100 % zoutreffend, wéi et herno wierklech kënnt. Mee et ass eebe sënnvoll, fir ze weisen, a wéi eng Richtung et geet.

Wéi setzt sech d'Evolutioun vun der Schülerpopulatioun an den nächste Joren zesummen? Dat ass eeben engersäits d'Evolutioun baséierend op de Migratiounen, also de Leit, déi plënneren, bäiplënneren oder ewechplënneren, an op Basis zu der Evolutioun vun der aktueller Populatioun.

Bei de Migratioune kann een do nach emol ënnerscheeden tëscht de Leit, déi bäikommen duerch nei Stadentwécklungsprojeten, an déi Leit, déi bäikommen oder ewechfalen duerch Entwécklungen am Bestand.

A bei der Entwécklung innerhalb vun der aktueller Populatioun huet een engersäits déi, déi am Laf vun de Jore bäikommen, well se scolariséiert ginn am Cycle 1, also déi ganz jonk, déi bäikommen an de System, an eeben déi, déi de Cycle 4 fäerdeg hunn an eeben dann ewechfalen.

Et ass hei wichteg, nach eng Kéier ze soen, dass dës Projektioune sech op d'Schoulressorte baséieren, well dat eebe fir d'Berechnunge méi einfach ass. A mir ginn eeben dovun aus, dass all Schüler an d'Schoul vu sengem Ressort geet. Dat ass eeben net an der Theorie de Fall, mee fir eeben dëse statisteschen Exercice ze maachen, ass dat awer néideg, déi Hypothees unzehuelen.

Fir d'Projektiounen à court terme, do schwätze mer elo vun den nächste fënnef Joer. Do ass hei den Haapttablo, deen ech eng Kéier wollt am Detail presentéieren, well en extreem wichteg ass.

Do sinn eeben all d'Ressorts scolaires, déi opgelëscht sinn, d'Situatioun, wéi se aktuell ass, also wéi vill Schüler pro Ressort scolaire et ginn.

Déi Kolonn duerno, dat ass fir d'Stad-entwécklungsprojeten. Also hei ginn déi Schüler, déi bis 2029 duerch Projeten

bäikomme wäerten, baséierend op d'maximal méiglech Unzuel vu Wunnengen an enger Moyenne vun erwaarte Schüler pro Wunneng.

Ass e bësse komplizéiert, mee do hu mer eis d'Projeten, déi aktuell ustinn, ugekuckt. Mir hu gekuckt, wéi vill maximal Wunnenge kann een do erwaarden an dann ongefëier wéi vill Schüler een do erwaarde kann.

Déi nächst Kolonn sinn d'Entwécklungen am Bestand. Dat ass baséierend op dem Trend vun de leschte fënnef Joer. An do gi mer dann dovun aus, wann d'Entwécklung am Bestand an den nächste fënnef Joer sou weidergeet wéi déi lescht fënnef Joer, da kommen déi Schüler bäi oder déi falen ewech.

An déi zweetlescht Kolonn sinn d'Entwécklungen innerhalb vun der bestoender Populatioun. Dat heescht, dat sinn Estimatioune baséierend op de Kanner, déi zukünfteg scolariséiert ginn. An och op enger Projektioun vun de Gebuerten. Well déi Kanner, déi 2029 an de Precoce ginn, déi sinn haut nach net gebuer.

Dat ass also en Tablo mat den Zuelen. Dozou e puer Elementer. Am Ressort Brill ginn et relativ vill Kanner, déi bäikomme wäerten, haaptsächlech duerch d'Entwécklung op der Rouder Lëns. Also plus 140. D'Rout Lëns gehéiert eeben zum Ressort Brill.

Mee et ginn awer och aner Projeten. Et ass net nëmmen d'Rout Lëns. An et gëtt am Brill och eng Tendance am Bestand zu méi Famillje mat Kanner.

An de Ressorten Dellhéicht a Lalleng sinn an de leschte Joren, elo nom Brill, déi meescht Kanner am Bestand bäigezunn. Dat war ee vun de Constaten, déi eis och e bëssen iwwerrascht hunn. An dann ass eeben d'Fro, wann dat sou bleift, da musse mer do och mat méi Kanner rechnen.

Am Ressort Bruch sinn och eng Rei Kanner, déi solle bäikommen, mee do ass d'Tendenz am Bestand éischter ëmgedréint. Dat heescht, do waren d'Zuelen an de leschte Joren erofgaangen.

De Ressort Kleppen gesäit relativ vill nei Projete vir. Dat sinn déi aktuell Entwécklungen an den Nonnewisen, déi haaptsächlech am Ressort Kleppen weiderginn. An am Ressort Wobrécken ginn et kuerzfristeg elo keng nei Projeten.

Wa mer eis dat Ganz bësse méi à long terme ukucken; also do schwätze mer elo net vun zéng Joer, mee wierklech méi wéi zéng Joer. An do sinn och all déi Saachen en compte geholl ginn, déi méi wéi zéng Joer sinn. Dat kënnen och 20 oder 25 Joer sinn.

Do ass et net wierklech seriö an net méiglech, eng Estimatioun ze maache baséierend um Bestand an zu der Population existante, well dat einfach ze wäit an d'Zukunft geet, fir dat ze estiméieren.

Do hu mer eis elo reng op Stadentwécklungsprojete bezunn an do hu mer wierklech alles en compte geholl, wat u Stadentwécklungsprojeten an den nächsten 10, 20, 30 Joer usteet a wat do déi maximal Unzuel vu Schüler sinn, déi mer kéinten erwaarden.

Dozou awer och e puer Elementer. Et gesäit een, wéi en neie Ressort Metzeschmelz bäikënnt, deen et haut nach net gëtt, deen awer definitiv wichteg ass, mat bäizehuelen. Do steet elo – et ass eng grouss Zuel – plus 991. Also dat ass wierklech, wann déi ganz Metzeschmelz developpéiert ass, da kënne mer mat deene Schüler rechnen.

Duerno kënnt de Brill, deen och e groussen Zouwuess huet duerch d'Rout Lëns. Da kommen d'Nonnewisen an de Bruch mat och relativ héijen Zuelen. Do sinn et

haaptsächlech eeben de PAP Parc Lankelz, wann dee bis developpéiert gëtt, deen dann eng relativ héich Densitéit huet. An do ass et eeben einfach ze soen, dass all Ressort do vun engem Zouwuess betraff ass.

Da komme mer zu der Synthèse an der Konklusioun.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Ech froen awer elo als éischt lech alleguer, ob Der nach Froe fir den Här Birsens hutt, fir e klore Cut ze maachen. Ob et technesch Froe ginn.

Dat ass net de Fall. Da soen ech lech Merci, Här Birsens. An da kënnt den Här Sehovic zu der Konklusioun.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Joe, fir deng kloer Presentatioun. A generell e grousse Merci fir déi Aarbecht, déi s du dir hei gemaach hues.

Dat ass e Merci, deen ech aussschwätze wëll un déi dräi Leit, déi mer haut hei hunn. Den Här Birsens, deen hei am Lead war, vill Zäit investéiert huet, fir eis hei eng Grondlag ze ginn, fir zukünfteg Decisiounen ze huelen.

Dat Ganzt ass encadréiert ginn natierlech och vun der Chefin vun der Division du Développement urbain, vum Daisy Wagner. A mir hunn och profitéieren dierfe vun der grousser Erfarung, déi eisen Direkter-Architekt, de Luc Everling, och mat erabruecht huet an deen heite Prozess.

Awer net ze vergiessen och dann d'Responsabel vum Service scolaire a vum Service SEA, d'Chantal Schoettert an de Laurent Zimmer, déi hei bedeelegt waren, an den Yves Ciaffone vun der Regionaldirektioun 6, deen hei och mat consultéiert ginn ass an der Ausschaffung vun deem heite Plang.

Wa mer eis dat ukucken, wat den Här Birsens eis elo erkläert huet, da versti mer ganz séier, dass mer virun enger Erausfuerderung stinn. D'Schoulinfrastrukturen an de verschiddene Quartiere vun eiser Stad esou unzepassen, datt se net nëmmen de Bedarf vun haut, mee och dee vu muer decke kënnen.

De PDIS weist eis ganz kloer op, datt mer op véier prioritären Handlungsachse mussen agéieren: am Brill, am Zentrum, am Neiduerf an am Escher Norden. An domadder mengen ech d'Ressorte Bruch, Kleppen, Nonnewisen, Lalleng.

Fänke mer u beim Quartier Brill. Hei sinn et e puer nei Wunnprojeten, zum Beispill d'Kanal 44, Rue de Belval an d'Rout Lëns, awer virun allem och déi vill Kanner, déi am bâti existant ukommen, déi d'Schülerzuel kuerz- an och laangfristeg wäerte klamme loossen.

Dofir den éischte Constat, deen net nei ass vum Schäfferot: d'Renovatioun vun der Brill-Schoul ass néideg, mee – dat muss een och kloer soen – se wäert keng nennenswäert Capacitéitserweiderung bréngen.

Dofir soll déi nei Schoul Rout Lëns als Ecole tiroire déngen, fir d'Renovatiounsaarbechten am Haaptgebai vun der Brill-Schoul ze erlaben. Dat heescht, soubal wéi mer d'Rout Lëns a Betrib huele kënnen, wëlle mer mat der Renovatioun vum Haaptgebai vun der Brill-Schoul lassleeën.

D'Annex Brill 5 wäert mëttelfristeg vergréissert a qualitativ verbessert musse ginn. De Schäfferot wëll d'Aarbechten am Kader vun der Entwécklung vum Schéma directeur Rue d'Audun an Ugrëff huelen.

De Site vun de Bëschklassen an der Rue Jean-Pierre Bausch gehéiert aktuell net der Stad an d'Demande ass – dat hunn ech virdru scho gesot – weesentlech méi héich wéi d'Offer. Dofir huet de Schäfferot decidéiert, d'Zukunft vun den Escher Bëschklassen ze garantéieren an d'Bëschklassen och weider auszebauen, fir an Zukunft néng Klasse kënnen ze empfänken.

A schlussendlech proposéiert de Schäfferot, d'Faisabilitéit vun enger zousätzlecher Schoul um Crassier Terres Rouges ze préiwen. Mir sinn do ganz am Ufank vun den Diskussiounen iwwer d'Entwécklung vum Crassier, mee dès le départ wäerte mer do och d'Faisabilitéit vun enger weiderer Schoul mat an eis Iwwerleeungen an an eis Planungen eranhuelen.

Am Zentrum mierke mer, dass Schoule wéi den Ale Lycée, d'Groussgaass an och Dellhéicht lues awer sécher un hir capacitär Limitte kommen. Kuerzfristeg huet de Schäfferot dofir decidéiert, eng Erweiderung vun der Groussgaass-Schoul an Ugrëff ze huelen, fir den Drock ze reduzéieren an och déi néideg Renovatiounsaarbechten ugoen ze kënnen.

De Schäfferot huet decidéiert, zwee Gebaier, déi an eiser Réserve foncière sinn, fir d'Groussgaass-Schoul ze affektéieren. Déi entspriechend Planunge fir d'Erweiderung an den Ausbau sollen ab nächstem Joer ufänken.

A laangfristeg si mer eis eens, datt mer mindestens eng zousätzlech Zentrumsschoul brauche wäerten. Dofir huet de Schäfferot decidéiert, Parcellen aus der Réserve foncière vun der Stad ausdrécklech fir Schoulen ze reservéieren. An dat souwuel am Schéma directeur St. Joseph wéi am Schéma directeur Berwart/Porte de l'Alzette.

Am Neiduerf anticipéiere mer, dass d'Zuel vun de Kanner am Quartier mëttelfristeg staark klamme wäert. Kuerzfristeg duerch d'Evolution naturelle, mëttelfristeg och duerch d'Entwécklung vum zukünftege PAP Neiduerf.

Haut bleiwen d'Kanner aus dem C1 am Neiduerf a mir organiséieren de Schoultransport an d'Dellhéicht-Schoul fir d'Kanner aus de Cyclen 2 bis 4. Dorunner ännert sech näischt.

Mëttelfristeg gi mer dovun aus, dass mam PAP Neiduerf och net méi genuch Capacitéit an der Annex Neiduerf wäert sinn, fir all d'Kanner aus dem Cycle 1 kënnen ze accueiléieren. Dofir huet de Schäfferot zeréckbehalen, dass d'Schoulgebai, also d'Annex Neiduerf, zäitgläich mat der Entwécklung vum PAP Neiduerf renovéiert an ausgebaut wäert ginn.

Am Norden ass d'Situatioun haut nach relativ entspaant, och wéinst enger Rei vu Projeten aus de leschte Joren. Mee mir wëssen och do: déi nächst Entwécklunge kommen.

D'Renovatioun vun der Bruch-Schoul ass an der zweeter Phas. No Ofschloss wäert dann och déi drëtt a final Renovatiounsphas an Ugrëff geholl ginn. Zu Lalleng si mer an der Planungsphas fir eng nei Maison relais um Lallenger Däich. Virbereedend Aarbechte fanne grad statt, fir en Traffo, deen um Site ass, ze réckelen. Dës Aarbechte solle bis zum Enn vum Congé collectif ofgeschloss sinn, sou dass dann ab der Rentrée och do déi néideg Aarbechten ufänke kënnen.

Beim Bau vun der Maison relais um Lallenger Däich wëlle mer awer drop oppassen, dass d'Raimlechkeeten, déi mer do bauen, flexibel genuch solle sinn, fir am Noutfall och Klassenzëmmeren a Crècheplazen integréieren ze kënnen.

Fir d'Nonnewisen si mer amgaangen, Pläng fir en neit Schoulgebai, mat Sportshal, am Kader vun der Entwécklung vum PAP Jos

Kieffer virzebereeden. An a Kleppen muss gekuckt ginn, ob eng Erweiderung bei de Fliedermais machbar ass, och en vue vun Änneruungen am PAG, déi mer och haut bei engem spéideren Zäitpunkt nach wäerten diskutéieren.

Dat also déi konkreet Konklusioune par rapport zu de Gebailechkeeten an Infrastrukturprojeten, déi mer an den nächste Jore kuerzfristeg engersäits, an dann awer och laangfristeg wëllen ugoen.

De PDIS ass eng dynamesch Previsioun, déi eis an Zukunft eeben hëllefe soll, d'Demografie, den urbanisteschen Entwécklungsdrock an de pedagogesche Qualitéitsstandard zesummen ze denken.

Natierlech – an doriwwer hunn ech haut nach net geschwat, well et menger Meenung no nach ze fréi ass, fir doriwwer ze schwätzen – bedeiten all déi nei Infrastrukturprojeten, vun deenen ech grad geschwat hunn, kuerz- an och mëttelfristeg, dass mer d'Kaart vun eise Schoulressorten nei zeechne musse wäerten.

Och hei kann de PDIS ee Stéck vun deem Puzzle sinn. Déi éischt Etüd vum LISER iwwer d'sozioekonomesch Compositioun vun eise Schoulressorten ass en zweet Element. Bei der nächster Oplag vun der LISER-Etüd wäerte mer versichen, dës zwee Pläng zesummenzeféieren, fir eng wëssenschaftlech Basis fir eis weider Iwwerleeungen an Diskussiounen zum Theema vun de Schoulressorten ze féieren.

Zum Ofschloss nach ee Wuert. Eis Ambitioun als Schäfferot ass kloer. Mir wëlle keng Noutléisunge méi, mee eng strateegesch, gerecht an nohalteg Schoulplanung fir all Quartier. De PDIS ass dofir e wichtegt Instrument. Déi haut annoncéiert Aarbechte wäerte sech ab dem nächste Joer, an dann och de Joren duerno, natierlech och entspriechend an de Budgete vun der Stad Esch erëmspigelen.

Ech soen lech Merci a freeë mech op d'Diskussioun.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Sehovic.

Wie kann ech aschreiwen? Den Här Faltz huet d'Wuert.

M. Steve Faltz (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci dem Här Birsens fir déi geleescht Aarbecht.

Ech denke schonn, dass et eng wichteg Initiativ ass, wann ee well Previsiounen hunn, dass een déi ganz Schéma-directeuren, déi sech awer opdeelen an déi eis jo eng Pevisioun ginn, wéi vill Wunneenheete wéini a virun allem wou déi Wunneenheeten da wäerten entstoen, fir dann eng Previsioun ze maachen, wéi eis Schoulgebaier sollen entstoen, evoluéieren oder am grousse Ganze funktionéieren.

Ech muss ganz éierlech soen, ech hat ëmmer geduecht, dat géif et scho ginn. Dofir wierklech wonnerbar Aarbecht. Ech denken och, dass eis Servicer ëmmer iergendwéi intuitiv dat sou konnte gemaach hunn, well d'Leit wossten – a wéi gesot, ech weess awer schonn, dass et op der Escher Gemeng awer nach ëmmer Servicer ginn, déi vill matenee kommunizéieren. An ech denken, de Schoulservice an den Architekteservice gehéieren dozou.

An ech denken, dass dat an der Zäit intuitiv geschitt ass. An ech fannen awer schonn, dass

et fir eis awer elo hei, déi eeben net den Alldag suivéieren, eebe ganz flott, fir och ze gesinn, wéi déi Previsiounen ausgesinn a wéi sech dat da sou entwéckelt.

Ech denken, dass mer eng Verbesserung op jidde Fall mol hunn, déi awer nach ëmmer net gutt ass, mee do kann awer elo wierklech keen dofir. Dat ass déi Situatioun vu Rammerech an de Quartier Universitéit, dass déi zwar nach ëmmer mam Bus musse gefouert ginn. Mee wéinstens wësse se awer elo, wou et higeet.

Ech mengen, mir hunn alljoers erëm déi Diskussioune gehat, wou déi Quartieren eebe ganz oft no Capacitéiten an de verschiddene Schoulen dann eeben opgedeelt gi sinn. Wou Familljen, also Bridder a Schwësteren, dass déi do getrennt gi sinn. Dass d'Elteren, wéi gesot, deen een hu missen dohi féieren, deen aneren ass da mam Bus op déi aner Säit gefuer.

Ech mengen, dass dat duerch d'Wobréckener Schoul elo eng Situatioun ass, dass och do d'Familljen eng Planungssécherheet hunn, wouhi mat hire Kanner.

Ech wëll awer trotzdeem ee Kritikpunkt äusseren. Déi Schoul ass 2016 geplangt ginn an elo – an dat gehéiert och zu de Schoulinfrastrukturen –, elo si mer amgaangen, d'Alentoure vun där Schoul ze maachen.

Ech weess, dass ech et allkéiers soen, an et ass keen Zynismus an et ass keng frontal Attack, Här Sehovic. Mee awer, wannechgelift, mir trauen deene Kanner elo eng ganz nei Situatioun zou. En neie Schoulwee zou. An déi wäerten dann awer elo, wärenddeem se do déi nei Schoul entdecken, awer eng gewëss Zäit e Chantier hunn.

Komm, mir probéieren, dat ze evitéieren. Dass mer parallell d'Gebai mat den Alentoure plangen. Ech schwätze vum Séchere Schoulwee, an do gehéiert fir mech dat doten dozou.

An ech denken, wann Dir jo wëllt net blannemännches elo plangen, dann huelt dat mat eran, dass, deen Dag, wou déi Schoul opgespaart gëtt, dass de Wee dohinner och sécher ass.

Mir schwätzen och vun der Erweiderung vun der Groussgaass-Schoul. Ech ka mech erënneren, dass iergendwa gesot ginn ass, d'Groussgaass-Schoul wär iergendwéi net auszebauen, oder iergendwéi wär d'Capacitéit um Enn.

Ech denken, dass dat wéinst dem Schoulhaff ass. Ech weess et awer net. Den Här Birsens wénkt mer elo. Et ass méiglech, dass et wéinst dem Schoulhaff ass, deen, mengen ech, d'Capacitéit do einegermoosse fixéiert.

An awer. Elo just hu mer hei rieds gehat – an ech menge schonn, dass Der déi Ried iwwer d'Groussgaass-Schoul d'lescht Joer schonn eng Kéier gehalen hat.

Gitt lech dann awer och eng gewëss Koherenz, wéi Der déi Gebaier, wou Nout um Mann ass, wou déi Kanner net an enger gudder Situatioun Schoul ënnerriicht kréien, déi net gerecht behandelt gi par rapport zu deene Leit, déi an d'Wobrécken-Schoul ginn, déi e fuschneit Gebai hunn a super Educatiounssituatiounen, dass déi awer och bedéngt ginn. A maacht do e konkreete Plang op déi Saachen.

Do stoung schonn eppes mat 12 Milliounen, mengen ech, virun zwee Joer. Déi Saache sinn erëm op der laanger Bänk. Dat ass net richteg.

A wéi gesot, och wann Dir dann ëmmer vexéiert sidd a wann Der sot, Dir sot dann einfach iergendeppes hei eran. Also gitt lech awer trotzdeem dovunner aus – an ech hunn dat an engem anere Kontext schonn eng Kéier gesot.

Mir sinn hei vu ville Leit gewielt ginn. Déi Leit schwätze mat eis a mir schwätze fir déi. Dat heescht, gitt emol dovunner aus, dass trotzdeem d'Presidente vun deene Schoulen oder och Leit, déi do am Kommitee sinn, oder Enseignanten, dass déi eis Saache matginn, déi mer hei sollen ënnerbreeden.

Dat heescht, wann Dir elo mengt, Dir misst elo hei d'Madamm Agovic diskreditéieren an hir Aussoen erofmaachen, da maacht Dir déi Leit och erof. Dofir wannechgelift, dat brauche mer net.

Well Dir wësst jo, datt alles, wat d'Madamm Agovic gesot huet, richteg ass. Dat hutt Der jo och elo net wierklech widderluecht.

Dofir wannechgelift, hei schwätze mer vun der Schoul a mir sollen elo hei net am klenge perséinleche Scharmützel hei endegen.

Dofir, fir mech awer elo trotzdeem d'Groussgaass-Schoul: Déi Gebaier sinn do. Dir hutt gesot, am Patrimoine vun der Stad Esch si Gebaier erof, mengen ech, an d'Rue de l'Eglise, déi eis scho gehéieren, déi zum Ausbau duerginn.

Wär et flott, e bëssen ze gesinn, dass do awer Stullgang dat Ganzt kritt a wéi dat do soll ausgesinn. A wéi effektiv soll déi Erweiderung zustane kommen, wann den Haff deemno wéi net méi hiergëtt. Ech wär frou, fir dat ze wëssen.

No Ären Ausféierunge wäert dann och den Neiduerf weiderhin de Stoussnéckel vun der Infrastrukturpolitik sinn. Och do – ech geheien elo keng Steng – d'Situatioun ass déi, wou et ass.

Mee déi Kanner aus dem Cycle 1 wäerten dann nach ëmmer mam Bus an d'Schoul gefouert ginn. Ech denken, dat kënne mer de Kanner och zu engem gewësse Grad zoutrauen. A verschiddene méi ländleche Géigenden ass dat fir Kanner normal, dass se moies de Bus huelen.

Mee de Wee an d'Schoul fir de Cycle 2.1 an de Wee op d'Bushaltestell fir de Cycle C2 bis C4 ass méiglecherweis dee geféierlechsten am ganze Land. Ech mengen, do trieden ech kengem hei ze no. Ech mengen, do gëtt elo och kee Geheimnis geäussert. Dat ass dee geféierlechsten am ganze Land.

An ech fannen et eng Katastroph, dass mer et net hikritt hunn, fir elo déi Neiduerfstross op Tempo30 erofzekréien. Dass mer do net – an Dir sot mer elo, et ass Ponts & Chaussées. Ech weess, dass et Ponts & Chaussées ass, an awer.

Also hei ginn et fir mech Argumenter à mort. Wann ee moies gesäit, wéi fënnefjäreg Kanner do iwwer den Trottoir, wou zwou trottoirsplackebreet sinn, laanscht e Camion mat Schlaken an d'Schoul musse goen, wann een do d'Leit vu Ponts & Chaussées net mam Ouer muss huelen an hinnen dat do muss weisen, da verstinn ech dat net.

An dat drëtt, och fir d'Neiduerf. Och hei geet net kloer eraus, a wéi eng Schoul dass déi ginn. Well do gëtt elo gesot, mir kucken, wou Capacitéite sinn. Dat heescht, hei ass wierklech d'Neiduerf, déi kréien d'volle Breitseite. Wat schued ass.

Da wëll ech trotzdeem op en anere Punkt agoen, méi allgemeng. Deemools war ech net hei, wéi dat virgestallt ginn ass. Dat ass déi nei Schoul. Déi nei Schoul, 400 Kanner, mat enger Maison relais. 75 Milliounen, bätsch.

Ech weess et net. Ech hu mech e bëssen an der Press, ech hunn e bësse mat Kolleegen aus den Nopeschgemenge gekuckt an hei an do. Ech fanne kee Projet, och nëmmen unnähernd an där do Dimensioun, dee sou deier ass.

Kënne mer net iergendwéi hallef maachen, dass mer soen, mir ginn och an d'Dellhéicht-Schoul an an d'Groussgaass-Schoul an ech weess net wat. Mir kucken do, dass mer dat e bësse verdeelen.

75 Milliounen, einfach sou. Ufankspräis.

Wa mer dat doten héichrechnen, wéi mer d'Sportshal gebaut hunn – elo kënnt e bëssen Zynismus –, da weess ech net, wou dat do soll histeieren.

An ech mengen elo net, dass mer eng besser Schoul bauen doduerch, well dass se 75 Millioune kascht amplaz vu 50 oder 45, wat normalerweis eng 400-Kanner-Schoul mat Maison relais kascht. Wierklech.

Dat sinn elo déi Zuelen, déi ech lénks a riets fonnt hunn. Saachen, déi entweeder just opgaange sinn, respektiv déi ënnerwee sinn. Dat sinn déi Zuelen.

Also wéi gesot, wann Der mol e vergläichbaart Beispill hutt, ech si Prenant.

An da wéilt ech ofschléisse mat engem Punkt, deen am Fong ganz vill Argumenter mat schléit. Also wéi gesot, deen am Fong vill kéint léisen, deen awer elo nëmme periphär ugedeit ginn ass. Dat ass de berüümte Schéma directeur Berwart.

Et steet an Ärer méi ausféierlecher Aarbecht, dass de Schéma directeur Berwart vill Problemer am Fong kéint léisen duerch déi Lag, wéi e läit. Ech mengen, d'Groussgaass kéint deelweis entschäerft ginn. Méiglecherweis och d'Neiduerf, well et direkt den éischten Entrée ass, wann ee vum Neiduerf an Esch kënnt.

An da froen ech mech, wann ee weess, dass déi Terrainen zu engem groussen Deel eis gehéieren, wann ee weess, dass 50 Wochen am Joer dat doten en Dreckseck ass, déi Entrée en ville, déi mer do hunn. An et ass näischt Aneres wéi en Dreckseck.

Dass et Pläng ginn – also wéi gesot, dat geet jo net nëmmen dee Wee do bis bei de Berwat. Dat geet hannendru bis bei d'Rue de la Fontaine. An onofhängeg vun der Metzeschmelz. Dat eent hänkt absolutt net un deem aneren. Dat hunn ech mer confirméiere gelooss.

Firwat dass mer dann net scho méi an där do Richtung plangen. Ech mengen, Proprietär misst d'CFL sinn. En Deel musse mir sinn. Vläicht Ponts & Chaussées, ech weess net. Mee mengen net, dass mer do nach musse 50 Parzelle kafen.

Ech froe mech, firwat dass mer deen Deel, deen esou e wichtege Punkt vun Esch ass, déi Entrée en ville, wou déi Schoul kéint gebaut ginn, déi hei de Problem och kéint léisen. Dass mer do net méi dreiwen.

Well wa gedriwwe géif ginn, ech mengen, dann hätte mer et schonn hei gesinn.

Dat fannen ech schued. An dann ass dat vläicht mäi klengen Apport zu deem Plang. Gitt an deem Schéma directeur Berwart wannechgelift e bësse Gas. Ech denken, et ass am Interêt vun der Stad, an ech mengen, dat géif och lech gutt zu Gesiicht stoen.

Ech soen lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Faltz.

D'Madamm Ragni an duerno den Här Baum.

Mme Mandy Ragni (déi gréng)

Merci, Här Buergermeeschter. Virun allem merci, Här Birsens, fir déi Presentatioun.

De PDIS ass, denken ech, en extreem gudde strateegesche Plang. Et soll e bësselche wéi eis Bibel ginn, soen ech, fir déi nächst Joren ze gesinn, wou mer einfach hiwëlle mat eise Schoulen. An och wéi Esch sech an Zukunft wäert dann, u sech wéi dat Ganzt soll geplangt ginn.

An och – ech mengen, deen ee Punkt wäert den Här Baum ganz vill freeën –, dass mer kënnen un deem Rad dréinen, fir ze kucken, wéi d'Quartieren an Zukunft da solle matenee vermëscht ginn. A wann dann dee Moment och d'Schüler aus deene verschiddene Quartieren eventuell d'Méiglechkeet hunn, dann an aner Schoulen ze goen.

Ech denken, wat immens flott ass, ass, dass een hei gesäit, datt ee kuerzfristeg a laangfristeg plange kann an dass een dat Ganzt dann och ëmmer no de Besoinen adaptéiere kann.

Ech géif awer ganz gär e Punkt erhiewen, an zwar huet et mech awer trotzdeem immens erstaunt an immens gefreet, dass mer hei an enger Schoulorganisatioun sëtzen an dass et, mengen ech, déi éischt ass, wou – säit 2017, dass ech dobäi sinn – eigentlech d'Plazen aus de Maison-relaisen net kritiséiert ginn.

An ech mengen, deen Tablo, deen et virdrun och gewisen huet, huet och gewisen, dass mer eigentlech do vill geschafft hunn an de leschte Joren. An dass 2017 „Chaisen" quasi e Wuert war, wat an all Schäfferot gefall ass. An ech sinn och frou, ze gesinn, dass et weider mam Här Weis a mam Här Sehovic, den aktuelle Schoulschäffen, dorunner net soll scheiteren, dass dat Wuert och weiderhi sollt benotzt ginn.

Mat der aktueller Maison relais Nonnewisen mengen ech, war dat och nach eng Kéier déi richteg Decisioun. An ech denken, dass do och esou e Plang immens wäertvoll ass, fir ze gesinn, okee, do brennt et elo an deem Quartier an do musse mer elo agéieren.

An ech denken, dass dat och wierklech déi richteg Decisioun war, dee Moment ze soen, gutt, da behale mir dat Lokal a mir setzen och dohinner eng Maison relais. Weider och natierlech fir déi nei Schoulen, déi geplangt ginn an déi eis dann och weider weisen, wéi Esch wuesse soll. A wou déi Schüler dann all sollen hikommen.

Den Här Faltz huet elo just vun deem Budget vun der Schoul geschwat. Wann een dee Budget hei natierlech erwäänt, seet ee sech, dat sinn enorm vill Suen. Ech ka mech erënneren, 2017, wa mer Schoule geplangt hunn a geschwat hunn, da ware mer – ech kucken op den Här Everling – bei 35, 40 … voilà.

Dat Ganzt, mengen ech, an ech sinn do keen Expert dran, huelen ech awer och un, dass dat Ganzt mat der Inflatiounskris ze dinn huet an dass d'Materialien einfach och immens deier gi sinn. An dass een haut eigentlech och net méi ka vun deem Präis schwätzen, dee mer vun 2017 geschwat hunn.

Wéi gesot, ech denken, dass deen heite Plang e ganz wichtegen Outil ass, fir ze gesinn, wéi mer an Zukunft weiderfueren. An ech denken, dass dat eppes ass, wat mer net ze déif an den Tirang wäerten oder sollte leeën. An dass mer dee wierklech ëmmer erëm gebrauche kënnen.

Ech soen lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Ragni.

Den Här Baum an duerno den Här Schmit. Nee pardon, duerno dann den Här Bermes an dann den Här Schmit. Elo den Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och fir d'Virstellung vum PDIS.

Den Här Sehovic huet virdru bedauerend gesot, datt d'Schoulorganisatioun kee politescht Dokument wier, mee en éischter administratiivt, an datt hien dofir bedauere géif, datt d'Leit do dogéint géife stëmmen.

Wann dat sou wier, wéi den Här Sehovic seet, da bräichte mer hei net ze sëtzen a bräichten och net driwwer ze schwätzen.

D'Schoulorganisatioun ass sou e politescht Dokument, wéi de Budget e politescht Dokument ass. An e speist sech ënner anerem aus Reflexiounen, déi Dir elo hei selwer presentéiert hutt. An dat si politesch Reflexiounen, déi do gemaach ginn. Zumindest d'Konsequenzen, déi een dorauser zéie muss.

An dofir muss ech soen, war ech och wierklech net ganz frou ... wësst Der, fir mech gëtt et schonn nach den Ënnerscheed tëschent richteg a falsch. A wann een emol eppes falsch seet, da kann dat jiddwerengem geschéien. Wann een awer insistéiert a behaapt, dat Richtegt wär falsch, obwuel een et eigentlech besser weess, dann ass dat, mengen ech, net ze akzeptéieren.

Et ass esou, wéi virdru gesot ginn ass, datt den Ale Lycée eng Entitéit fir sech ass an déi bei der LISER-Etüd virdrun och esou consideréiert ginn ass. Et ass also net esou, wéi Dir virdru gesot hutt, respektiv wéi déi Persoun lech geschriwwen huet, wou Der ofgelies hutt.

Wat de PDIS elo ugeet, do muss ech soen, wéi ech e gelies hunn, ass mer dat selwecht Erstaune gaangen oder widderfuer wéi dem Här Faltz. Ech hunn och geduecht, wéi, gëtt et dat do dann net scho laang. Sinn dann net déi viregt Schoulschäffen, den Här Weis oder d'Madamm Ragni oder den Här Tonnar, op déi Iddi komm, sou en Dokument ze erstellen.

An ech hu mer d'Fro gestallt, mee wéi ass da fréier geplangt ginn. Ënnert dem Här Weis, der Madamm Ragni an dem Här Tonnar. A sou wäit ech weess, sinn déi Zuelen, d'Natalitéitszuelen, déi sinn, datt ech et weess, zënter 25, 30 Joer sinn déi ëmmer weider kommunizéiert ginn. An ech huele jo un, datt déi Planungen, déi dee Moment gemaach gi sinn, datt déi deem och Rechnung gedroen hunn.

Ech mengen, dat, wat nei un dësem Dokument ass, ass, datt déi Informatiounen, déi et op der Gemeng gëtt, zesummegedroe ginn an datt mer déi eng éischt Kéier hei kënnen driwwer diskutéieren.

An dofir, wa virdrun a Superlativer geschwat ginn ass vun enger strateegescher Grondlag, déi mer heimadder géife schafen, muss ech soen, dat, wat erauskomm ass, sinn awer virun allem Projeten, déi mer scho ganz laang kennen. Deelweis ural Projeten. Projeten, déi schonn zënter 20 Joer am Tirang leien. Dat elo als grousse Fortschrëtt, strateegesch Perspektiv duerzestellen, fannen ech e bësse gewot.

Virun allem, wann een déi Etüden, déi fréier envisagéiert waren, fir déi Projeten eebe weiderzedreiwen, an déi de leschte Budget op Null gesat huet. Mam Argument, Dir géif un deem PDIS schaffen an dat wier eeben eng

wichteg strateegesch Orientéierung. Wou ech mer d'Fro stellen, ob Der awer och einfach nëmmen Zäit verluer hutt.

An d'Fro stellt sech – an dat gëllt souwuel fir d'LISER-Etüd wéi dat heiten Dokument. Et kritt een dat, wat ee freet. An dat ass elo keng Kritik un deene Beamten, déi dat hei geliwwert hunn. Mee wann ee just reng no de Capacitéite vu Gebaier freet, da kritt een eppes presentéiert, wat och just reng Capacitéite vu Gebaier presentéiert.

Et hätt ee kënnen aner Froestellunge mat eraginn, aner Zilsetzungen; wann dat da politesch gewollt wier. Et hätt ee kënnen op de Wee goen, komm, mer briechen Entitéiten erof. Komm, mir ginn ewech vun deene grousse Schoule mat véier, fënnef, sechs Zich. An dat wier eng Virgab gewiescht vun der Planung, vun der strateegescher Orientéierung.

Dat hätt kënnen eng Virgab sinn. Dat war et net. Et hätt ee kënne Virgabe gi vu Maximalzuele pro Schoulgebai. Dat hätt och kënnen eng Virgab sinn, wou ee sech dann herno strateegesch dorunner orientéiert.

Dir sot elo, et kéinten opgrond heivunner, et kéint een zesumme mat der LISER-Etüd kucken, ob een d'Ressorten net iergendwéi nei opdeele kéint.

Ech begréissen, datt Der wëllt d'Ressorten nei opdeelen, mee hätt dat net och scho kënnen en Deel vun der Froestellung sinn. Notamment, andeem een dann de sozioekonomesche Krittäre géif Rechnung droen. Oder anere Krittären, déi lech jo awer och ganz wichteg sinn an déi den Här Faltz och erwäänt huet, wéi zum Beispill de Séchere Schoulwee.

Alles dat hätt och scho kënnen en Deel heivunner sinn, fir dann eeben och kënnen ze soen, ma wéi eng Emplacementer vu Gebailechkeeten, déi mer bauen an Zukunft, sinn ze privilegéiere par rapport zu aneren Optiounen.

Zu de konkreete Konklusiounen, déi de Schäfferot dann zitt. Datt een d'Brill-Schoul wëll renovéieren a quasi d'Rout Lëns sou als Puffer hëlt, fir dann d'Kanner oder d'Unzuel vun de Kanner, déi an der Brill-Schoul waren, déi Zäit an der Rouder Lëns ënnerbréngt, obwuel d'Rout Lëns nach net vollkommen ausgelaascht ass, dat ass sécher gutt. Et bedeit awer och en zimmlech genaue Planing, deen een ëmmer muss ganz streng, mengen ech, beuechten.

Wat den Ausbau vun der Schoul an der Hiehl ugeet, fir d'Bëschklassen op néng ze setzen, sou ass awer dat, wat ech héieren hunn, net dat, wat do steet. Do steet nämlech, Dir wéilt en Train complet maachen. En Train complet géif bedeiten, datt Der eng Entitéit wéilt maachen.

Sou wéi ech lech verstanen hunn, wëllt Der dat awer net maachen. Dir wéilt do Bëschklassen, dat heescht, virun allem Kanner aus dem C1 an C2 dohinner bréngen. Ech géif éischter privilegéieren, do eng eegen Entitéit hinzebauen. Dat ass d'ailleurs eppes, wat mir och schonn zënter 20 Joer gefrot hunn.

D'Ersetze vum Brill 5, also vun der Schoul beim Conservatoire, ass laangfristeg virgesinn. Dat ass, mengen ech, och an der Rei. An ech mengen och, datt dat sollt dann dee Moment dès le début als eegen Entitéit geplangt ginn.

Déi selwecht Froe stelle sech d'ailleurs an der Duerstellung och fir d'Rout Lëns. Gëtt d'Rout Lëns eng eegen Entitéit oder gëtt alles zesummegeprafft fir d'Brill-Schoul?

An dat si politesch Froen, ob ee seet, mir maachen eng Entitéit. Well dohannendru stécht d'Virstellung, wéi eng Schoul-communautéit organiséiert soll sinn.

Dat si politesch Froen. Dat si keng verwaltungstechnesch Froen, och wann Är Ghostwriter dat vläicht sou gesinn.

Am Zentrum ass d'Groussgaass-Schoul, d'Vergréisserung, dat ass néideg, noutwendeg. An a Wierklechkeet wäert et och net zu enger Vergréisserung féieren, mee einfach dozou féieren, datt mer den normale Standard, dee vu Schoulen haut erwaart gëtt, endlech kënne gerecht ginn.

Vum Ale Lycée par contre hunn ech am Dokument näischt gesinn. Do ass d'Fro: Wéi geet et domadder virun? Dat schéngt mer awer batter néideg ze sinn, datt och dat Gebai renovéiert sollt ginn. An ech mengen, ech sinn net grad 20 Joer hei am Gemengerot, an d'Renovatioun vum Ale Lycée ass eppes, dat zënter 20 Joer am Gespréich ass. An 20 Joer ass op deem Beräich bis elo, zumindest strukturell, näischt geschitt.

Da sinn zwou nei Méiglechkeete vun Zentrumsschoule genannt. De St. Joseph – ech mengen, och dat ass en urale Projet, deen nach ënner dem virvirviregte Schäffen Tonnar iergendwann virun iergendwellche Walen aus dem Tirang gezu ginn ass an dunn erëm an den Tirang gestach ginn ass.

De Boulevard Berwart ass eng Iddi, déi net grad esou al ass. Mee och dat ass effektiv näischt Neies.

Béid Schoule sinn, mengen ech, am Prinzipp awer eng gutt Iddi, well och d'Dellhéicht onbedéngt misst entlaascht ginn. An ech schléisse mech och do dem Steve Faltz un, datt een, wat de Berwart ugeet, do wierklech eng Prioritéit misst drop leeën. Och aus urbanistescher Siicht.

Wou ech awer guer net mat lech averstane sinn, an och dat ass eng politesch Decisioun, dat ass, wéi d'Schoulentwécklung am Neiduerf soll sinn. Hei setzt Dir alles just op den Transport.

Dat heescht, déi bestoend Schoul soll zwar ausgebaut ginn, awer just fir den C1. Also och do erëm eng Kéier keng Zich, keng eegen Entitéit, mee just eenzel Klassen aus deem oder aus anere Quartieren.

An dat widdersprécht awer sou zimmlech allem, wat ee soll consideréieren. Nämlech datt et sollt eng eegen Entitéit sinn, datt et sollt eng Quartierschoul sinn. An datt mer – oder ech hoffen, datt ee sollt a Richung goe vu kleng a mëttelgrouss Strukturen.

An déi Behaaptung, datt dat um Site net méiglech ass, ass och net richteg. Et ass eng Etüd gemaach ginn ënner dem Buergermeeschter Mischo, déi gesot huet, dach, et ass machbar, do eng Schoul mat zwee kompletten Zich ze maachen. Et ginn allerdéngs, dat däerf een och net verheemlechen, et gi Problemer, wat den Accès fir e Bus ugeet.

Et gëtt awer och eng weider Propos, déi mer virun enger Zäit gemaach hunn an déi och vum Interesseveräin Neiduerf, mengen ech, awer och mam Schäfferot gedeelt ginn ass. Dat ass nämlech ronderëm déi aktuell Flüchtlingsstruktur, déi eigentlech och e Provisorium ass, sou ugeduecht war. Fir do eng eege Quartierschoul fir d'Neiduerf ze maachen.

Dovunner gesinn ech och näischt an deem heiten Dokument. An ech muss lech wierklech soen, datt dat awer wierklech eng Demarche wier, wann een d'Zilsetzung géif setzen, mir wëllen eegen Entitéiten, mir wëllen zesummenhängend Schoulcommunautéiten, eenzel Entitéiten hunn, dann hätt dat missen och an deem strateegeschen Dokument consideréiert ginn.

An hei hunn ech den Androck, mee et ass de Sammelsurium vun all deem, wat bis elo schonn iergendwann eng Kéier um Dësch war, nach eng Kéier zesummegeraf. An dofir mengen ech och net, datt dat sou dee grousse strateegesche Worf ass.

Maison relais um Lallenger Däich – ech kommen awer herno nach op d'Maison-relaisen, Madamm Ragni, ze schwätzen.

D'Maison relais um Lallenger Däich, do sollen dann eventuell och Klassesäll virgesi sinn, och wann eventuell just kuerzfristeg. Och dat wierkt fir mech éischter no Gewurschtels. Do gëtt dann alt erëm eng weider Annex iergendwéi an Aussiicht gestallt.

An den Nonnewisen déi zweet Schoul bei der eemoleger Renault-Garage. Dat ass richteg. Och dat ass schonn zënter Längerem diskutéiert ginn, datt dat misst sinn.

Och do ass wichteg, wéi se ausgestalt gëtt. Dat heescht, datt se net ze grouss gëtt. Zwee Zich, maximal dräi. Datt et eng eegen Entitéit muss sinn, mat integréierter Maison relais.

An datt dat net geschitt ass an datt dat an der Planung vun deem Quartier virun 10, 15 Joer net virgesinn ass, do ginn ech lech Recht, dofir kënnt Dir net. Mee et ass awer e Riseversäumnis vun der deemoleger LSAP-Gréng-Koalitioun.

D'Vergréisserung vun der Schoul Kleppen. Jo, dat ass sënnvoll an noutwendeg. Mee och do plädéiere mer dofir, dat soll eng eegen Entitéit ginn. An ech verstinn net, mat wéi engen Argumenter Der lech mordicus dogéint wiert.

Zu de Maison-relaisen. Effektiv, a mengen Notten hat ech se net erwäänt. Well Der effektiv Recht hutt, et ass mol eng Kéier, datt de Schäfferot, wat d'Maison-relaisen ugeet, um gudde Wee ass.

Et gëtt am Moment en Taux de couverture vu 57 %. D'Zil, wat gesat ginn ass fir 2029, wat also awer e räsonabelen Zäitraum ass, vun 73 % ass zumindest emol an de Parragë vun deem, wat et an Nopeschgemenge gëtt a misst, mengen ech, och als Zil weider verfollegt ginn. Dat ënnerstëtzen ech.

Ech hunn awer weiderhin och nach Bedenken, oder ginn ze bedenken, datt een onbedéngt de Schoulbau zesumme muss denke mat dem Bau vu Maison-relaisen. An am Moment lafe mer deem just hannendrun. Och mat deene Chaisen, déi am Moment weider geschafe ginn, well dat dann awer en Transport bedeit, well dat dann awer verschidden aner Problemer mat sech zitt.

Dat heescht, dofir all nei Struktur, déi gebaut gëtt, muss onbedéngt en rapport mat deem Bedarf u Maison relais zesumme geduecht ginn.

Bon, Dir mierkt, dat war keng administrativ Ried, mee eng politesch Ried. Vläicht, Här Sehovic, kënnt Der mer jo och politesch äntweren. Merci.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Baum.

D'Wuert geet dann un den Här Bermes.

M. Pascal Bermes (CSV)

Merci. Villmools merci och fir déi gutt Presentatioun.

Ech wollt just eng Klamer opmaachen. Also natierlech, Här Faltz, et geet hei net drëm, iergendeen ze vexéieren. Ech mengen, mir solle konstruktiv zesummeschaffen. An dir wësst ganz genau, datt ech quasi jiddereen

heibannen immens vill respektéieren. Wollt just eng Klamer zoumaachen.

Maison-relaisen ass wierklech gutt. Ech mengen, Taux de couverture, wéi ech hei déi éischt Schoulkommissioun mat war, loung se just ënner 40 %. Elo si mer bei 57 %. Mir ginn an déi richteg Richtung.

Bon, et kann een ëmmer soen, mir lafen no. Mee ech fannen awer, mir ginn no vir. Mir gi Gas, mir maachen dat Bescht. An dofir och all meng Felicitatiounen un all déi Servicer, déi do matginn.

Wéi ech dee Plang hei gesinn hunn, hunn dat net fonnt als Sammelsurium vu verschiddene Projeten, well ech hunn hei mol fir d'éischt Kéier e Konzept gesinn. Mir hunn eng Planung, mir hunn d'Donnéeën. Et gëtt op kuerz- a laangfristeg geplangt.

Selbstverständlech muss een d'Zuelen deemno wéi ëmmer adaptéieren. An et gesäit een, wou d'Besoine sinn an et kann ee strateegesch virgoen. An et ass sécher net gemengt, dass iergendeen hei soll e Stoussnéckel sinn. Ech mengen, mir kucken, fir datt jiddereen, all Kand déi beschtméiglech Infrastrukture kritt. An dat ass och gutt sou. Leider kascht dat vill,

Mee och d'Schoulplanung haut, et ass net méi wéi fréier. Haut sinn och Besoinen, déi musse fir d'Kanner sinn, d'Schoul muss anescht gemaach ginn, fir datt d'Kanner déi richteg Environnementer hunn, déi richteg Konditiounen hu fir ze léieren. An dofir fannen ech dat hei eng flott Initiativ.

Ech soen de Servicer Merci.

Bon, op déi puer Froen, déi elo hei gestallt sinn, gitt Dir, Här Sehovic, sécher selwer an. Well déi ware jo och schonn an der Schoulkommissioun gestallt ginn. Merci.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Bermes.

Da geet d'Wuert un den Här Schmit.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci villmools fir d'Wuert.

Jo, de PDIS, dee wou mer hei presentéiert kitt hunn, gesäit am Fong geholl op den éischte Bléck ganz gutt aus. Et gesäit sou aus, wéi wann do wierklech eng wissenschaftlech Approche geholl gi wär, fir déi Ausféierungen hei dann eis duerno och ze presentéieren.

Natierlech ass et trotzdeem, wéi och scho gesot ginn ass, eng politesch Fro. An zwar déi politesch Fro, déi wou sech hei haaptsächlech stellt, wat fir eng Zort vun Entitéiten, Gréisste wär de beschte Wee fir Esch. Ass de beschte Wee fir Esch.

An d'Approche, déi wou gewielt ginn ass, vun éischter grousse Strukturen, ass eppes, wat ech och éischter kritesch gesinn. Et ass jo scho gesot ginn, datt dat dee Punkt wär, wou d'Kritik sech festmécht. An dat ass och bei mir.

Ech gesinn dat och éischter sou, datt een éischter misst an d'Richtung vu klengen Entitéite goen, déi wou selbststänneg kéinte fonctionéieren an déi wou och am Fong geholl natierlech scho bei der Planung misst opgepasst ginn, datt se mat enger Maison relais fonctionéieren, déi wou, déi wou direkten Zougrëff direkt ass bei der klenger Entitéit, déi wou da gebaut gëtt oder a Betrib geholl gëtt.

Dat géif och bedeiten, Kanner manner mam Bus hin an hier ze féieren. Et ass net nëmmen, dass et e Sécherheetsproblem ass,

mee et ass och eng gewëss Penibilitéit, déi wou onbedéngt zu Esch net an deem Mooss noutwendeg wär.

An dofir, obschonn datt dee Plang hei sou wonnerbar ausgesäit a bestëmmt och vill Aarbecht dragestach ginn ass, fir en esou hierzestellen, stelle sech d'Froe vun am Fong geholl dem Wee, wou do politesch gewielt ginn ass, fir op déi Richtung dann hei ze kommen.

Virdrun ass nach gesot ginn, ob den Här Sehovic e Ghostwriter hätt. Ech hoffen, hien huet net e Ghostrider, wou d'Iddien hierkommen am Fong geholl, a wéi een drop kënnt a mat wellche Leit a mat wellche Sourcen am Fong geholl, wat ee consultéiert, fir da selwer op eng Entscheedung ze kommen an op e Wee ze goen.

Natierlech mat, warscheinlech, Abannung vun de Koalitiounspartner ass bestëmmt eng ganz Geschicht. A wann een eis do kéint e puer méi Detailer doriwwer vläicht soen, wann et net Secret defense ass, dat wär vläicht ganz interessant fir jiddweree vun eis.

Wéi gesot, ech soen och nach eng Kéier Merci fir déi Presentatioun. Ech muss soen, se huet mer ganz gutt gefall, wat d'Presentatioun selwer ugeet.

Natierlech wat déi politesch Froen, déi wou dohannert stoen, ass et net onbedéngt dat selwecht. Dat ass jo trotzdeem e Plang, dee wou eis quasi op Joerzéngte bënnt. A jo, ech hunn, solle mer soen, ech sinn do éischter trotzdeem kritesch dozou agestallt.

An ech hoffen, wéi gesot, datt déi Kritikpunkten, déi wou een do kéint hunn, datt een do gutt Argumenter geliwwert kritt, déi wou da beweisen oder, solle mer soen, op d'mannst déi Kritik da kënnen erofsetzen. Also méi niddereg halen.

Wat ech nach wollt – vläicht eng kleng Saach nach just ass, mir hate jo gesot bei der Prise en compte vun all den Donnéeën, do kéinte jo vläicht verschidden Imponderabelen dat e bëssen duerchernee geheien.

Eng Saach, déi wou do gesot ginn ass, ass, datt net ëmmer jiddwereen, dee wou d'Residence an engem Quartier huet, och an déi Schoul do geet. Dat ass schonn e laange Kritikpunkt, also do hu scho vill Leit mat där Saach do gekämpft.

Ech weess net, ob een do an déi Richtung geet trotzdeem, fir dat sou kleng wéi méiglech ze halen an déi Zuelen ze resorbéieren. Net nëmmen, datt et iergendwéi ongerecht ass, mee et ass och am Fong geholl – ausser et huet een natierlech gutt Grënn. Mee et ass och am Fong geholl eppes, wou eng Planifikatioun deelweis kéint duerchernee geheien. An do muss een trotzdeem kucken, datt dat net ausufert.

Jo, voilà, merci villmools.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

Madamm Scholl.

Mme Daliah Scholl (DP)

Ma villmools merci, Här Birsens, fir déi wonnerbar Presentatioun vun dem PDIS. Et garantéiert eis eng Planungssécherheet. An eis Politik mécht keng Navigation à vue.

Ech hunn allerdéngs eng Fro, wat déi parascolaire Méiglechkeeten ergëtt. Well mir hu jo och e Conservatoire. Et ass och en Defi, fir eis Kanner effektiv an de Conservatoire hinzekréien.

Awéifern ass dann do iergendwou eppes virgesinn, fir déi Kanner da vun A op B ze kréien, fir eise Museksunterrecht och weiderhi wonnerbar kënnen ze garantéieren? Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Et gëtt soss keng Wuertmeldung, dann huet den Här Sehovic d'Wuert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter. Merci lech alleguerte fir déi gutt Diskussioun a fir déi sëlleg Remarken.

Ech fänke vläicht u beim Här Schmit mat der Fro, wéi dat entstanen ass, an déi Fro, déi jidderee beschäftegt, ob ech dann elo e Ghostwriter hunn oder net.

Här Schmit, vläicht zum Prozess eng Kéier ganz kuerz. Deen heite Plang ass diskutéiert an ausgeschafft ginn am Groupe de travail Ecole.

Wat ass de Groupe de travail Ecole? Dat ass en internen Aarbechtsgrupp, dee mer hei op der Gemeng gegrënnt hunn, deen zesummegesat ass aus verschiddene Servicer. Service Division de l'Architectes, Division du Développement urbain, Service scolaire, Service vun der Kannerbetreiung, der Regionaldirektioun 6, also d'Vertrieder vum Educatiounsministère hei zu Esch an eeben de Schoul-, an a mengem Fall ass dat dann och gläichzäiteg de Bauteschäffen.

An deem Aarbechtsgrupp hu mer relativ laang eigentlech eis mat deem heite Sujet befaasst. Den Joe krut dann do den Input vun all deene Säiten, well eeben hei et wierklech drëm gaangen ass, fir Wëssen, wat mer op ville verschiddene Plazen hunn, an Donnéeën, déi mer op ville verschiddene Plazen hunn, zesummefléissen ze loossen an eng global Iwwersiicht, déi eeben de PDIS soll duerstellen.

Dat ass ausgeschafft ginn, et ass virgestallt ginn an der Schoulkommissioun dëse Méinden. An elo gëtt et eeben hei virgestallt an ass eeben d'Basis fir eis weider Iwwerleeungen.

Nee, ech hu kee Ghostwriter, Här Schmit. Ech schreiwe meng Riede selwer. Natierlech op Basis vun deem wäertvollen Input, deen ech vun eise Beamtinnen a Beamte kréien. D'Rieden entstinn an der Reegel och – vläicht e klengt Beruffsgeheimnis dann – an der Nuecht virum Gemengeconseil.

Heiansdo kréien ech SMSen, Här Baum, effektiv, da liesen ech déi och of. Et ass meeschtens, wann hei iergendeen eppes seet, wat wierklech sou falsch ass, dass de Beamten, deen dat weess, sou revoltéiert ass, dass hie seet, hei, ech schreiwen dem Schäffen en SMS, fir dass hien dat awer richtegstellt. Sou dass dann och déi SMSen heiansdo an d'Diskussioun afléissen.

Sou vill zu den niewesächleche Saachen. Komme mer elo awer op déi méi wichteg Remarken, déi genannt gi sinn. An ech fänke beim Här Faltz un.

Ech mengen, wat de parallellen Ausbau an Ëmbau vun der Schoulinfrastruktur an dem Environnement ëmgeet, muss ech soen, ginn ech lech ganz Recht.

Mir hunn et an den neie Projeten och versicht, esou ze maachen. Mir hunn zum Beispill fir d'Rout-Lëns-Schoul ee Coordinateur de projet definéiert. Dat ass d'Madamm Daisy Wagner. Déi och den Optrag huet, eigentlech d'Informatiounen aus alle Servicer zesummenzebréngen an dat doten

e Stéck wäit ze koordinéieren, fir dass mer eeben d'Alentouren zesumme mat de Gebailechkeete kënnen entwéckelen.

An der Rouder Lëns, wou mer an engem komplett neie Quartier sinn, deen entstoe wäert, ass eeben ze kucken, a wéi wäit dat ka gemaach ginn. Wëssend dass och, wann d'Schoul do steet, den Developpement vun deem Quartier nach net wäert fäerdeg sinn. An do domadder ze rechnen ass, dass schonn nach an de Joren duerno och nach am Quartier wäert geschafft ginn.

Par rapport zur Groussgaass-Schoul zwou Remarken. Op der enger Säit, déi Aarbechten um Preau.

Mir hu versicht, wéi mer als Schäfferot d'Decisioun geholl hunn, dass mer elo carement an den Ausbau gi vun der Schoul, um Niveau vum Preau eppes ze maachen, wat och dann nach sënnvoll ass, wa mer d'Schoul ausgebaut hunn. An dowéinst si mer do amgaangen – an do war déi lescht Reunioun, ech hunn nogekuckt, nach de 16. Mee. Dat heescht, et ass elo net en Dossier, deen iergendwou an engem Tirang läit, mee un deem aktiv geschafft gëtt.

An an deem kuerzfristegen Ëmbau, déi kuerzfristeg Noutinterventioun wäerte mer maachen, virundreiwen. Do si mer amgaangen. Mee vill méi wichteg, déi wäert sech och direkt dann areien an déi Aarbechten, déi mer och duerno nach wëlle maache fir den Ausbau vun der Schoul.

Wat de Käschtepunkt ugeet vun de Gebaier, vun de Schoulgebaier, ass dat effektiv eng Diskussioun. Ech mengen, dass dat eng Diskussioun ass en général.

Zur Rout-Lëns-Schoul wëll ech soen, dass en Deel vun de Méikäschten, déi entstinn an deem Bau, och domadder ze dinn huet, dass mer dès le départ als Schäfferot gesot hunn, mir wëllen dat Gebai sou bauen, dass mer kënnen dès le départ och e Centre de compétences empfänken. An zwar wierklech um Niveau vu méiglechst inklusiv.

Dat huet eng ganz Rei Implikatiounen op d'Breeten an de Gänk, d'Dieren a sou weider a sou virun. An dat huet e gewësse Käschtepunkt. Woubäi ech awer elo och am Verglach mat den Nopeschgemengen a sou weider net constatéieren, dass mer weesentlech méi deier baue wéi déi aner.

Ech hunn elo nach eng Nopeschgemeng, net wäit vun hei, déi just eng Maison relais baut fir de Käschtepunkt vu 34 Milliounen Euro.

Et ass sécher e stéckwäit d'Baukäschten, d'Materialkäschten, déi eng Erklärung sinn. Et ass warscheinlech awer och e stéckwäit den Normewirrwarr, dee mer hunn.

Et ass gesot ginn, mir sollen d'Maison-relaise mat de Schoulgebaier zesumme plangen. Dat maache mer jo an all eisen neie Gebaier. Do gëtt et am Moment nach komplett verschidden Norme fir d'Maison relais eréi fir d'Schoul. An dat si Saachen, déi dann och kënne Méikäschte produzéieren. Wou ech mer einfach erhoffen, dass et do zu enger Harmoniséierung kënnt.

An dann ass, mengen ech, awer all Cent, dee mer an e Schoulgebai investéieren, e gutt investéierte Cent, well en am Endeffekt dann den Escher Kanner zeguttkënnt.

Mee ech mengen, Dir hutt scho Recht, et muss een e bëssen am Bléck behalen natierlech, wéi een ëmgeet mat Steiersuen. A bei de Schoulen, mengen ech, maache mer dat ëmmer mat beschtem Wëssen a Gewëssen, fir wierklech eng Plus-value fir d'Kanner ze schafen.

De Schéma directeur Berwart ass ugeschwat ginn an do de Besoin vun enger Schoul. Nach eng Kéier: Op Basis vum PDIS huet de Schäfferot decidéiert, dass mer en Deel vun där Réserve foncière, déi mer do hunn, effektiv reservéiere fir de Bau vun enger Schoul.

Et kann een awer – dat wëll ech preziséieren – menger Meenung no de Schéma directeur Berwart eeben net komplett onofhängeg gesi vun der Metzeschmelz.

Mir wäerten och an den nächste Méint nach eng Kéier am Gemengerot doriwwer nach eng Kéier disktuéieren, well notamment déi Fro vu wéi eng Entréeën a wéi eng Iwwergäng wëlle mer tëschent dem gewuessenen Esch an dem neie Quartier Metzeschmelz organiséieren. Wou wëlle mer, dass Circulatioun féiert a sou weider.

Dat wäert alles eng Implikatioun hunn och op de Schéma directeur Berwart, sou dass ech dovunner ausginn à ce stade, dass mer do och nach eng Rei Adaptatiounen an deem Schéma directeur wäerte maache mussen. An dann och hei am Gemengerot diskutéieren.

An natierlech sinn dat awer alles Virkonditiounen, fir duerno kënnen an eng méi konkreet Planung ze goen. Mee dat ass awer, wéi gesot, ugeduecht ginn.

Zum Ale Lycée. Do eng kleng Prezisioun, wann ech et net erwäänt hunn a menger urspréngleicher Ried, da wëll ech dat awer ganz, ganz sécher nohuelen. Natierlech ass och fir den Ale Lycée – dat gesäit een duerno awer op deem Plang do – eng Renovatioun vum Gebai envisagéiert.

Wat d'Bëschklassen ugeet, sou hunn ech gesot, dass de Schäfferot decidéiert huet, d'Zukunft ze garantéieren an eeben och den Ausbau vun der Offer kënnen ze maachen op néng Schoulklassen.

Dir hutt, Här Baum, eis jo nach eng Kéier opgekläert iwwer d'Ënnerscheeder, oder d'Definitiounen an d'Begrëfflechkeeten am Schoulwiesen.

(Interventioun Här Marc Baum)

Do schwätzt Der elo fir lech dann.

Mee déi néng, dat wär e kompletten Zuch. An da wäre mer an der Méiglechkeet, fir eng komplett Entitéit ze hunn.

Dat ass eng Decisioun, déi net nëmmen ofhänkt vun der Infrastruktur. Dat ass eng Decisioun, déi duerno, wéi soll ech soen, op d'pedagogesch Plus-value ze préiwen ass a sou weider.

Mir sinn am Echange eigentlech mat der Schouldirektioun, fir eppes ze maachen, wat wierklech och noutwendeg ass. Nämlech fir ze kucken eigentlech, dee Suivi ze assuréieren a besser ze verstoen, wéi geet et de Kanner, déi am Cycle 1, Cycle 2 an de Bëschklasse waren an dann duerno weiderginn an eng aner Schoul.

Dee Suivi hu mer ugefaangen, méi ze systematiséieren. An aus deenen Erkenntnisser erhoffen ech mer schonn och da Pisten dorobber, fir eng Decisioun kënnen ze huelen. Eng definitiv Decisioun ze huelen, ob mer dann tatsächlech géingen op de Wee goe vun enger Bëschschoul. Also enger Entitéit en soi, wou een da vum Cycle 1 bis op de Cycle 4 kéint goen.

Dat ass en Engagement, deen ech à ce stade net wëll huelen. Mee de PDIS, d'Decisioune vum Schäfferot schafen awer d'Prekonditioun, fir dat doten awer perspektivesch kënnen ze maachen. Sou dass dat definitiv eng Iwwerleeung ass, déi mer och am Kapp behalen.

Wat d'Neiduerf ugeet, mengen ech, ass dat e bëssen eng Diskussioun, déi schonn

e laange Baart huet a wou et och schonn eng ganz Rei vu Propose gouf. Dorobber ass agaangen.

An do ass, mengen ech, de PDIS och kloer, an och de Choix vum Schäfferot. Mir wäerten am Neiduerf keng Entitéit kréien.

Et ass wuel richteg, dass mer um Site Potenzialer hunn, fir auszebauen. Déi wäerte mer och ausnotzen. Mee mir sinn der fester Iwwerzeegung, dass mer op där Plaz an an deem Quartier, notamment wéinst der Mobilitéitssituatioun, déi och schonn ugeschwat ginn ass par rapport zum Schoulwee, Schwieregkeeten hunn.

A wa mer do nach vill, vill méi Verkéier erapompelen – an d'Erfarung ass awer, dass eng Schoul, eng grouss Schoul Verkéier mat sech zitt, da si mer der Meenung, dass mer dat net do anstänneg geréiert kréien. Sou dass mer festhalen um Prinzipp, dass mer de Cycle 1 am Neiduerf wëlle beschoulen an doriwwer eraus dann e Schoultransport organiséieren.

Woubäi ech awer dobäi nach eng Kéier wëll soen, de Schoultransport gëtt assuréiert vun der Stad Esch. Eis Chauffere si gutt ausgebilt, mir hu gutt Bussen. Et ass e komfortabelen Trajet. Also ech mengen, dass et keng Katastroph ass an och iwwerall am Land usus ass, op ganz ville Plazen, dass een awer mam Bus an d'Schoul fiert.

Ech mengen, dass dat zoumuddbar ass an dass et vill méi wichteg ass, do, wou Kanner mam Bus ukommen, se duerno an engem gudden Environnement sinn. An dat versiche mer, sécherzestellen.

Par rapport zum Schoulwee, Här Faltz, deelen ech Är Frustratioun par rapport zu der Situatioun am Neiduerf. Dir hutt selwer jo verwisen op Ponts & Chaussées. Mir sinn do op enger Staatsstrooss.

Eis Servicer hu Projeten ausgeschafft, engersäits wat d'Entrée en ville vum Käler Potto ugeet an de Quartier eran, wou mer schonn zënter Laangem eigentlech der Meenung sinn, dass déi bestoend Situatioun onsécher ass, onnéideg Risike mat sech bréngt an dréngend misst modifizéiert ginn.

Dat selwecht gëllt fir d'Verkéiersberouegung an der Haaptstrooss. Do muss ech soen, dass mer am Moment fir déi Projeten, wou mer Autorisatiounen ugefrot hunn, keng Autorisatioune kritt hu vu Ponts & Chaussées.

Déi Diskussioune wäerten awer weidergoen an ech wäert net akzeptéieren, dass mer do mam Argument, dass et sech ëm eng Staatsstrooss handelt, d'office ausschléissen, dass do en Tempo30 ka sinn. An dass mer aus dem selwechten Argument och net geneemegt kréien, fir eng vun eisen Entrée-en-villë fir eis Residenten do méi sécher ze gestalten.

Dat heescht, dat ass en Diskussiounstheema, e Konflikt vläicht och mat Ponts & Chaussées a mat de staatlechen Instanzen, dee mer wäerte weiderféieren. An ech ginn lech d'Garantie, an ech hoffen do och op Är Ënnerstëtzung an och op d'Ënnerstëtzung vum Interesseveräin, vun de Biergerinnen a Bierger aus dem Quartier, fir eis ze hëllefen, do Drock opzebauen op d'national Instanzen, fir dass mer do am Neiduerf endlech kënnen dat maachen, wat mer alleguerten eigentlech scho méi laang wëllen: eng anstänneg Verkéiersberouegung an eng sécher Entrée en ville. Wéi gesot, dat sinn Efforten, déi weiderginn.

Wat d'Ressorten ugeet – ech wëll dat elo net nach eng Kéier am Detail undiskutéieren, well mer et scho beim leschte Punkt haten.

Ech hu jo gesot, wéi mir eis dat virstellen. Dass mer elo mam PDIS, mat der LISER-Etüd eng Rei Elementer hunn, déi eis erlaben, elo wou mer wëssen, wéi e Besoin op eis duerkënnt,

wou mer wëssen och, wou Schoulgebaier wäerten entstoen – dat ass eng vun de groussen Neierungen hei. Mat där Réserve foncière, déi mer hei en place setzen. Déi een hei och op der Kaart jo ganz gutt gesäit.

Mir wëssen elo, wou mer wëlle Schoulen a Schoulinfrastrukture bauen. An dat ass awer eng weesentlech Informatioun, wann een d'Schoulressorten zéie wëll.

An déi Informatioune wäerte mer elo – an dat sinn och net Aarbechten, déi a wäiter Zukunft virlafen. Well wéi gesot, d'LISER-Etüd gëllt nach fir déi nächst Schoulorganisatioun. Dat heescht, d'Virbereedungsaarbechten fir déi och nei ze maachen an dann déi nei Erkenntnisser afléissen ze loossen, déi wäerte geschwënn och ufänken.

An da wäerte mer op Basis dovunner och – wéi gesot, déi Diskussioun iwwer d'Schoulressorten, wou ech lech ganz Recht ginn, dass se muss geféiert ginn, op wierklech enger objektiver Basis kënne féieren.

Dat heiten ass, mengen ech, net de Schlusspunkt vun där Diskussioun. Dat doten ass och näischt, wat an iergendengem Tirang wäert verschwannen, mee au contraire, ganz uewen op eiser Prioritéitelëscht bleiwen.

An nach eng Kéier, wéi ech och gesot hunn, sech och muss widderspigelen am nächste Budget, an de Budgeten doriwwer eraus.

Wat d'Fro vum Conservatoire ugeet, ass dat jo net a mengem Kompetenzberäich. Dat ass eng Fro, déi ech vläicht weiderginn un de Kolleeg Knaff, deen dofir zoustänneg ass. Just den Hiweis, dass mer grondsätzlech, wat d'Erweiderung vun de Capacitéiten ugeet, jo eigentlech Gebailechkeete reservéiert hunn. Dat aalt ARBED-Mines-Gebai.

Bon, wann et do nach méi gëtt ...

(Ënnerbriechung)

Nee, den Här Knaff ass zoustänneg fir den Enseignement musical hei an der Gemeng.

(Interventiounen)

Ech hat verstanen, et wär ëm Capacitéite gaangen, wéi gesot. Den Hiweis, wat d'Gebailechkeeten ugeet, déi sinn do. Ech weess net, ob et doriwwer eraus nach eppes Aneres ze soe gëtt.

Merci fir d'Diskussioun.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Ech mengen, dass Der eigentlech iergendwéi probéiert hutt, fir op d'Fro ze äntweren.

Ech wëll och soen, dass de Conservatoire vläicht elo net zum Punkt dozougehéiert huet. Mir hu jo och d'Schoulorganisatioun vum Conservatoire. Do kënnt dann den Här Knaff bestëmmt nach gär op d'Froen zeréck.

Kënne mer wannechgelift d'Dier zoumaachen?

Voilà, da komme mer bei de Punkt ... elo stëmme mer dat do of. Mir stëmmen deen do Plan of.

Decision steet am Ordre du jour. An ... Här Sekretär, stëmme mer of oder stëmme mer net of?

(Kloerstellung vum Här Jean-Paul Espen, Generalsekretär)

Da war e Feeler um Ordre du jour. Dann entschëllegen ech mech dofir.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Här Buergermeeschter, ech ka vläicht ee Wuert als Erklärung dozou ginn.

Dat ass e Feeler effektiv. Am E-Conseil ass korrigéiert ginn. Dann ass et an der gedréckter Versioun leider gemaach ginn. Hei ass kee Vott virgesinn.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Okee. Dann hu mer dofir d'Erklärung.

3. Nonnewisen Lots 6N et 7N ; modification d'affectations et adaptation des prix de vente ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei e Punkt, wou mer awer ofstëmmen. Dat ass d'Nonnewisen. D'Nonnewisen, d'Loten 6N a 7N, wou mer Modifikatioune wäerte bei der Affektatioun a bei de Verkafspräisser stëmmen.

Et ass e Punkt, dee scho sou munchem hei bei eis, awer och sou munchem an der Administratioun vill Aarbecht, vill Gedanken, an heiansdo och e puer Suerge bereet huet.

2003 huet de Gemengerot d'Entwécklung vum Quartier Nonnewisen decidéiert. E Quartier, deen déi verschidden ëffentlech Bauacteure sollten entwéckelen a realiséieren. E Quartier vum Logement abordable an domadder indirekt och – an dat ass e Punkt, dee mer net sou konnten novollzéien an dee mer och remediéiert hunn – e Quartier, wou urspréngglech keng sozial Locatioun ugeduecht war.

Och d'Stad Esch huet selwer ugefaangen, ze bauen. 2017 goufen d'Bauprojete 7N a 6N du schlussendlech decidéiert. Dat sinn 62 Haiser an 19 Appartementer, déi alleguerten am Logement abordable am Bail emphytéotique sollte verkaf ginn.

Op der enger Säit war et e wäitsiichtege Projet, deen der vläicht gréisster Erausfuerderung vu ville jonke Mënschen, nämlech der Méiglechkeet, Proprietär vun engem Eegenheem ze ginn, sollt erëm entgéintkommen, fir dat ze erméiglechen.

Op der anerer Säit e Projet, deen d'Stad Esch an dëser Envergure nach net esou kannt huet an d'Stad Esch viru vill Erausfuerderunge gestallt huet. An dat an engem Quartier, wou national Profien am Beräich änlech Projete géingen entwéckelen – an dat wëll ech awer ervirhiewen, ëmmer an enger gudder Zesummenaarbecht, an engem gudde Matenaner, an engem gudden Austausch an an enger Ënnerstëtzung.

D'Vente vum Lot 7N, also 36 Eefamilljenhaiser, mat enger Wunnsurface vun 135 m² a Gaart fir e Präis vu 642.000 € gouf de 27. Mee 2023 lancéiert.

D'Vente vum Lot 6N – op der enger Säit 19 fäerdeggestallt Wunnenge mat enger Wunnsurface tëschent 73 an 105 m² a Präisser tëschent 361.000 a 555.000 € souwéi op der anerer Säit 26 Triplexe mat enger Wunnsurface tëschent 76 an 140 m² a Präisser tëschent 538.000 a 749.000 € – ass den 11. Juli 2014 lancéiert ginn.

Am 7N sinn entre-temps 6 Haiser vun deene 36 verkaf ginn. Am 6N sinn et 13 vun den 19 Wunnengen, awer leider nach keen Triplex.

Dat ass natierlech net dat, wat d'Stad Esch sech erwaart huet, an et ass och net dat, wat mer eis gewënscht hunn. Dat selwecht zielt awer och fir déi aner national

Wunnengsbauacteuren, déi an enger änlecher Situatioun sinn an och hir Projeten nëmme schwéier verkaf kréien.

Ech wäert elo net weider op d'Grënn heifir agoen, well mir kennen alleguerten d'Entwécklunge vum Wunnengsmarché an de leschte Méint, an de leschte Joren. Et ass och e Sujet, dee mer hei thematiséiert hunn, an nach am Januar opgrond vun engem Punkt, deen déi Lénk deemools op den Ordre du jour gesat hunn, wou mer iwwer d'Vente an d'Locatioun an den Nonnewisen geschwat hunn.

Ech konzentréiere mech op d'Presentatioun vun de Mesuren, déi d'Vente am 6N an am 7N soll undreiwen, respektiv d'Ëmdenke par rapport zu der Locatioun op dëser Plaz, déi mer mat Berodung vum Fonds du Logement entwéckelt an och tëschent de Parteien diskutéiert hunn.

Fir de Lot 7N proposéiere mer, de Block F an de Parc locatif vun der Stad opzehuelen. Dat bedeit, dass mer d'Aarbechten a sechs Haiser géingen ofschléissen an déi dann iwwer de Service Logement am Bail social géinge verlounen.

Finanziell bedeit dëst, dass mer d'Achèvementsaarbechte mussen ofschléissen. Dat fir e Coût vu 403.000 €. En Devis, dee mer herno wäerte stëmmen.

Mer verléieren natierlech och d'Recettë vun enger méiglecher Vente; dat sinn ongefëier 3,8 Milliounen Euro. Op der anerer Säit kréie mer awer Subsiden. Do rechne mer mat 2,7 Milliounen Euro, déi mer kréien.

Et bleiwen dann nach 24 Haiser an den Nonnewisen, déi mer awer an der Vente wëlle loossen. Allerdéngs mat der Propos, fir de Verkafspräis op 320 € fir de Meterkaree Surface utile habitable erofzesetzen. Domadder ginn d'Präisser dann op ënner 600.000 € erof.

Op de ganze Quartier gerechent verzichte mer domadder op en Akommes vu ronn 1 Millioun. En contrepartie dierf een net vergiessen, dass awer och d'Eidelstoe säi Präis huet. Ech denken un de Gardiennage, ech denken un de Stroum, ech denken un d'Hëtzes vun den Haiser, d'Assurancen etcetera.

Gläichzäiteg proposéiere mer och, d'Infrastrukturkäschten net un déi zukünfteg Proprietäre weiderzerechnen. D'selwecht d'ailleurs och fir de 6N. Zukünfteg Proprietären, déi weiderhin am abordabele System Bail emphytéotique wäerte kafen.

Mir hätten och aner Weeër kënnen aschloen, mee mer bleiwen awer an dësem System.

Et ass och ee Moment iwwer aner Méiglechkeete – jo, dat hunn ech gesot. Et ass och ee Moment iwwer aner Méiglechkeeten diskutéiert ginn. Et war och ee Moment eng Iwwerleeung, fir ze soen, firwat rëschte mer net alleguerten d'Buedzëmmeren an alleguerten, net alleguerten d'Haiser mat Buedzëmmer a mat Kichen no.

Bon, dat ass net zeréckbehale ginn, well dat net déi kuerzfristegst Léisung gewiescht wier, mee wierklech eng längerfristeg Pist gewiescht wier, mat deene ganze Prozeduren, Ausschreiwungen a sou weider. An den Opwand hätt eis wierklech vill Zäit kascht. An an dësem Fall ass Zäit jo dann och gläichzäiteg mat enger monetärer Valeur ëmzerechnen.

D'Experte vum Fonds du Logement, déi zoustänneg si fir d'Vente vum 6N, hunn erkläert, dass am Fall vum 6N virun allem de Fait, dass d'Triplexen nach keng fäerdeg Kichen a kee fäerdegt Buedzëmmer hunn, eventuell dat ass, wat d'Proprietären ofschreckt. Oder zukünfteg Proprietären ofschreckt.

Dofir gëtt haut am Gemengerot proposéiert, dass mer d'Aarbechten ufänken, fir dës Elementer no an no anzebauen.

Hei ass et och esou, dass mer näischt mussen nostëmmen. Well de Budgetsartikel dës Aarbechten nach géing hierginn, brauch elo à ce stade keen Devis dann nogestëmmt ze ginn.

Dëst erméiglecht eis awer och, wann d'Vente géing ausbleiwen, mer ëmmer nach an enger nächster Phas hei decidéiere kënnen, fir och deelweis verschiddener vun dësen Triplexen an d'Location sociale ze huelen. Woubäi natierlech d'Vente à ce stade d'Prioritéit bleift.

Hei gëtt proposéiert, fir de Präis op 340 € fir de Meterkaree Surface verticale erofzesetzen, woumadder de Verkafspräis jee no Gréisst ëm 43.000 bis 53.000 € erofgeet.

An der Finanzkommissioun gouf gefrot, firwat mer d'Präisser net einfach ugläichen. Bon, dat huet domadder ze dinn, dass et einfach verschidden Elementer sinn.

Et brauch een déi zwee Biene just ze kucken an da gesäit een, dass mer op der enger Säit vun Triplexe schwätze mat enger Terrass, déi am 6N relativ no unenee gebaut sinn. An op der anerer Säit schwätze mer vun Haiser, déi awer eenzel stinn am 7N, mat Gäert. An esou kéint een einfach weider Elementer nach opzielen, wat den Ënnerscheed tëschent deenen Haiser ausmécht.

A mir wëllen och net eng Situatioun herno eigentlech dorauser erauskréie mat der Upassung, wou ee géing soen, déi eng Haiser ginn an der Valeur oder am Akaf méi erofgesat wéi anerer. Dowéinst, d'Rechnungen, déi sech hei erginn, mécht, dass mer beim selwechte Sputt bleiwen. Mer bleiwe bei engem Sputt, wou tatsächlech dann tëschent 40.000 a 50.000 € de Präis, oder 53.000 €, wou de Präis dann erofgeet.

D'Appartementer am 6N gi gutt verkaf am Moment. Dofir ass et och net ugeduecht, fir hei weider Upassunge virzehuelen. Hei ass wierklech de Plus, dass d'Surfacë kleng sinn, dass se fäerdeg ofgeschloss sinn. Dass et och Elementer sinn, wou ee méi einfach Prête kritt, well de Präis einfach méi niddereg ass. Déi dozou bäidroen, dass hei d'Vente besser verleeft.

Dës sinn elo Proposen, déi mer dem Gemengerot hei virleeën. Proposen, mat deene mer hoffen, d'Vente virunzedreiwen. Dat awer net, an dat wëll ech betounen – dat war och eppes, wat mer, mengen ech, an den Diskussiounen tëschent de Parteien ëmmer erëm alleguerte gedeelt hunn.

Et ass net d'Fro, fir dat just aus finanzieller Siicht ze betruechten, mee et ass och wierklech d'Fro, fir dem Objektiv hannendrun trei ze bleiwen. Fir ze soen, mir wëlle sou schnell wéi méiglech, dass déi Haiser kënne genotzt ginn, dass se kënne kaf gi vu jonken a manner jonke Mënschen. Beschtefalls Escherinnen an Escher.

Fir hei kënnen, well mer vun Haiser schwätzen, awer kënne sech eng Famill opzebauen, e Liewe sech opzebauen. An dat soll d'Logik vun den Haiser bleiwen.

Wann dës Propose géingen ugeholl ginn, da géing dat och bedeiten, dass mer an enger nächster Etapp eeben d'Konventioun mam Fonds du Logement erëm upassen. De Fonds du Logement huet am Moment nach ëmmer d'Missioun, fir de 6N an eiser Missioun ze verkafen.

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Den Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och fir déi Presentatioun.

Vläicht just nach e puer Saachen, déi een ergänzend soe kann. Mir ënnerstëtzen déi doten Demarche vum Schäfferot.

Ech mengen, datt et eis awer och soll ze denke ginn, fir all méiglech zukünfteg Projeten, ob et wierklech, wéi dat deemools virun 20 Joer ugeduecht ginn ass, ob et wierklech d'Aufgab vun enger Gemeng ass, Wunnraum op proprietärer Basis ze schafen. Ob et net éischter d'Aufgab vun enger Gemeng ass, weider an de lokative Wunnraum ze investéieren. Wéi dat ënner anerem elo och op der Rouder Lëns dann an Zukunft soll geschéien.

Effektiv si mer frou, datt de Schäfferot dëse Wee elo gesicht huet; wéinst zwou Saachen. Éischtens, de Schäfferot huet an dësem Fall effektiv och den Dialog mat der Oppositioun gesicht. Déi dote Proposen och diskutéiert, presentéiert der Oppositioun. An ech mengen, datt een dofir och als Gemengerot dat heiten, souwuel och vun der Demarche wéi vum Inhalt, ënnerstëtze kann.

Vum Inhalt souwisou, Dir hutt et gesot. Mir hu virun engem hallwe Joer als Lénk e Protestpiquet gemaach an den Nonnewisen. Kuerz drop hu mer am Gemengerot doriwwer geschwat, datt de Leerstand, sou wéi en am Moment ass, op jidde Fall keng Solutioun ass. An datt ee muss op de Wee goen, dee Leerstand ze mobiliséieren.

En éischte Schrëtt ass effektiv, datt ee vun der Proprietéit ewechkënnt an d'Locatioun mat deene sechs Wunnengen, wéi de Schäfferot dat och hei proposéiert.

An dann effektiv och nach eng Kéier muss kucken, fir d'Präisser erofzesetzen. Och dat gëtt mam zweete Volet vun dëser Propositoun gemaach. An et méi attraktiv ze maachen, nämlech de Par Achèvement. Dat heescht, et weiderzedreiwen, datt d'Wunnengen och fäerdeg sinn, datt se éischter direkt bezuchsfäeg sinn, fir se méi attraktiv oder potenziell méi attraktiv ze maache fir zukünfteg Keefer.

Dat sinn dräi Mesuren, déi, mengen ech, ganz richteg sinn, déi mer ënnerstëtzen. A mer freeën eis driwwer, datt och Propositioune vun der Oppositioun da kënnen ëmgesat ginn. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Baum.

Den Här Faltz an duerno den Här Schmit.

M. Steve Faltz (LSAP)

Jo, wéi gesot, villmools merci fir déi Prezisounen.

Ech wéilt och elo net just eppes soen, fir eppes ze soen. Ech well mech dem Här Baum senge Wierder uschléissen.

Ech denken, dass déi hei Aart a Weis, wéi mer d'Diskussioun féieren, fir deen awer däregen Dossier Nonnewisen vum Äis ze kréien, dass dee ganz flott ass, wéi den Här Buergermeeschter mat de Fraktiounsspriecher eeben do no Léisunge sicht. Wat an engem, mengen ech, ganz positiven a ganz konstruktive Kader och déi ganz Zät geschitt. An och wann, komm, mer soen, eis Propositioun net ëmmer bis hannenhinner erfëllt ginn. Wat awer och normal ass.

Ech mengen, Dir sidd de Souverain. Et ass un lech, fir herno Decisiounen ze treffen, fir déi Dir herno sollt riichtstoen. Mee ech mengen awer, an do schléissen ech mech dem Här Baum un, et ass awer flott, dass eis nogelauschtert gëtt an dass eis Propositiounen dann awer, oder dass mer gesinn, dass eis Propositiounen dann awer Nidderschlag fannen.

Dofir Gratulatioun a villmools merci fir déi konstruktiv Debatt. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Faltz.

Den Här Schmit.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci, Här Buergermeeschter.

Et ass wouer, datt mer relativ trotzdeem vill Suerge mat deem Projet hunn an den Nonnewisen. Et ass jo eppes, wat recurrent ass. Säit dem Zënsproblem a säit dem Problem och, datt d'Leit am Fong geholl net méi sou geléint kréien, wéi dat am Fong geholl virgesi war, si mer do jo an eppes erageschlendert, wat am Fong geholl ganz schwéier ze geréieren ass.

Elo weiderzegoen, elo gëtt jo dann en Deel vun deenen Haiser an d'Locatioun, wou am Fong geholl eng Noutléisung ass. Et muss ee soen, datt de Rescht jo dann ënner 600.000 € warscheinlech wäert verkaf ginn am Schnëtt, wou se jo dann ëm 50.000 € erofgaange sinn.

Dat ass natierlech trotzdeem e Manque à gagner, dee wou considerabel ass. Dat ass natierlech warscheinlech net eleng, solle mer soen, d'Schold vun deenen, wou dat, solle mer soen, en premier lieu sou virgesinn haten. Mee am Endeffekt kascht dat natierlech der Gemeng erëm eng Kéier Suen. An dat ass eppes, wou een awer muss soen a sech froen, ob dat net hätt kënne besser gemaach ginn oder anescht.

Trotzdeem, vu que datt mer jo elo an där Situatioun sinn, wou mer elo sinn, musse mer wuel dee Wee do goen. An da wäerte mer dat heiten dann och ënnerstëtzen. Ech soe Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci.

Ech ginn eigentlech de Merci zeréck un d'Vertrieder vun der Oppositioun, awer och vun der Majoritéit, déi un de Versammlungen deelgeholl hunn. Well ech mengen, dass jiddereen e bësse Waasser a säi Wäi geschott huet.

An ech weess mol net, ob mer vill Waasser an de Wäi geschott hunn. Mir waren eis, mengen ech, gutt eens, mir si gutt virukomm. A mir wäerten elo weiderfueren an där doter Logik, well mer jo awer de Suivi mussen halen, fir ze kucken, ob dës Mesuren, déi mer haut decidéieren, dann hoffentlech och dat erginn, wat mer eis erhoffen dovun.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

4. PAG ; adaptations suite à des arrêts de la Cour Administrative ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei de Punkt Nummer 4. Dat sinn Adaptatiounen, déi mer um PAG solle virhuelen.

Mir kommen erëm eng Kéier zeréck op Decisiounen, déi eigentlech virun e puer Joer geholl goufen. An dësem Fall sinn et Decisiounen, déi 2019 respektiv 2021 hei am Gemengerot gestëmmt goufen. An dann och nach Approbatiounen, déi vun der Inneministesch 2022 zu de jeeweilegen Decisioune geholl goufen.

Decisiounen an och d'Approbatiounen, déi am Kader vun der Refonte vum PAG decidéiert goufen.

Géint all d'Elementer vun dësen Decisiounen an Approbatiounen, déi mer vum PAG deemools haten, nom Ofschloss vun den Approbatiounen, gouf et an néng Fäll e Recours virum Tribunal administratif. An allen néng Fäll, wou de PAG betraff hunn, huet den Tribunal administratif der Stad Esch an dem Inneministère deemools d'Recht zougeschwat.

No dësen Decisioune gouf et nach eng Kéier Appeller. A bei den Appeller do war et an dräi Fäll, wou d'Plaignanten dann an zweeter Instanz d'Recht kritt hu vum jeeweilege Geriicht.

Zweemol ass dat de Fall bei Haiser, déi duerch de PAG geschützt goufen a wou d'Geriicht zu der Konklusioun kënnt, dass net dat komplett, mee just Elementer heivunner ze schütze sinn.

Eemol ass dat de Fall Fall bei engem Terrain op Kleppen, deen d'Stad Esch urspréngglech an enger Zone HAB2 klasséiere wollt, dësen awer dunn no enger Interjektioun vum Ëmweltministère an eng Zone verte klasséiert huet a wou d'Geriicht zu der Konklusioun kënnt, dass den Terrain, sou wéi urspréngglech geplangt, an enger Zone HAB2 ze klasséieren ass.

Wa bei deenen éischten Decisiounen eenzel Haiser betraff sinn, dann ass awer déi lescht Decisioun eng, wou e gréisseren Impakt op de PAG wäert hunn. An op déi Decisiounen, déi mer haut musse stëmmen.

Ech ginn elo der Madamm Wagner d'Wuert, eiser Urbanistin, fir technesch Detailer ze presentéieren zu dësen Decisiounen, déi ze huele sinn.

Mme Daisy Wagner

Ech ginn direkt drop an. Et sinn eeben déi dräi Fäll.

Hei ass elo den éischten, wou mer och e klengen Extrait vum Arrêt hei gesinn, deen eebe beseet, dass bei dësem Objet net dat ganzt Gebai an eiser ieweschter Kategorie weiderhi soll klasséiert sinn um Niveau vum PAG. Also wat d'Ënner-Schutz-Stellung ubelaangt, mee dass et eenzel Elementer sinn, déi hei schützenswäert sinn.

Dorauser ass eis Folleg, well mer eeben déi zwee Niveauen hunn um kommunalen Niveau, wat déi kommunal Ënner-Schutz-Stellung ubelaangt. Nämlech eng Kéier „Construction à conserver" an dann hu mer awer och den zweeten Niveau vun der Ënner-Schutz-Stellung, „d'Constuction avec des éléments identitaires à conserver".

An dat ass déi Folleg vun deem Arrêt, dee mer eeben elo virleien hunn. Dass mer fir dësen Objet elo dës Klassfizéierung um Niveau vum PAG da virgesinn.

Idem ass de Prinzipp da beim Gebai an der Uelzechtstrooss. Och do ass op Basis da vum Arrêt déi follglech Klassifikatioun um Niveau vum PAG ze maachen, wou da vu Construction à conserver op Construction avec des éléments identitaires à conserver klasséiert gëtt.

Den anere Fall, dat ass dat, wat elo kierzlech schonn erwäänt ginn ass – do hate mer e ganze Schéma directeur 1 an der Version saisine, wou mer wollten dee Schéma directeur eeben iwwer dee ganze Secteur zéien, wou mer am ale PAG eng Zone à étude haten.

Eng Zone à étude huet deemools net kloer ausgesot, wéi eng Affektatioun ass hei méiglech. Mee eréischt op Basis vun engem PAP, engem konkreete Projet hätt ee kënnen nom ale PAG eeben hei e Projet realiséieren.

Mir hunn dat einfach transposéiert, iwwersat an déi nei Sprooch vum PAG, an dat ass eeben dat heiten Ergeebnis, wou een eeben e Schéma directeur definéiert huet. Et huet ee gesot, do muss e PAP gemaach ginn, an et huet een nach zousätzlech eng Zone différée dropgeluecht. Wou ee kloer d'Ausso och gemaach hat, dat ass e Potentiel à longue terme. An och eréischt wann e Projet konkreet virläit, da kann een dëse Site entwéckelen.

Bedéngt duerch de Retour, dee mer am Avis och kritt hate vum Environnement, well dat awer e sensibele Secteur ass, wat och d'Biotop-Strukturen ubelaangt, hu si dat éischter negativ aviséiert, fir hei direkt eng bebaubar Zon ze defniéieren, an hunn eebe proposéiert, dass mer do een Deel sollen zeréck an eng Zone verte setzen.

Bei hinne war awer och ëmmer d'Ausso – dat steet och am Avis dran –, dass et net onméiglech ass, ze bebauen, mee eebe mat enger Modifikatioun. An da muss een déi entspriechend Strateegesch Ëmweltprüfunge maachen. Dofir ass hei dann eeben elo d'Bild, wéi de PAG du votéiert ginn ass.

An evidenterweis natierlech déi Proprietären, déi doranner leie mat hire Parzellen, sinn och de Wee gaange vun enger Reklamatioun. Verschiddener si just bei der Reklamatioun bliwwe vis-à-vis vum Minister.

Et sinn awer anerer, déi si méi wäit gaangen. An eeben déi hei rosa duergestallt Proprietéit, dat ass eeben do, wou mer elo dann den Arrêt och virleien hunn. Dat Blot indiquéiert – do gesitt Der och nach emol, dass mir och Proprietéiten an deem Secteur hunn. Dat ass och emol, fir kuerz ze weisen, wéi d'Situatioun ass.

Den Arrêt ka sech jo just positionéiere par rapport zum Reclamant, also deem, deen an Appell gaangen ass. An deen annuléiert eeben dat Klassement an der Zone verte an dass eebe fir déi Parzell dann erëm dat ursprénglecht sollt virgesi ginn, wéi et och an der Version saisine dann de Fall war.

Gläichzäiteg seet d'Geriicht awer och, dass mer mussen, oder dass Dir als Gemengerot och musst d'Decisioun huele par rapport zu deem Ganzen, respektiv déi ganz Situatioun kucken. Dass dat och eng koherent Situatioun herno am bestoende PAG ass.

Well wann ee just eng Parzell do huet, déi bebaubaren Terrain wär, kann een nach ëmmer näischt entwéckelen. Dofir ass et och absolutt d'Obligatioun, fir hei déi ganz Situatioun eenheetlech a koherent ze kucken.

An dofir ass eeben dann elo d'Situatioun esou. Ech mengen, d'Geriicht huet eigentlech praktesch elo e Lach an dee PAG geschoss a mir mussen et elo erëm fëllen, andeems mer eeben déi HAB2 mat der Zon, fir e PAP ze entwéckelen, plus d'Zone différée erëm esou eranhuelen. An dat ergëtt dann dat Bild, wat mer dann eebe riets och gesinn.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Wagner.

Gëtt et Froen, déi un d'Madamm Wagner ze riichte wieren? Dat ass net de Fall.

Da froen ech lech, ob et Wuertmeldungen heizou gëtt? Den Här Baum huet d'Wuert.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter.

Vläicht zwou Detailremarken. An där Deliberatioun, déi mer jo dann elo huelen, wat d'Adaptatioun zum PAG ugeet, do ass lech e Schreiffeeler ënnerlaf. Eng Erreur matérielle.

„L'objet concerné est à classer » - an dat gëtt mat « er » geschriwwen an net mat Accent aigu. Dat gëllt fir déi zwee.

A wann ech richteg gelies hunn, ass beim zweeten d'Base légale net den Arrêt vum 19. Dezember 2024, mee vum 4. Mäerz 2025. Net datt mer doduerch elo erëm an eng komesch Prozedur kommen. Ech mengen, wann een dat klarifizéiert huet.

Dat wat awer méi grouss ass a wat jo och richteg duergestallt ginn ass, dat ass déi doten Änderung. An do muss ee jo eigentlech soen, datt dat, wat d'Geriicht zeréckbehalen huet, och ganz staark am Sënn vun de Stadtplaner vun Esch geet.

Well zumindest an der urspréngleche Versioun war dat do eppes, wat net an där Form sollt geschützt sinn. An et war iwwer d'Interventioun, iwwer den Avis vum Environnement, datt et dozou komm ass. A wann ee sech d'Geriichtsurteel duerchliest, dat wat do wierklech schued drun ass.

Well ech mengen, datt et awer eng Géigend ass, déi hätt missen ënnersicht ginn, a wéi wäit se net awer schützenswäert wier – ass, datt d'Geriicht eeben och festsstellt, et gi keng pertinent Etüden driwwer, fir et sou kënnen ze klasséieren.

Dat kann een da just als schued bezeechnen, datt et dat net ginn ass. Ouni elo engem Eenzelen direkt d'Schold zouzeschiben. Mee bon, d'Urteel ass gefällt a mir hu keen aner Choix.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Baum.

Madamm Ragni.

Mme Mandy Ragni (déi gréng)

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, Dir kritt grad eng Motioun ausgedeelt. Dës Motioun setzt e wichtegt Zeeche fir eng nohalteg an ëmweltbewosst Entwécklung an eiser Gemeng.

Déi betraff Zon, do läit uewen nach eng Zone differenciée driwwer. Wat heescht, datt elo nach net direkt drop gebaut ka ginn. An dat ass och gutt esou, well et gëtt eis d'Méiglechkeet, mat Verantwortung virzegoen.

Sollt et an Zukunft zu enger Bebauung kommen, muss séchergestallt ginn, datt wichteg Liewensraim, wéi zum Beispill fir d'Fliedermais oder fir d'Villercher, erhale bleiwen oder op aner Plaze bannent Esch gesicht ginn, fir datt d'Déieren dann och dee Moment kënne relogéiert ginn.

Wa mir an den Entwécklungsprozess era-klammen, da soll et kloer sinn: Mir engagéieren eis fir déi wäertvoll Biodiversitéit ze schützen, am Respekt virun der Natur a mat Wäitbléck fir déi nächst Generatiounen.

Gréngflächen an enger Stad droen däitlech zur Liewensqualitéit bäi. Si bidden Erhuelung, Fräiraum an e gesonde Klima fir eis alleguer. Ech bieden lech dofir, dës Motioun ze ënnerstëtzen, fir eng Entwécklung mat Verantwortung a fir eng Stad, wou Mënsch an Natur am Gläichgewiicht liewen.

Merci fir d'Nolauschteren.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Ragni.

Mir hunn hei eng Motioun, da froen ech elo, ob nach een dorobber wëll reagéieren. Op d'Motioun.

Okee, ech gesinn elo keen, deen direkt reagéiert.

Ech mengen, dass dat dote sech och e bëssen an déi Logik aschreift, wéi och den Här Baum gesot huet. Mir sollen elo net blann mat der Entwécklung vun deem Site, also do blann drop lass marschéieren. Mee natierlech ass et kloer, dass mer awer eis sollen Etüden, déi vläicht feelen, Konzepter, déi vläicht feelen, awer nach sollen nohuelen. Informatiounen nosiche goen a ganz gutt oppassen, wat mat deem dote Site geschitt.

E Site, deen awer tatsächlech fir eis als Stadplanung ganz interessant ass, well et och erméiglecht, e flotten Accès ze bidden herno Richtung Südspidol. Do nei Verbindungen ze maachen, déi flott kënne genotzt ginn. Natierlech an engem nohaltege Gedanken.

Här Sehovic, wëllt Dir nach eppes soen?

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Jo, zwou kleng Ergänzungen.

Et ass en Areal, dat interessant ass aus Stadentwécklungssiicht. Och mam Bezuch op d'Schoulinfrastrukturen, well mer do nämlech net wäit si vu „Bei de Fliedermais". An do war an der Zäit eigentlech jo och virgesinn, déi Schoul méi grouss ze bauen. Dat war notamment wéinst deenen doten Decisiounen net méiglech. Dat heescht, an deem Sënn huele mer dat mat op.

Ech ënnerstëtzen awer den Appell vun der Madamm Ragni, fir ze soen an ze rappeléieren, och wa mer haut déi Änderung am PAG stëmmen oder de PAG op deem Punkt réckgängeg maachen, déi Zone différenciée ass eng Zone superposée. Déi bleift bestoen, sou dass och weiderhin en temporäert Verbuet fir d'Bebauen an d'Entwécklung vun Infrastrukturen op där Zon ass.

Mee le moment venu, wa mer déi Zone différenciée wäerte wëllen ophiewen, da musse mer do eng PAG-Prozedur duerchlafen. An ech mengen, dass sech déi Motioun och vill op dee Moment bezitt, dass do mer dann eebe versichen, eppes, wat ze oft als Géigesaz duergestallt gëtt, zesummenzebréngen. Nämlech e Quartier ze entwéckelen an dobäi och nach flott gréng ze sinn a Biotoper sou gutt et geet ze erhalen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da stëmme mer als éischt d'Motioun. Au vote.

[18 Jo, 1 Abstentioun]

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Här Schmit, wëllt Dir Är Abstentioun begrënnen?

M. Bernard Schmit (ADR)

Ech wëll dozou soen, datt mer mussen awer d'Geriichtsurteel do trotzdeem respektéieren.

An ech géif soen, wa mer elo an deem Dossier weiderginn an och nach Etüde froen, datt mer missten awer dann oppassen, datt mer eis net ze laang Zäit loossen. Datt déi betreffend Leit an d'ganz Escher am Fong geholl och do relativ schnell, sou schnell wéi méiglech fixéiert ginn, also wéi dat da soll definitiv weidergoen.

An datt mir eis warscheinlech och intern genau musse schonn iwwerleeën, déi verschidden, solle mer soen, Méiglechkeeten, déi wou wäerten um Plang sinn oder wou ee kann erwaarden, an datt mer eis dann och dozou politesch da positionéieren.

Dat hei ass trotzdeem eppes, wat wichteg ass. Vu que datt ech nach an deem Sënn mer nach net richteg schlësseg sinn, wat déi bescht Léisung dann éierlech gesot selwer do an deem Dossier wier, dofir dann déi Enthalung.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci fir dës Explikatioun.

An da stëmme mer d'Änderungen am PAG. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da soen ech och Merci der Madamm Wagner.

An ech kann nëmmen nach eng Kéier appeléiere fir jiddereen, deen nach Froen huet par rapport zum PAG, zu de Schéma-directeuren oder wou Saachen nach onschlëssig wieren – well et ass jo scho villes ugeduecht, wat op deem Site soll realiséiert ginn, a wat fir eng Richtung et soll goen –, kënnt Der zu all Moment natierlech op eis Urbanisten zeréckgräife fir all Explikatiounen.

Merci lech, Merci Här Everling och.

5.1. Règlement communal concernant l'octroi d'une subvention pour des mesures favorisant la biodiversité ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An da komme mer bei d'Reglementer. Dat geet u mat engem Reglement, dat den Här Sehovic presentéiert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir maachen eis Stad méi gréng. A mir maachen dat zesummen.

Déi nei Subventioun, déi mer haut virstellen, ass an deem Sënn eng Invitatioun un eis Biergerinnen a Bierger, fir selwer aktiv Deel vum Klimaschutz a vun der Biodiversitéitsoffensiv vun eiser Stad ze ginn.

Mir gesinn et iwwerall an Esch: D'Servicer vun der Stad bréngen d'ëffentlech Plazen op Vordermann, schafen nei Gréngfläche ronderëm d'Stroossen, méi Beem, méi natierlech Flächen. Mee méi Biodiversitéit fänkt net beim Bësch un, se fänkt um Balcon un, virum Haus, der Fassad zum Beispill och.

Dofir si mer houfreg, haut e Subventiounspak virzestellen, deen et méiglech mécht, fir jiddereen an eiser Stad dozou bäizedroen, eis Stad méi gréng a méi resilient ze maachen.

Ech wëll lech d'Prinzippien an d'Modalitéite kuerz virstellen. Éischtens, Bëton eraus, Liewen eran. An domadder mengen ech den éischten Deel vun der Primm, dee sech un déi Leit riicht, déi d'Versigelung oder biologesch inert Flächen ofbaue wëllen. Dat heescht, zum Beispill déi berüümt berüchtegt Schottergäert oder versigelt Parkplaze virum Haus ze entsigelen.

Wan een also do wëll entsigelen – Klamer op, et kann een ëmmer nach eng Parkplaz virgesinn, mee eeben eng entsigelt Parkplaz –, da gëtt eng Subventioun vu bis zu 75 % vun de Käschten accordéiert, mat engem Plaffong vu 5.000 € pro Parzell.

Zil ass et, engersäits d'Natierlechkeet vum Buedem erëm hierzestellen an anerersäits awer och d'Reegelkonformitéit zum urbanistesche Reglement ze erreechen. Well déi Fläche si bei eis zu Esch meeschtens guer net konform a sollten dowéinst ofgebaut ginn.

Den zweeten Deel vun der Primm bezitt sech op d'Begréngung vun der Hüll vum Gebai. Also d'Begréngung vun de Fassaden oder den Diecher. Sou eng Begréngung kann net nëmme vill zu der Ästhetik vun engem Gebai bäidroen, mee och zur thermescher Isolatioun, zum Waassermanagement bäidroen. An ass och e wichtege Plus fir d'Stadklima.

Och hei iwwerhuele mer 75 % vum Invest, mat engem Plaffong vu 5.000 € pro Gebai fir d'Diecher a 5.000 € fir d'Fassaden.

Déi zwou Subventiounen, also fir den Daach a fir d'Fassad, mussen net zesummen ugefrot ginn, kënnen och hannerteneen ugefrot ginn. Wann een zum Beispill d'Decisioun hëlt, dass een an enger éischter Etapp just en Deel vum Gebai wëll vegetaliséieren an de Rescht an enger zweeter Etapp, da kann een och zwou Demanden noenee stellen.

Den drëtten Deel vum Subventiounspak bezitt sech op Planzen, déi besonnesch gënschteg si fir d'Biodiversitéit an d'Resilienz an eiser Stad. Déi kënnen op Terrassen, an de Gaart, op der Fassad oder um Balcon geplanzt ginn.

Hei iwwerhuele mer 50 % vun de Käschte beim Planzenakaf, bis maximal 500 € pro

Stot oder pro Partie commune. A mat enger Deckelung. Déi Primm kann een ëmmer nëmmen eemol all dräi Joer ufroen.

Wichteg ass dobäi ze soen, net all Planze ginn ënnerstëtzt. Nëmmen déi, déi op enger definéierter Lëscht sinn. Dës Planzelëscht garantéiert, datt mer net einfach dekorativ Planzen ënnerstëtzen, mee aarteräich, resistent an och ekologesch wäertvoll Spezies, Beem, Stauden, Kraider, Blummenzwiwwelen, déi Insekten, Vullen an aner Déierenaarten zeréck an eis Stad bréngen.

Wéi fonctionéiert d'Demande fir d'Biergerinnen a fir d'Bierger? Ganz praktesch, ganz einfach. An dat war eis och wierklech en Uleies bei all eise Primmeregimmen: Mir wëlle kee bürokratescht Monster schafen, mee d'Demande sou einfach, sou accessibel wéi méiglech maachen.

Dowéinst kann een hei d'Demande no Ofschloss vun den Aarbechten oder no Akaf vun de Planzen maachen.

Et gëtt e Formulaire vun der Gemeng, deen dann zesumme mat de Rechnunge an e puer Fotoe virun an nom Projet muss eragereecht ginn. Fir déi méi grouss Aarbechten, zum Beispill bei enger Fassadebegréngung, kann och en Accord de principe am Virfeld ugefrot ginn, fir méi Sécherheet ze hunn. An dat geet schonn duer, fir d'Primm ausbezuelt ze kréien.

Mat dësem Subventiounspak wëlle mer net just eng finanziell Ënnerstëtzung leeschten, mee als Schäfferot, an als Gemengerot hoffentlech, wierklech en Opruff un eis 38.000 Biergerinnen a Bierger maachen, fir e kollektiven Effort ze leeschten, fir eis Stad eeben zesummen ze begréngen.

Esch gëtt doduerch net nëmme méi gréng, mee och méi schéin, méi liewenswäert a méi resilient. An dofir bieden ech ëm Är Ënnerstëtzung.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Et gëtt natierlech och Planzen, déi aner Faarwe wéi gréng hunn an de Blummen zum Beispill. Fir dat nach eng Kéier ze betounen.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? D'Madamm Weyrich huet d'Wuert.

Mme Joy Weyrich (CSV)

Ech hale mech ganz kuerz. Villmools merci.

Mir begréissen et ausdrécklech, dass et elo endlech Subside ginn fir eng Rei wichteg an nohalteg Moossnamen am Beräich vum Naturschutz an ekologescher Wäitsiicht. Et ass schéin ze gesinn, dass dës Initiativen och ouni komplizéiert Bürokratie kënnen oflafen. Well genee dat mécht et fir d'Leit méi einfach, matzemaachen a sech aktiv un dëser wichteger Entwécklung ze bedeelegen.

Dës Mesuren droen net nëmmen zur Biodiversitéit an zum Klimaschutz bäi, mee verbesseren och d'Liewensqualitéit, däerf een net vergiessen. Fir eis alleguerten. An dofir encouragéiere mir all Biergerinnen a Bierger, dës Méiglechkeeten ze notzen. An als Gemeng wäerte mer do och weiderhi mat guddem Beispill virgoen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Weyrich.

D'Madamm Ragni an duerno den Här Pulli.

Mme Mandy Ragni (déi gréng)

Merci, Här Buergermeeschter.

Also ech fanne sou Aktiounen einfach immens flott. Et dréit net nëmmen zu der Biodiversitéit bäi, mee et mécht Esch och nach méi schéin a virun allem eis Virgäertercher méi schéin. Ech hoffen, dass sech ganz vill Leit hei wäerte mellen, fir bei där flotter Aktioun hei matzemaachen.

Ech denken, d'Montante si jo awer wierklech ganz flott. An ech mengen, dass een do och scho ganz vill schéi Blumme kritt, fir all déi léif Beien an aner Saachen ze ënnerstëtzen. Ech soen lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Ragni.

Den Här Pulli an duerno d'Madamm Scholl.

M. Sascha Pulli (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Mir wollten dann och eis Zoustëmmung ausdrécken, een Dag nom internationalen Dag vun der Biodiversitéit – ech weess net, ob Der dat elo bewosst gewielt hutt. An och dem Service écologique Merci soe fir hir Aarbecht an dësem Dossier. Si haten dat och schonn an der Kommissioun virgestallt.

Ech wollt awer och ganz kuerz vun der Geleeënheet profitéieren, fir op eng Etüd hinzeweisen, déi ech schonn eng Kéier hei erwäänt hat. Nämlech déi vum LIST am Optraf vum ProSud, wou den Här Buergermeeschter jo President ass.

An där Etüd gi jo och d'Follge vum Klimawandel op de Süden analyséiert an et gëtt e ganze Moossnamekatalog proposéiert, wéi een eebe méi Gréngflächen an de Stied kéint maachen. A vläicht wär et och eng Iddi, doriwwer hei nach eng Kéier ze diskutéieren, fir dass mer och am ëffentleche Raum nach méi Gréngflächen hunn.

Ech mengen, hei schwätze mer jo éischter iwwer de private Raum, wou mer de Bierger dann d'Méiglechkeet ginn, hei hir Privatflächen ze begréngen. Mee wa mer awer e bëssen den ëffentleche Raum zu Esch kucken, do sidd Dir dann an der Verantwortung. Well do ginn et awer och zu Esch nach eng ganz Partie Plazen, wou ee muss Fortschrëtter maachen, wou nach Steng an der Strooss, am ëffentleche Raum do sinn, am ëffentleche Raum.

Ech mengen, wann een dat vum Bierger fuerdert, da muss een och als Gemeng mam gudde Beispill virgoen. An do gëtt et awer nach ganz vill Potenzial.

Et ass just dat, wat ech nach wollt bemierken.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Pulli.

D'Madamm Scholl an dann den Här Schmit.

Mme Daliah Scholl (DP)

Ma mir stëmmen zu 100 % deem Subventiounspak zou. Eng Begréngung ass primordial. An ech mengen, mir wëssen, op wat mir histeieren, wat elo och de Klimawandel betrëfft.

An awer hunn ech eng Fro. Ech hu mer soe gelooss, dass dat Ganzt awer tricky wier, wat déi Begréngung wierklech innerhalb vun engem Zentrum ubelaangt. Wann d'Fläche ronderëm all versigelt sinn an een eng Oas trotzdeem do wëll kreéieren an där versigelter Zon, dass do am Fong déi Begréngung net ëmmer ganz ukënnt. Dat heescht, se geet futti.

Elo wollt ech wëssen, ob een do och vläicht iergendwou Informatioune kritt, wéi een dat kann optiméieren. Well de Wëllen ass jo awer do. An d'Pelousë ginn trotzdeem futti, wa lénks a riets alles voll besigelt ass. Do iergendwou en Info-Package matginn, wéi ee sech do am beschte kann uleeën. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An dann ofschléissend den Här Schmit.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Fir d'éischt emol, fir unzefänken, also wann ech do richteg sinn, dann ass dat net fir d'Plastiksblummen. Nee, dat war e klenge Witz.

Mee op jiddefalls, am Generellen ass dat jo gutt, datt mer Efforte maachen, fir datt Esch méi naturméisseg ausgesäit an datt mer eis trotz, als Escher mat eiser Minièrevergaangenheet trotzdeem nach mat der Natur verbonne gesinn, ass jo e gutt Element. An dat do geet an deem Sënn dann an déi richteg Richtung.

Virun der leschter Walcampagne, de Gemengewalen, hate mir selwer och eng Iddi vun de Mini-Jardins hei zu Esch, déi wou och an déi dote Richtung gaange wär. An dat ass am Prinzipp also eppes, wou ech och net dogéint mech verschléissen.

Wat nach e positive Punkt, muss ech soen, ass, datt et administrativ einfach gehale gëtt. An dat muss ech soen, do mierken ech awer eng Sorgfalt, déi wou an déi Projeten, an a sou Projeten am Generellen alt emol eragesat gëtt. A wann een dat mierkt, da kann een dat och hei soen. Also dat ass dann eng positiv Saach. An dat geet doutsécher an déi richteg Richtung.

Et ass net nëmmen de Projet selwer, mee et ass och, wéi een de Projet opbaut, wéi d'Straten dovunner opgebaut ginn. Dat mécht e ganzt Konzept an dat seet och vill aus, ob ee sech do kann uschléissen oder net.

An deem heite Sënn geet et an déi richteg Richtung an dat do kënne mir matstëmmen. An, jo, hoffe mer, datt et eng gutt Wierkung wäert hunn an datt Esch domadder e Stéck méi schéi gëtt. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

Här Sehovic.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci fir déi breet Ënnerstëtzung.

Et ass effektiv net einfach, am urbane Raum, wou mer eng massiv Versigelung constatéieren, ze begréngen. Do mécht net all Planzenaart d'selwecht mat. An do verweisen ech op déi Lëscht, déi mer annexéiere vun de Planzen, déi eligibel sinn.

Dat sinn zum groussen Deel Planzen – déi Lëscht ass zesummen ausgeschafft gi mam Service Espaces verts. Dat si Planzen, Beem, Zukunftsplanzen nenne mer dat, déi besonnesch op den urbane Raum ofgestëmmt sinn. An eeben och wou mer anticipéieren déi Klimaverännerung, déi schonn amgaangen ass, ze passéieren. An dat sinn alles Planzenaarten, déi dann hei am urbane Raum besser ukommen.

D'Etüd LIST fir de ProSud par rapport zu den Ilôts de chaleur ass effektiv extreem interessant an eng gutt Basis, fir verschidden Decisiounen

ze huelen. Mir hunn eis déi Kaart ugekuckt an hunn eigentlech déi Ilôt-de-chaleuren, also Wärmeinselen, déi ganz oft effektiv doduerch entstinn, dass mer eng massiv Versigelung hunn op enger Plaz, kee Schiet a sou weider, déi sinn identifizéiert ginn an do si mer amgaangen, och Projeten drop ze maachen.

Mir hunn aktuell zwee Projeten an der konkreeter Ausaarbechtung. Dat ass jo eng Kéier d'Entsigelung an d'Begréngung vum Brill-Schoulhaff, wou mer den Devis méi spéit wäerte stëmmen. Dat ass och erausgaangen aus engem Ilôt de chaleur, dee mer wëllen eraushuelen.

Den anere Projet ass méi nei. Do si mer och nach net esou wäit. Do wäerte mer elo eng Biergerconsultatioun am Quartier Bruch lancéiere ganz geschwënn. Dat ass d'Place Léon Jouhaux, déi och an där ProSud erausgeet als eng vun deene Wärmeinselen am urbane Raum. An do wëlle mer matmaache beim Project-call vum Ëmweltministère „Méi Natur an eise Stied an eisen Dierfer", wou et ëm d'Entsigelung vun ëffentleche Plaze geet.

Do si mer amgaangen, de Projet auszeschaffen, fir déi Plaz ze reamenagéieren, dobäi ze entsigelen an och nach eng Plus-value fir d'Residenten ze schafen. Mir fänken do u mat enger Consultation publique, déi nach virum Summer soll lancéiert ginn. An da wäerte mer do och hoffentlech zäitno kënne konkreet Projete virstellen.

An effektiv, et ass genau sou wéi Dir sot, Här Pulli, dat ass eng ganz gutt Basis och fir eis als Stadtplaner, fir eeben no an no déi Wärmeinselen erauszekréien aus der Stad, se ze begréngen an do eeben och e maximale Schutz fir d'Biergerinnen a Bierger unzebidde virun der Hëtzt an der Dréchent. Do si mer drun.

Jo, an ech schléisse mech do eigentlech der Motioun un, dass een déi effektiv eng Kéier, Här Buergermeeschter, och kéint hei thematiséieren am Gemengerot, falls mer dat nach net gemaach hätten.

Merci fir d'Ënnerstëtzung op jidde Fall.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Sehovic.

Dat kënne mer gär eng Kéier maachen. Och allgemeng eng Kéier iwwer de ProSud schwätzen an iwwer dat, wat do alles ausgeschafft gëtt a geleescht gëtt. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

5.2. Règlement communal concernant l'octroi d'une subvention pour l'acquisition et la réparation d'appareils ménagers remplissant certaines conditions écologiques, ainsi que l'acquisition de cycles à pédalage assisté et cycles ordinaires ; modification ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

D'nächst Regelement. Den Här Sehovic behält d'Wuert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Hei geet et ëm eng Modifikatioun vun eisem bestoende Subsideregimm, wat d'Reparatioun an och den nohaltegen Akaf ugeet. Mir aktualiséieren dëst wichtegt Instrument vun eiser Klimapolitik en vue vu verschiddenen Entwécklungen.

Konkreet maache mer dräi Saachen. Éischtens, mir passen d'Subventioun fir Haushaltapparater un déi nei europäesch Normen un. Dir wësst, dass do d'europäesch Energieeffizienz-Norme mat der Zäit méi schaarf ginn a mer dowéinst och méi schaarf musse gi bei den Haushaltsgeräter an den Energieklassen, déi mer subventionéieren, fir sécherzestellen, dass wierklech déi effizienzst Geräter um Marché subventionéiert ginn.

Zweetens – dat ass eng kleng administrativ Verbesserung –, mir verlängeren den Delai fir d'Subventiounsdemande vun haut sechs op an Zukunft zwielef Méint nom Akaf. An drëttens, an dat ass komplett nei, mir féieren eng Subventioun fir Cargobiken, elektrescher an net-elektrescher, an. 10 % vun den Akafskäschte bis maximal 400 € fir de Cargobike.

An hei ass wichteg ze soen, dass d'Primm fir de Cargobike cumulable ass mat der Vëlosprimm, déi et scho gëtt.

Dat mécht eiser Meenung no Sënn, fir de Cargobike zousätzlech ze ënnerstëtzen. Dës Vëloe sinn am Akaf weesentlech méi deier, mee se si wierklech eng Alternativ fir Familljen, fir Betriber, fir déi lokal Logistik.

Mir hu jo och ganz rezent eréischt e Pilotprojet lancéiert hei am Geschäftszentrum mam Escher Cargobike. Dat heescht, déi Initiativ, fir méi Cargobiken um Territoire ze kréien, ënnerstëtze mer hei och am privaten zousätzlech. An och hei bieden ech ëm Är Ënnerstëtzung.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

5.3. Règlement communal concernant l'octroi d'une subvention pour la mise en conformité des locaux commerciaux ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dat nächst Reglement presentéiert den Här Knaff.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Beim éischte Reglement geet et ëm en Octroi vun enger Subventioun fir d'Mise en conformité vu Local-de-commercen am Centre-ville.

Wat hu mer festgestallt? Mir hu festgestallt, datt eng Partie vun eisem Leerstand, dee mer an der Strooss hunn, drop zeréckzeféieren ass, datt d'Lokaler net méi konform sinn. Dat si meeschtens och déi Lokaler, wou uewendriwwer Wunnfläche sinn oder Wunnfläche waren.

A fir de Proprietär ze incitéieren, där Situatioun entgéintzewierken an déi néideg Mise-en-conformitéen ze maachen, wollte mer en incitéieren. Mir wollten en incitéieren, andeem mer him eng Partie vun den Ausgaben, déi hien dofir muss tätegen, datt hien déi géif rembourséiert kréien.

Et geet net nëmmen dorëm, fir ze kucken, de Leerstand ze bekämpfen, mee et geet och drëm, fir déi Logementen, déi iwwer de Geschäftsfläche waren, erëm an de Betrib ze kréien, fir déi och erëm de Leit zur Verfügung ze stelle fir ze wunnen.

An dofir mussen awer ganz oft nei Mesuren, nei Aarbechte gemaach ginn, notamment wat de Brandschutz ugeet an all aner Exigencen, déi entre-temps bäikomm sinn a fir déi déi al Lokaler net méi up to date sinn.

Et ass esou, datt déi Subentioun hei elo limitéiert ass op d'Geschäftslokaler respektiv Local à usage mixte, déi an der Zone 1 sinn, also d'Uelzechtstrooss. Et ass esou, datt bis zu engem Véierel vun den Aarbechten, déi gemaach gi sinn, kënne rembouséiert ginn op Presentatioun vun de Facturen, mat engem Maximum vu 25.000 €.

Wéi gesot, et geet drëm, de Centre-ville lieweg ze halen. Et geet drëm, datt mer déi Mixitéit tëschent Wunnen a Geschäfter weider wëlle förderen. An geet drëm, datt mer déi Lokaler, déi elo schonn eng Zäitchen eidel stoungen, well eeben déi Conformitéitsaarbechten net gemaach gi sinn, datt mer d'Leit iergendwéi incitéieren, fir awer déi Aarbechten ze maachen an domadder den Zougang zu hirer Proprietéit erëm ze erméiglechen.

E Mëttwoch war d'Commission juridique zesummen. Déi huet eng Rei Upassunge gemaach vum Reglement. An déi hat Der bäileien. Et ass also déi. Ech géif lech bieden, mat op de Wee ze goen, fir déi modifiéiert an aviséiert Versioun, déi Der bäileien hat, fir déi ze stëmmen. Surtout wat dat do Reglement ugeet, waren et e puer Detailfroen, déi changéiert gi sinn.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Knaff.

Wuertmeldungen? Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech hätt just vläicht nach eng Fro dozou. Ech war op där Reunioun vun der Justizkommissioun net, ech hu se elo och net grad hei ënnert den Aen.

Déi Fro, déi ech mer gestallt hunn, ass just, firwat Der net och Saachen eligibel gemaach hutt, déi dozou géife féieren, datt d'Entréeën oder d'Commercë respektiv déi Wunnengen driwwer eventuell kéinte PMR-gerecht gemaach ginn. Fir Personnes à mobilité réduite.

Mer wëssen, mer hunn eng al Bausubstanz, notamment an der Uelzechtstrooss. An dat wier eppes, wat awer och eventuell kéint dozou bäidroen, wann ee weess, souwuel déi Logementer ze mobiliséieren wéi och fir d'Commercë selwer e weidere Schrëtt ze maachen. A wou mer dann awer och an enger Linn wiere mat enger allgemenger Politik.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Baum.

Här Knaff, Dir hutt d'Wuert.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Baum. Merci och fir déi Interventioun, déi wichteg ass.

Mir hunn dat doten envisagéiert an och scho beschwat. An et ass jo surtout e Problem, deen d'Habitatioun ugeet, deen de Logement ugeet an dësem spezielle Fall. A mir hunn do och aner Constaten.

Mir hu Constate gemaach, datt zum Beispill an der Zone 2, dat sinn déi perpendikulär Stroosse vun der Uelzechtstrooss, haaptsächlech also d'Rue Dicks, d'Rue du Brill, datt do nach eng ganz Rei Geschäftsfläche ganz eidel sti scho Joren. Also ënnen an der Rue du Brill, ënnen an der Rue Dicks. Flächen, déi net méi gebraucht ginn. An déi och héchstwarscheinlech ni méi gefëllt gi mat Commerce.

An ech mengen, déi géife particulièrement gutt eegenen, och fir Wunnengen ze maachen, déi PMR-gerecht wären. Dat ass eng Iwwerleeung, déi mer féieren, wéi mer kënnen och facilitéieren d'Reklassement vu sou Local-de-commercen eeben erëm an Haaptwunnengen.

Mir hunn elo deen heite Volet net an dëst Reglement agebaut, mee Dir hutt awer ganz Recht, datt mer dat ëmmer sollen um Schierm behalen, fir effektiv méi PMR-gerecht Wunnengen och an de Centre-ville ze kréien.

Dat hei war elo wierklech eng Mesure, déi mer geholl haten, fir d'Attraktivitéit vum Centre-ville ze behalen a fir d'Leit e bëssen ze incitéieren, ze investéieren an hir Gebaier. Datt se net méi eidel stinn an datt se kënne gebraucht ginn.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Knaff. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ⊟ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Här Schmit, wëllt Dir Är Abstentioun begrënnen?

M. Bernard Schmit (ADR)

Jo, ech mengen, et ass och net all Problem, wou ee mat Subventioune ka regléieren. An da muss een dat och iwwerkucken, wéi vill datt dat géif global warscheinlech d'Gemeng kaschten.

An deem heite Sënn mengen ech, datt d'Acteuren, déi wou do an der Uelzechtstrooss concernéiert sinn, bestëmmt Mëttelen hunn, fir, wa si et wëllen, hiert Lokal selwer kënnen à jour ze setzen.

A wéi gesot, ech weess net, ob dat ëmmer déi richteg Method ass, fir do Subventiounen ze froen.

An dann och d'Héicht vun de Subventiounen. Ech mengen, Dir hat gesot, dat kann trotzdeem bis 25.000 € eropgoen. Dat sinn trotzdeem Zommen, déi wou scho schwéier weien.

Merci villmools.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

5.4. Règlement communal concernant l'octroi d'une subvention pour l'enregistrement d'un nouveau commerce ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den Här Knaff huet d'Wuert fir de Punkt 5.4.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Hei geet et ëm en Octroi vun engem Subsid, dee mer gär den neie Geschäfter ginn, déi sech op der Gemeng enregistréieren.

Et ass esou, datt mer festgestallt hunn, datt eng ganz Rei Commercen, déi opmaachen, iwwer de ganzen Territoire vun Esch, datt mer do net ëmmer informéiert sinn och iwwer de Fait, datt se bestinn, datt se sech kreéiert hunn. Datt se elo Deel si vun der ganzer Geschäftswelt, déi mer um ganzen Territoire hunn.

An dat erméiglecht eis net, fir kënnen eng Vue d'ensemble ze hunn iwwer d'Acitivités commerciales, iwwer déi verschidde Secteuren, déi besat ginn. An dat beanträchtegt eis e bëssen, fir déi Vue d'ensemble ze hunn iwwer d'Geschäftswelt.

Wéi gesot, et muss ee sech net direkt enregistréieren. Wann een de Bail huet an

d'Autorisatiounen, déi komme vum Ministère, da kann ee säi Commerce opmaachen. An dat, wéi gesot, dat gëtt dann net ëmmer un d'Gemeng erugetrueden.

Also et ass net puren Altruismus, datt mer déi 500 € wëllen dem neie Geschäft ginn. Mee et geet och drëm, wéi gesot, datt e sech eclairéiert, datt en déi Demande mécht, fir dann déi néideg Donnéeën ze hunn och par rapport zu deene Geschäfter.

Wéi gesot, et gëtt och keng Differenz gemaach an den Zonen. Mir wëlle gär d'Geschäftswelt um ganzen Territoire erfaassen, fir datt mer kënne méi prezis och awierken op dat, wat am Geschäft geschitt.

Wéi gesot, dee plutôt symbolesch ass. Et ass elo kee ganz héije Montant. An ech mengen och net, datt deen, dee sech wëll etablisséieren, da wierklech d'Liewe méi einfach mécht, fir sech ze lancéieren.

Mee duerch de Fait, datt hie säi Geschäft opmécht, dat der Gemeng matdeelt ënner der Form vun där Demande hei, dat erlaabt et eis, méi prezis Donnéeën ze kréien iwwer d'Geschäftswelt.

An deen, deen dobäi war dës Woch op der Assemblée générale vun der ACAIE, deen huet gesinn, datt dee Cadastre du commerce, datt mer do wierklech ganz prezis Iddie scho kënnen hunn iwwer dat, wat zu Esch am Commerce leeft. Wéi eng Sparte besser funktionéieren, wéi eng net méi sou gutt sinn. An ech mengen, dat géif ech hëllefen, anzewierken oder och Iwwerleeungen ze féieren, wéi mer kënnen awierken.

Ech géif lech bieden, dem Reglement, sou wéi et och verbessert ginn ass vun der Commission juridique, fir deem Rechnung ze droen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Wuertmeldungen heizou? Den Här Faltz huet d'Wuert.

M. Steve Faltz (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter.

Gutt, Här Knaff. Merci fir dës Prezisiounen, well ech hunn am Ufank geduecht, et wär e Witz dat do.

500 € gi mol net duer, fir den Autocollant vir an d'Vitrinn ze pechen. Mee et mécht awer Sënn, wann Der sot, dat ass de Grond, dass mer d'Donnéeë vun deene kréien.

Ech wéilt awer trotzdeem un en aneren Deel erënneren. Dir sot, wann no véier Joer dat Ganzt net eng Reussite ass, respektiv wann eng Faillite do kënnt, da mussen déi Leit déi Suen zeréckginn.

Also ech mengen, an deem Moment, wou een an eng Faillite fält – ech weess net, ob dat säi grousse Problem ass, fir a 60 Deeg dat doten zeréckzebezuelen. Sollt dat do bei engem Liquidateur sinn, géif ech emol woen ze behaapten, datt d'Escher Gemeng net deen Éischten an der Rei ass, dee Sue kritt.

Firwat dass dee Punkt awer dragesat ginn ass, dat ass awer elo, jo – wann een d'Realitéit kuckt, wann dat do eng Kéier géif antrieden an dee muss déi 500 € erëm oftrieden, wär dat just traureg a gehéiert am Fong elo och net heihinner.

Mir wäerten dat awer trotzdeem matstëmmen, vu que datt et jo just ëm d'Repertoréiere vun deene verschiddene Commercë geet. An dann huele mer awer dee Punkt, fir e Grond ze hunn, fir Jo ze stëmmen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Faltz.

Soss keng Wuertmeldungen? Här Knaff, wéllt Dir äntweren?

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Faltz, fir Är Bemierkung.

Ech mengen och net, datt et déi éischt Prioritéit vun der Gemeng wär am Fall vun enger Faillite, dee Subsid erëmzefroen. Mee wa mer et vläicht net drageschriwwen hätten, dann hätte mer vläicht gesot kritt, mir hätten dat vergiess.

Ech mengen, wann effektiv eng Faillite kënnt, da weess een, wou een do muss seng Déclaration de créances areechen. A wann dat eng ass pour insuffisance d'actif, dann ass souwisou, mengen ech, d'Méi vun der Gemeng ëmsoss.

Wéi gesot, et ass eis drëm gaangen, en Instrument ze schafen, wat d'Leit soll incitéieren, eis hir Existenz matzedeelen, fir méi prezis Donnéeën ze hunn.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Knaff. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

6. Convention avec ProActif pour la restauration de matériel ferroviaire pour l'année 2025 ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei d'Konventioun mat ProActif. Den Här Zwally huet d'Wuert.

M. André Zwally (CSV), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech mengen, déi Konventioun mat ProActif hu mer elo alljoers hei gehat, fir ze verlängere vun engem Joer op dat anert. Et ass u sech esou, dass dat hei elo déi lescht ass, déi mer wäerten hoffentlech maachen.

Déi wäert net iwwer zwielef Méint goen, mee se iwwer aacht Méint goen, well mer gesinn, dass mer zum Ofschloss komme vun deenen dräi Gefierer. Mir sinn elo sou wäit, dass mer déi kënnen eng Kéier dohinner

stellen, wou mer virgesinn hunn, fir déi ze placéieren.

Ech mengen, engersäits ass – déi eng Lokomotiv kennt Der jo, déi hei am Burgronn steet, vis-à-vis vum ArcelorMittal-Gebai. Déi ass jo scho méi laang fäerdeg. An do wäert et esou sinn, dass ausgangs des Joers d'Elektresch komplett fäerdeg wäert sinn a gläichzäiteg och den Humpen.

An dat hu mer jo an deem Kader gemaach, well mer gesot hunn, mir géifen och gär de Quartier revaloriséiere vu Lalleng. Deen ass elo scho bal revaloriséiert um Niveau vun der Sportshal, oder dem Komplex, wou mer elo bal fäerdeg hunn.

Da kënnt déi Maschinn dohinner. A gläichzäiteg wäerte mer dann och den Humpen zousätzlech dobäisetzen, well dat ëmmer eng Koppel war, déi zesumme gefuer ass. Un den Humpen kënnt Dir lech nach erënneren, dee stoung 13 Joer laang hanne beim Parking an der Lëtzebuerger Strooss beim Kierfecht vu Lalleng.

Sou dass mer eigentlech déi Aarbechten, déi bis dohinner fäerdeg sinn, och frou sinn, dass mer dat da gemaach hunn. An ech hoffen, dass mer da bis dohinner, jo, näischt méi fannen dorëmmer. Och wann ech all Schrott gär sammelen, mee hoffen, dass mer bis dohinner näischt méi fannen, a mer dann och kënnen esou ausstellen.

An deem Sënn géif ech lech dann och bieden, fir dëser Konventioun zouzestëmmen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Also Lokomotive verléiert ee jo net esou einfach. Déi mer hunn, déi hu mer, mengen ech, all fonnt.

Ginn et Wuertmeldungen zu der Konventioun? Den Här Faltz huet d'Wuert.

M. Steve Faltz (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter.

Wat mech an deem do Kontext nawell géif interesséieren, dat ass, Dir schwätzt hei vun engem historesche Wäert vun deene Lokomotiven. Gëtt et fir déi Lokomotiven iwwerhaapt hei an Esch op där Plaz, wou se hikommen, en historesche Kontext?

Also d'Gebaier, wou se stinn a wou mer se renovéieren, hu jo de Virdeel, dass mer hir Funktioun an iergendenger Form kënne faassen. Wa mer elo just Lokomotiven duerch d'Géigend stellen, just fir Lokomotiven dohinner ze stellen, da musse mer vläicht iergendwa froen, si mer elo net amgaangen, e Stéck Eisen iergendwéi nostalgesch erëm unzesträichen.

Also, wësse mer, wou déi Lokomotiv gefuer ass? Ass déi do gefuer, wou se elo steet? Hat déi do eng Roll oder net? Dat ass eppes, wat, mengen ech, awer eng Kéier soll d'Fro gestallt ginn.

Well mer schwätzen hei elo net nëmme vun 20.000 €. An ech mengen, wa mer elo just déi Leit vu ProActif solle beschäftegen, hei an Esch fanne mer bestëmmt och aner Saachen, wou mer déi Leit kéinten notzen.

Also dofir, wannechgelift, sollt ee sech schonn déi Gedanke maachen, wou ass den historesche Kontext. Well wann deen net do ass, dann ass et just eng Lokomotiv, déi op enger Kräizung steet. An da soll een, mengen ech, iergendwann de Courage huelen an d'Lokomotiv huelen an an den Héichuewe geheien.

(Interventioun)

Well zur Lokomotiv gehéiert och eng Mecanique dobäi. An déi ass zumindest sou wichteg wéi d'Lokomotiv selwer. Mee da soll een och iergendwann eng Kéier d'Säit ëmdréien. Mir wëlle jo awer och eng modern Stad sinn.

Wéi gesot, Patrimoine, mir feieren dat héich. Mee awer muss de Storytelling gi sinn. Dofir wannechgelift, et géing mech interesséieren,Här Zwally, den historesche Kontext wär fir mech interessant. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An den Här Schmit huet d'Wuert.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci fir d'Wuert.

Ech fannen am Fong geholl, datt mer eis fir d'Restauratioun vum Materiel ferroviaire asetzen eng ganz gutt Decisioun. An ech ënnerstëtzen dat natierlech. An ech hoffe souguer, datt mer nach méi an déi Richtung wäerte maachen.

Denn fir déi, déi wou wëssen, fir déi, déi d'Geschicht e bësse gär hunn, wëssen, datt d'Lokomotiven an eiser Vergaangenheet trotzdeem eng grouss Plaz haten. A se sinn och schéin unzekucken. Se hunn net nëmmen e sentimentale Wäert, mee och e reelle Wäert. Warscheinlech souguer e Sammlerwäert.

An datt mer dee Wee ginn, dat kann een nëmmen ënnerstëtzen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

Den Här Zwally huet d'Wuert.

M. André Zwally (CSV), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech si frou, Här Faltz, dass Der déi Fro elo gestallt hutt. Mir hunn eis och scho méi laang domadder ofginn, well mer am Ufank geduecht hunn, vu wou kommen iwwerhaapt déi Lokomotiven an deen Humpen. An do hu mer da festgestallt, dass se allen dräi vun Diddeleng géife kommen.

Dat ass schonn eppes, wat mer am Häerz wéigedoen huet, well ech geduecht hunn, mir haten dräi Schmelzen hei. A wat hu mir elo missen an de Grapp huelen, fir ze restauréieren. Dat sinn eigentlech dräi Lokomotiven, déi deemools op der ARBED gefuer sinn an déi si vun Diddeleng erofkomm.

Mir hu se elo restauréiert a mir hunn eis och domadder auserneegesat, wat dann elo soll, historesch gesinn, wou mer se solle placéieren a wat och sënn- a fir eis wäertvoll wäert sinn.

Bon, déi eng hu mer elo mol heihinner gestallt, wou se virdru stoung. Dat war e Kompromëss, dee mer gemaach haten, fir an déi dote Richtung ze goen. A mir hunn awer och ofgemaach mat der Firma IKO, déi amgaangen ass, d'Lentille Terres Rouges komplett nei ze bebauen, wa si elo Plaz hunn, da wäert déi Lokomotiv op Terres Rouges kommen.

An do si mer um Wee, fir ze kucken, op wat fir engem Strang vu Gleis se gefuer ass an ob et iwwerhaapt méiglech ass, fir kënnen an esou eng Logik eranzegoen. Dat wäert méiglech

sinn. Also déi doten ass op jidde Fall assuréiert an deem Sënn, dass mer wäerten historesch op de Site vun der Lentille Terres Rouges setzen.

Bei der zweeter Koppel, dat heescht déi elekescht plus den Humpen, do hate mer eis kënne virstellen, dass déi zum Beispill op de Belval komm wier. Vu dass mir awer net Proprietär do sinn, ass et fir eis ganz schwéier, fir eigentlech eng Prise drop ze kréien an ze soen, okee, mir huele se elo.

Mir hätte se jo op d'Place de l'Académie setzen, mee do ass se dann eigentlech net gefuer. Se ass ëmmer bei den Uewe gefuer, a wann een do dem Gleis nogeet, bis wouhinner dass se gaangen ass, dann hätt se theoreetesch bei d'Uni kommen, bei d'Maison du Savoir. An do ass et fir eis net méiglech, fir dat einfach sou kënnen anzeleeden.

Par contre hu mer awer och an deem Kontext mat dem Lallenger Interesseveräi geschwat. Och mat de Lallenger Leit. An déi hu sech dofir agesat, fir dass se erëm soll zeréckkommen.

An dat war fir eis och maassgeebend, fir ze soen, okee, mir setze se net iergendwou, do wou se historesch gefuer ass, mee da kréie si hir zeréck. Mee si kréie se net eleng zeréck, mee si kréien dann zousätzlech nach en Humpen dobäi. An dann ass déi Koppel fixéiert.

An ech mengen, wann een iergendwou eng Kéier am spéiden Zäitpunkt wëll eppes Aneres maachen a wa mer Fräiheete kréien, fir se aneschters kënnen ze deplacéieren, wou déi historesch eigentlech gefuer sinn – och um Crassier vun Éilereng –, da kann een dat eng Kéier envisagéieren.

Mee à ce stade, wéi gesot, mir hunn eis ëmmer Gedanken doriwwer gemaach, wéi mer dat historesch richteg kënne maachen. An ech mengen, dat ass e bëssen d'Erklärung.

Ech hat déi Erklärung schonn eng Kéier ginn. Dat war 2020, do waart Dir nach net dobäi. Mee sief, da wësst Dir op jidde Fall elo, dass mer eis do Gedanke gemaach haten. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Zwally. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

7. Questions de personnel

7.A.1. Création d'un poste de fonctionnaire dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, auprès du service du personnel; décision

7.A.2. Création d'un poste de chargé de communication dans le statut de l'employé communal dans le groupe d'indemnité A2, sous-groupe administratif, auprès du Département Communication; décision

7.A.3. Création d'un poste d'employé administratif dans le statut de l'employé communal dans le groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif, auprès de la Bibliothèque; décision

7.A.4. Création d'un poste d'agent d'accueil téléphonique dans le statut de l'employé communal dans le groupe d'indemnité C1, sous-groupe administratif, auprès de l'Accueil téléphonique; décision

7.A.5. Création d'un poste de Responsable Support Intervention Logement au sein du service Logement dans le statut du salarié et dans la carrière H3 Bis; décision

7.A.6. Création d'un poste d'agent polyvalent au sein du service Gestion événementielle dans le statut du salarié et dans la carrière A3; décision

7.A.7. Création d'un poste d'agent polyvalent au sein du Déierepark dans le statut du salarié et dans la carrière A3; décision

7.A.8. Création de cinq postes d'agents polyvalents au sein du service Espaces Verts dans le statut du salarié et dans la carrière A3; décision

7.B.1. Décision de classement de Madame L.W., agent engagé dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du service Gestion événementielle; décision

7.B.2. Décision de classement de Mme A.A., enseignante dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire; décision

7.C. Prolongation de stage Monsieur J.B. , fonctionnaire A1 scientifique et technique, Division du Développement Urbain; décision

7.D.1. Réduction du stage de Monsieur D.G., fonctionnaire dans le groupe de traitement B1, sous-groupe technique; décision

7.D.2. Réduction du stage de Monsieur T.G., fonctionnaire dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif; décision

7.D.3. Réduction du stage de Monsieur P.P., fonctionnaire dans le groupe de traitement C1, sous-groupe administratif; décision

7.E. Allocation d'une prime de responsabilité à un agent occupé auprès des structures socio-éducatives de la Ville; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den Här Zwally behält d'Wuert fir d'Personalfroen.

M. André Zwally (CSV), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech maachen et dann, wéi ech et allkéiers maachen. Ech fänken dann u mat de Creation- a Suppression-de-posten. An der Structure Organisation am Service du personnel gëtt eng Creation de poste gefrot als Fonctionnaire am Kader vun engem Redakter.

Dann hu mer am Departement Communications, déi gefrot hunn, fir hir Ekipp kënnen ze verstäerken. An do ass dann och d'Zouso komm, fir kënnen eng Creation de poste ze maachen um Niveau vun engem Employé communal am Grupp A2.

An der Bibliothéik maache mer eng Creation de poste vun engem Employé communal och an der Redakteschkarriär. A gläichzäiteg wäerte mer, wann deejéinegen an d'Pensioun ass, ausgangs des Joers wäert deen an d'Pensioun goen, dann eng Suppressioun maache vum Poste vun engem Fonctionnaire.

Dann am Biergeramt am Accueil téléphonique maache mer och eng Creation de poste vun engem Employeur communal a gläichzäiteg awer och eng Suppressioun vun engem Salarié am Grupp C2. Do ass eng Madamm amgaangen, hir Examen ze maachen, fir Redakter kënnen ze ginn. An déi ass elo gläich fäerdeg, sou dass mer do kënnen e Wiessel maachen an och déi Plaz dann eng Kéier nei kënne besetzen.

An der Coordination sociale am Service Logement – dat ass déi Diskussioun, déi mer haten opgrond vun der Reorganisatioun – maache mer eng Creation de poste vun engem Salarié fir Chef d'équipe. Dat ass déi Diskussioun iwwer SIL.

Dann hu mer am Departement vun den Affaires économiques et gestion événementiel, do maache mer eng Creation de poste vun engem Salarié als Agent polyvalent.

Bei den Travaux municipaux am Déierepark maache mer eng Kreatioun an der Karriär vun engem Salarié vun engem Agent polyvalent. Dir musst wëssen, dass mer d'lescht Joer eng Persoun haten, déi e klengen Handicap hat. An déi huet sech awer gutt ageschafft an huet gefrot, ob mer se net kënnen halen.

Mir hunn do mat dem Chef de service geschwat. Déi huet kee Problem, fir déi Persoun ze accompagnéieren an och ze begleeden. An dofir maache mer dann och dëse Posten, fir déi Persoun da kënne bei eis fest anzestellen.

Am Travaux municipaux Espaces verts wësst Der, wéi ech schonn eng Kéier gesot hunn, dass mer op de Wee ginn, fir eis OTIen eranzehuelen. Dat sinn déi, déi beschäftegt sinn. Fënnef Chômeuren, déi à long durée bei eis beschäftegt sinn an déi méi wéi 50 Joer hunn.

Do sinn et da fënnef Stéck, déi mer wäerten eranhuelen. Da si mer beim Chiffer op 46 Stéck. Dat ass e bëssen aussergewéinlech bei eis am Land. Mee ech wollt dat nach eng Kéier mentionéieren.

Dann hu mer eng Decision de classement, déi Dir virleien hutt. Dat ass am Departement vun den Affaires économiques a Conservation de musiques.

An da komme mer bei d'Prolongation-de-stagen. Déi och gefrot ginn ass vun engem A1 am Service Architectes. Reduction-de-stagen, déi Der do leien hutt, dat sinn dräi Stéck.

Ech wëll just drop hiweisen, dass déi drëtt, déi am RSA ass, also déi drëtt bei lech, déi Der dann drop stoen hutt, dass dat net zwielef Méint sinn, mee dat sinn nëmmen néng Méint. Do ass nach eng Kéier nogekuckt ginn an do ass da festgestallt ginn, dass nach en Deel vun de Pabeieren awer géif feelen.

Also géif ech dann drëm bieden, deen éischten huet zwielef Méint, deen zweeten huet dräi Méint, wou en eng Reduktioun ka kréien. An dat anert sinn néng Méint.

An zum Schluss hätte mer dann nach d'Prime de responsabilité, déi mer hei misste stëmmen am Secteur vum SAS-Kollektivvertrag. Voilà, merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Sou, dat war elo alles beieneen. Ech kucken, ginn et Wuertmeldungen. Dat ass net de Fall. Da kënne mer och alles matenee stëmmen.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

8. Office social; création de 2 postes 50% salarié à tâche intellectuelle A2 ARIS; avis

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei d'Transactions immobilières. Dat sinn zwee Akte fir Appartementer … den Office social. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir hunn am Office social just zwee Posten, déi mer sollen aviséieren. Zwou Creation-de-posten, fir allkéiers 20 Stonnen d'Woch. An dat am Groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psychological.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

9. Transactions immobilières

9.1. Acte de vente relatif à un appartement sis 52, rue Guillaume Capus (lot 6N); décision

9.2. Acte de vente relatif à un appartement sis 56, rue Guillaume Capus (lot 6N); décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei d'Transaktiounen. Dat sinn zwee Appartementer, déi mer géinge verkafen an der Residence Mont Blanc. Déi zwee Akten hat Der am Dossier leien.

Et ass eng Kéier en Appartement mat enger Parkplaz an eng Kéier ouni Parkplaz. Et ass am Bail emphytéotique.

Ginn et Froen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

10. Devis et crédits spéciaux

10.1. Nonnewisen – Lot 7N – construction; devis complémentaire; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei d'Devisen.

Bon, déi stëmme mer net all zesummen an ech presentéieren déi och no an no, well se awer ganz ënnerschiddlech Beräicher betreffen.

Den éischten ass en Devis complementaire, wou et einfach ëm zousätzlech Käschte geet, déi ufalen, wa mer am Lot 7N elo wäerten d'Buedzëmmeren an d'Kichen a sechs Haiser abauen. Dat ass en Devis iwwer 403.000 €. Am Budget sti schonn 250.000 €.

Ginn et Wuertmeldungen dozou? Dat ass net de Fall. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

10.2. Ecole Brill – réfection de la cour; devis; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei en Devis vun, mengen ech, engem ganz schéine Projet, wou ville Leit heibanne bestëmmt um Häerz läit, well se, sou wéi ech an anerer hei, och selwer Schüler an der Brill-Schoul waren a well dee Schoulhaff soll schéin erneiert ginn.

Mir sinn e bëssen am Timing hannendran, dowéinst weise mer elo haut d'Biller leider net, mee Dir hat se alleguerten am Dossier leien. Den Devis beleeft sech op Aarbechten iwwer 1,5 Milliounen Euro. 250.000 € sinn am Budget 2025 ageschriwwen, déi aner fir déi nächst Budgeten.

Ginn et Froen heizou? Den Här Bermes an dann den Här Avdic

M. Pascal Bermes (CSV)

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Also ech war hei an der Schoulkommissioun a wéi ech dee Projet gesinn hunn, war ech wierklech begeeschtert. En ass schéin, en ass och ubruecht. Et läit mer um Häerz, well grad an der Brill-Schoul – ech war selwer net do, awer eng Persoun, déi mer ganz vill um Häerz läit war do.

An dofir kann ech nëmme felicitéiere fir dëse Projet. Och wann e vläicht e bësse méi deier ass wéi am Budget steet. Ech fannen, hei ass et einfach derwäert, am Brill-Quartier, fir d'Brill-Kanner, do ze investéieren. E grousse Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Bermes.

Här Avdic.

M. Aldin Avdic (LSAP)

Här Buergermeeschter, merci fir d'Wuert.

Villmools merci och fir dëse Projet, deen d'ailleurs net nëmme fir d'Schülerinnen a Schüler, déi um Brill ageschoult sinn, wichteg ass, mee och fir all d'Kanner, déi an dësem Quartier wunnen.

De Schoulhaff spillt eng wichteg Roll am Alldag vun de Kanner. E bitt net nëmme Plaz fir Beweegung a Paus, mee ass och e wichtege soziale Léiergang. Hei knäppe Schülerinnen a Schüler Frëndschaften, léiere mateneen ëmzegoen a bauen emotional Spannungen of.

Duerch Spill a Beweegung stäerke si hir motoresch Fäegkeeten a verbesseren d'Konzentratioun fir den Unterrecht. E gutt gestalte Schoulhaff dréit zu engem positive Schoulklima bäi an ënnersträicht déi emotional a sozial Entwécklung vun de Schülerinnen a Schüler.

De Schoulhaff soll een net nëmme wéi eng Pausenzon gesinn, mee als wichtege Bestanddeel vum Léier- a Liewensraum Schoul.

Ech ka mech nach ganz gutt drun erënneren, wéi mir 2004 op Esch geplënnert sinn, ass de Multisport am Haff eréischt gebaut ginn. Mir haten eis immens driwwer gefreet an et ass keng Paus vergaangen, an där net profitéiert ginn ass, fir drop ze spillen. Awer och no der Schoulzäit war den Haff vun der Brill-Schoul e richtege Lieu de rencontre fir Kanner a Jugendlecher. Net nëmmen aus

dem Quartier, mee och doriwwer eraus. An dat ass haut nach ëmmer esou.

De Brill ass ee vun den am dichtste besidelte Quartieren a ganz Esch, a leider hunn d'Kanner am Quartier selwer net vill Optiounen, fir a Rou ze spillen, ouni dass d'Eltere mussen ëm d'Sécherheet vun hire Kanner besuergt sinn.

An deem Kontext wéilt ech gär zu dësem Punkt e puer Wierder soen. Mir begréissen hei an dësem Projet ganz besonnesch d'Aart a Weis, wéi virgaange ginn ass. D'Abannen un der Planung vun de Schülerinnen a Schüler wéi och déi vum Léierpersonal, mee dann awer och d'Berücksichtegung vun hire Wënsch an den Indicateur, wéi eng Schoulplanung eigentlech misst ëmmer oflafen.

Als Resultat hu mir eng Schoulcommunautéit, déi frou ass, fir dat ze kréien, wat se och brauch a pedagogesch eng Plus-value ass. Wat mir awer hei bedaueren, ass d'Zäitschinn vum Ufank vun der Planung bis zum Ofschloss vun den Aarbechten. Den Ufank ass geplangt fir dat éischt Trimester 2026 an den Ofschloss fir dat drëtt Trimester 2027.

Mat enger Gesamtdauer vu bal zwee Joer wäerte vill Schülerinnen a Schüler, déi hire Bäitrag dozou geleescht hunn, leider net méi am Brill scolariséiert sinn, wann alles bis fäerdeg gebaut ass.

Un dëser Stell wéilt ech och gär eng weider Remark an deem Kontext maachen. Doduerch dass ronderëm de Schoulcampus an de leschte Jore permanent Chantiere waren, hu vill Schülerinnen a Schüler kee Fondamental ouni Chantier kannt.

Mir géifen et dowéinst begréissen, wa wärend den Aarbechten e reegelméissege Suivi géif garantéiert ginn, fir e reibungslose Verlaf ze garantéieren, ouni dass d'Aarbechten ouni Grond an d'Längt gezu ginn.

Stéchwuert Chantier: Nom Chantier ass virum Chantier. Et geet net duer, fir eng ganz flott Spillplaz dohinner ze stellen, mee et muss och duerno reegelméisseg den Entretien dovunner gemaach ginn. Leider si mir ganz och oft selwer Zeie vu futtissem Material, dat wärend Wochen a Méint net reparéiert oder ersat gëtt. Net nëmmen, dass et dee Moment onbrauchbar ass, mee et stellt och ganz oft eng Verletzungsgefor fir d'Kanner duer.

Ech war selwer ganz rezent op der Plaz, fir mir e Bild dovunner ze maachen, an et si mir e puer Geforestellen am Schoulhaff opgefall. Notamment Lächer am Buedem, déi riskéieren, mat der Zäit ëmmer méi grouss ze ginn. Mir géifen et an deem Kontext wichteg fannen, wa gläichzäiteg dann och Reparatiounen dorunner géife gemaach ginn.

Voilà, mir wäre frou, wann eis Remarke géife berücksichtegt ginn, a wäerten dëse Projet, dee ganz am Sënn vum Schoulcommunautéit a vun de Kanner, déi am Quartier wunnen, haut natierlech matstëmmen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Avdic.

D'Madamm Ragni an duerno den Här Schmit.

Mme Mandy Ragni (déi gréng)

Merci, Här Buergermeeschter.

Et gi Plazen, déi een net sou séier vergësst. Fir mech ass de Brill-Schoulhaff sou eng Plaz. Do hunn ech als Kand meng éischt Schrëtt an d'Bildung gemaach, Frëndschafte geschloss a geléiert, wat et heescht, zesummen ze wuessen.

Haut hu mir d'Geleegenheet, dës Plaz nei ze gestalten an un d'Besoine vun haut unzepassen. Mat enger Investitioun vun 1,5 Milliounen Euro gëtt net nëmmen d'Infrastruktur moderniséiert, mee eng Léier- a Liewensplaz geschafe fir d'Kanner vun haut, déi déi selwecht schéi Momenter erméiglecht, wéi ech se deemools erlieft hunn.

Dëse Projet ass am Kader vun eiser Bildungslandschaft entwéckelt ginn a gouf zesumme mam Léierpersonal an de Kanner ausgeschafft. Et ass wichteg, dass jidderee sech an dësem Raum erëmfënnt a wuel fillt.

Ech freeë mech besonnesch fir d'Kanner aus dësem Quartier. Si kréien eng Plaz, wou si spille kënnen, léiere wuessen, eng Plaz, déi net nëmme funktionell ass, mee och vill Häerz dragestach ginn ass.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Ragni.

Den Här Schmit an duerno d'Madamm Scholl.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci villmools, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Jo, d'Brill-Schoul. Dir sidd, wéi Dir gesot hutt, jo och do an d'Schoul gaangen. Ech selwer och, viru laanger, laanger Zäit. An natierlech muss ee vun Zäit zu Zäit dann eng Refektioun maachen an d'Saache moderniséieren an à jour setzen.

Wat ech just wollt bemierken, et ass gesot ginn, et ass awer schonn hei am Devis méi deier, also wéi et virgesi war am Budget. Wat leider relativ ganz oft, wéi wann net ëmmer de Fall ass.

Bon, dat ass, solle mer soen, vläicht e klengen negativen Aspekt. Nichtsdestotrotz muss dat hei gemaach ginn. An de Brill, de Quartier Brill, d'Brill-Schoul, dat ass iergendwéi d'Häerz vun Esch. An do musse mer eeben dann och Geld an d'Hand huelen, fir dat Néidegt ze maachen. Wat ee jo och ka verstoen.

Ech begréissen de Projet am Generellen. Ech sinn och frou, datt, wéi gesot, mat de Leit dat alles zesummen ausgeschafft ginn ass, an net nëmme vun uewen erof decidéiert ginn ass. An dann hoffe mer, datt dat Ganzt dann och sou schéin ausgesäit, wéi et hei op de Fotoen duergestallt ginn ass. A mir hoffen och, datt et dann net awer nach Méikäschte ginn, wéi bal ëmmer. Bon, hoffe kann ee jo ëmmer.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

D'Madamm Scholl an dann den Här Baum.

Mme Daliah Scholl (DP)

Dir Léif alleguerten, mir stëmmen där Renovatioun natierlech zu 100 % zou.

Ech mengen, e Schoulhaff ass déi wichteg Plaz fir all d'Schoulkanner. Ech mengen, alleguerten, déi d'Bänk gedréckt hunn, mir hunn ëmmer nëmme gewaart, bis d'Schell lassgaangen ass, fir konnten an de Schoulhaff spillen ze goen a raiberen ze goen.

An ech mengen, dass mat dëser Renovatioun mir och effektiv mat dem Zäitgeescht matginn, wat extreem wichteg ass. An de 70er-Joren, wéi ech an der Spillschoul war, do gouf et effektiv nach e Gebai an der Mëtt vun deem Schoulhaff, wat dunn ofgerappt gouf, wéi dat neit Gebai do opgaangen ass.

Et gouf och nach eng pickeg Clôture ronderëm, wann déi Kanner, déi gewot hunn, erauszelafen, déi goufen dann opgespiisst. Dat ass jo dann och tempi passati.

Also mir stëmmen där Renovatioun zu 100 % zou. Wéi gesot, e Schoulhaff ass dat wichtegst fir eis Schoulkanner. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, et ass virdrun och scho gesot ginn. De Prozess, wéi et dozou komm ass, ass, mengen ech, virbildlech. An dat sollt eis, mengen ech inspiréieren, fir op där doter Manéier aner Projeten ze entwéckelen.

Wat ech virun allem immens wäertvoll fannen, ass, datt mer an der Vergaangenheet ganz dacks Diskussiounen haten, wou et och ëm beträchtlech Montante gaangen ass, wou et ëm d'Brill-Plaz selwer gaangen ass. Wou mer do hin- an hierdiskutéiert hunn, a wéi eng Richtung et da soll goen.

Hei ass eppes virun allem ganz kloer: Et ass e Projet, deen e Gebrauchswäert huet fir d'Kanner aus deem Quartier. An dat ass absolutt wichteg a fënnt och eis honnertprozenteg Zoustëmmung.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

D'Madamm Agovic wëll och nach dozou schwätzen.

Mme Enesa Agovic (LSAP)

Jo, merci.

Ech hale mech wierklech ganz kuerz. Mee ech wollt just nach och positiv ervirhiewen, dass mer et wierklech och gutt fannen, dass d'Gemengeressourcen och genotzt goufen hei. An ech schwätzen net vum Material, mee ech schwätze vun de Fachleit.

Dass elo net op eemol e grousse Büro hei eppes presentéiert, mee dass et wierklech eis Aarbechter sinn, déi doru geschafft hunn. Dofir och e ganz grousse Luef. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Villmools merci, Madamm Agovic.

Den Här Sehovic huet d'Wuert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter. Merci lech alleguerte fir déi breet Ënnerstëtzung.

E puer Saache ganz kuerz erkläert. Méikäschten, déi hei enstoe wäerten, hunn zwee Grënn. Dat eent ass, dass mer eigentlech gerechent hate mat engem Subsid vum Staat vun enger hallwer Millioun, deen net wäert accordéiert ginn. Dat heescht, do soe mir als Schäfferot, mir géingen déi hallef Millioun da gär aus dem Escher Budget contribuéieren.

An dat anert ass, dass de Projet vum Startpunkt eigentlech evoluéiert huet a mir méi maache wëllen. An dat erkläert den zweeten Deel vun de Méikäschten.

Wat d'Delaien ugeet, zwou Erklärungen. Dat eent ass, dass mer de Choix geholl hunn, wierklech nach en Tour ze dréien, participativ.

Och no de Bildungslandschaften ass den Architekt hei vum Service Architectes zesummen och mat de Leit aus dem Service Jeunesse an aus der Coordination sociale nach eng Kéier an d'Schoul gaangen. All d'Klasse sinn domadder befaasst ginn an d'Kanner konnten eis soen, wat si sech wënschen.

Dat kascht e bëssen Zäit, d'Participatioun. Da ginn d'Delaien e bësse méi laang. Mee sinn eis awer sécher, dass dat hei eng Plus-value war. Dat ass deen ee Volet vun den Delaien.

An den zweete Volet huet einfach domadder ze dinn, dass mer eebe wëlle bei deem Chantier, deen eng gewëss Envergure wäert hunn, absolutt, sou gutt et geet verhënneren, dass et en negativen Impakt op d'Schoul halen huet.

An dowéinst dauert de Chantier sou laang, well mer e prioritairement wat déi schwéier Aarbechten ugeet, wëllen esou timen, dass en an de Schoulvakanze ka stattfannen, fir wierklech den Impakt op d'Schoul halen ze minimiséieren. An dowéinst hu mer eis e Phasage ginn, deen eeben tatsächlech iwwer annerhallef, zwee Joer geet, fir dat kënnen ze bewerkstellegen.

Wat den Zoustand vun de Spillplazen ugeet generell, wëll ech drop hiweisen, dass mer dat am Bléck behalen. All eis Spillplaze si priméiert mam Label „Sécher Spillplaz". Mir hunn eng Ekipp vu Schräineren hei bei eis am Haus, also an der Administratioun, déi sech eeben dorëms këmmeren, do wou mer mierken oder mer opmierksam gemaach ginn, dass e Problem ass. Gitt eis déi Saachen eran, dass mer effektiv d'Ekipp do kënne schécken, fir do Reparatiounen ze maachen. Dat ass eis och wichteg.

Merci fir d'Ënnerstëtzung.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

10.3. Chemin rural Dieswee-Hiehl – piste cyclable – aménagement; devis; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Vum Schoulhaff geet et op de Vëloswee. An zwar de Vëloswee tëscht dem Dieswee an dem Ellergronn. Dee gëtt realiséiert. Heifir ass en Devis vu 500.000 €, sou wéi am Budget virgesinn, ze stëmmen.

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Den Här Faltz huet d'Wuert.

M. Steve Faltz (LSAP)

Natierlech, wat feelt? E Plang, en Tracet. Ech mengen, dat géif vill Leit interesséieren, wéi no dass ee vun der Hiehl nämlech um Dieswee wier. Fir d'nächst Kéier: Gitt eis e Plang.

Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den Här Sehovic hält sech dat zu Häerz. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

10.4.1. Ancien matériel ferroviaire sidérurgique; devis supplémentaire; décision

10.4.2. Matériel Ferroviaire; crédit spécial extraordinaire; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dann hu mer en Devis complementaire an och de passende Crédit spécial, déi mer stëmmen. An zwar iwwer zousätzlech bal 360.000 €, wou et eeben ëm d'Renovatioun vun eise Siderurgie-Lokomotive geet, iwwer déi mer elo grad geschwat hunn.

Wien den Devis liest, kéint vläicht erféieren, well ganz am Ufank e méi niddrege Montant ageschriwwe war. Mee ech mengen, wéi dat fir d'éischt am Budget ageschriwwe gouf, do hu mer nach deemools vun enger Lokomotiv geschwat. Mëttlerweil si mer scho beim drëtten oder véierten Objet, dee renovéiert gëtt iwwer déi dote Budgetslinn.

Dowéinst sinn einfach ëmmer zousätzlech Devisë gestëmmt ginn. En sachant dass et Diddelenger Lokomotive sinn, ass et och kloer, dass ee méi investéiere muss, fir se schéin ze kréien.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dat war jo da fir de Crédit spécial mat. Dovunner ginn ech aus a war jo och sou betount ginn.

10.5. Jardin de circulation Plateau Barbourg – aménagement ; devis complémentaire; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den nächsten Devis ass iwwer de Verkéiersgaart.

Do gëtt et 500.000 € nozestëmmen, fir schlussendlech do nach e Raum ze bauen, wou sech d'Kanner eeben och bei schlechtem Wieder ënnerstellen. Wou och kann, wann do Coursë grad gemaach gi mat der Schouljoffer oder mat der Police heiansdo, fir einfach do kënnen och ze notzen als en oppene Raum. An natierlech fir de Stockage.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

10.6. Place de l'Académie – éclairage public – renouvellement; devis complémentaire; décision

10.7. Extension Bd G.D. Charlotte (Paix-Luxembourg); devis complémentaire; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An da komme mer bei zwee komplementär Devisen, déi mer awer zesummen, mengen ech, kënne stëmmen.

Dat eent ass en zousätzlechen Devis iwwer 60.000 € fir d'Installatioun vun der Beliichtung op der Place de l'Académie. Dat well d'Stad Esch hei fir verschidden Aarbechten och op eng extern Firma zeréckgräift, amplaz dat selwer ze maachen. Fir awer dann do virunzekommen.

An dann ofschléissend nach en zousätzlechen Devis iwwer 610.000 € fir den Ofschloss vum Stroossechantier um Boulevard Grande-Duchesse Charlotte, tëscht de Kräizunge Luxembourg an der Avenue de la Paix.

Et ass dann eng Kéier 320.000 € fir d'Kanalisatioun an eng Kéier 290.000 € fir d'Voirie. Méi spezifesch hei fir en Trottoir.

Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↷ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

11. Autorisation d'ester en justice ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei eng Autorisation d'ester en justice, wou mer am Huis clos schonn eng Kéier méi genau de Fall beschriwwen hunn.

En gros ass et esou, dass et eeben Appartementer gouf, wou als insalubre deklaréiert goufen. Wou dee Moment dunn och d'Locatairen ëmlogéiert goufen. An da gesäit d'Gesetz vir, dass de Proprietär nach dräi Méint zoustänneg ass, fir dann awer och dat Ëmlogement ze finanzéieren. Dat Relogement ze bezuelen.

Wann deen dat net mécht, da strecke mir als Gemeng d'Sue vir. Dat hu mer an dësem Fall gemaach. Do geet et elo ëm iwwer 17.000 €, wou dat Relogement kascht huet. An de Proprietär refuséiert, eis déi Suen awer zeréckzeiwwerweisen.

Et ass d'selwecht fir d'Locatairen an d'Proprietären. Allebéid hu Rechter a Flichten. Hei estiméiere mir, dass de Proprietär senger Flicht net nokënnt a froen dann, fir dës Suen och kënnen iwwer de geriichtleche Wee andreiwen ze goen.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↷ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

12.1. Subside annuel à l'initiative Rëm Schaffen ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An da komme mer bei e järleche Subsid, dee mer ausbezuelen un d'Initiativ „Rëm Schaffen". Dee bezuele mer zënter 2018 aus.

Et ass keng Konventioun, mee e Subsid, well mer et eeben upassen all Joer un eis Awunnerzuel. 1 € pro Awunner. Dat mécht dann dës Kéier tatsächlech 37.922 € aus.

D'Initiativ „Rëm Schaffen" huet hir Büroen am Moment hei zu Esch op der Place des Remparts. Si wëll och weider hei zu Esch bleiwen.

Am Dossier, dee bäiloung, konnt Der noliesen, dass si eng 30 Clienten am Joer 2024 hei suivéiert hunn, fir eeben ze kucken an ze ënnerstëtzen, dass dës Leit erëm op den Aarbechtsmarché géinge kommen.

Mir ënnerstëtzen och aner Aarbechtsinitiativen. Deelweis iwwer Konventiounen. An dësem Fall geet et iwwer e Subsid.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↷ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

12.2. Subsides extraordinaires ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

De Punkt 12.2 hu mer vum Ordre du jour geholl.

13.1. Règlement de la circulation; modification du règlement de la circulation; emplacements destinés à la recharge des véhicules électriques; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei d'Verkéiersreglementer. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir hunn eng permanent Modifikatioun vum Verkéiersreglement an een temporäert Reglement, wou ech dem Gemengerot proposéieren, dat en bloc ze diskutéieren an ofzestëmmen.

Bei der permanenter Änderung geet et u sech ëm d'Ëmsetzung vun der Offensiv, déi mer lancéiert hunn a punkto Ausbau vun eiser Luedinfrastruktur fir d'Elektromobilitéit. Dowéinst musse mer eng Rei Parkplazen ëmreglementéieren.

Dat ass de Fall zu Lalleng, wou an der Rue de l'Aerodrome zwee Emplacementer, also eng Born installéiert gëtt, an an der Rue du Cinquantenaire zwee Emplacementer. An och hei am Zentrum, um Parking St. Joseph, wou mer vun zwou Plazen op aacht Parkplaze mat Elektroborn wäerten eropgoen.

Um Programm stinn à court terme 97 zousätzlech Bornen, dovunner 18 an den zwee Parkhaiser an 79 op der Voie publique.

An da beim temporäre Reglement geet et ëm e Chantier um Boulevard Hubert Clément, wou den Uschloss vun der Gasleitung muss gemaach ginn an dowéinst eeben e Chantier noutwendeg ass.

Ech bieden ëm Ënnerstëtzung.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Sehovic.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Dat ass net de Fall. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↷ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ⊟ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**

13.2. Confirmation des règlements temporaires de circulation ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Här Schmit, Är Abstention fir déi zwee. Ass dat richteg?

M. Bernard Schmit (ADR)

Nee, d'Abstention ass just fir d'Bornen am Fong geholl.

Also d'Erklärung dovunner ass, datt ech d'Gefill hunn, datt et vläicht e bëssen ze grouss geduecht ass an der Unzuel. An dofir just d'Abstention, fir dat am Fong geholl domadder ze signifiquéieren.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Villmools merci, Här Schmit.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↷ (Christian Weis)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↷ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**

14. Commissions consultatives ; modifications ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An da komme mer bei d'Kommissiounen.

Do hutt Der e ganze Package hei kritt, wou d'Demokratesch Partei Memberen an de Kommissiounen ersetzt. Ech wäert déi elo net all opzielen. Dir konnt se noliesen. Mir kënnen ofstëmmen.

[Vott, 17 Mol Jo]

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dat doten ass unanime Jo gestëmmt.

Da soen ech lech Merci fir dës Sëtzung. Mir gesinn eis fir d'nächst erëm hei an dëser Ronn, mengen ech, den 20. Juni. Bis dohinner wënschen ech lech nach e ganz schéine Weekend an e schéinen Dag.

CONSEIL COMMUNAL

Christian Weis
CSV

Pierre-Marc Knaff
DP

André Zwally
CSV

Meris Sehovic
déi gréng

Bruno Cavaleiro
CSV

Aldin Avdic
LSAP

Mandy Ragni
déi gréng

Daliah Scholl
DP

Ben Funck
LSAP

Steve Faltz
LSAP

Liz Braz
LSAP

Enesa Agovic
LSAP

Sacha Pulli
LSAP

Pascal Bermes
CSV

Joy Weyrich
CSV

Marc Baum
déi Lénk

Bernard Schmit
ADR

Tammy Anna Broers
déi gréng

Dejvid Ramdedovic
CSV